




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 13.07.2018



Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
Photos: Ville de Dudelange, André Weisgerber, Roberto Santoprete
Impression: Imprimerie Mechtel
N°6/2018 - Parution: octobre 2018



01-17-375394
myclimate.org





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 13 JUILLET 2018

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	04
1. CORRESPONDANCE	07
2. CIRCULATION	08
2.1. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de raccordement au réseau d'assainissement dans la rue Stade Jos Nosbaum	
2.2. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de raccordement au réseau d'assainissement dans la rue Stade Jos Nosbaum – 2e phase	
2.3. approbation du règlement général de la circulation	
3. FINANCES COMMUNALES	15
3.1. modification du chapitre XXX: Stationnement résidentiel – du règlement-taxes général modifié du 26 novembre 2001	
3.2. approbation de l'acte de cession gratuite conclu avec Monsieur Roger Pierre Diederich	
3.3. approbation de l'acte de vente conclu avec les époux Fonseca-Dos Santos Fonseca	
3.4. approbation de l'acte de vente conclu avec Madame Mélanie Majerus	
3.5. approbation du devis estimatif relatif à l'aménagement d'un terrain de football et des alentours de l'école au quartier Gaffelt	
3.6. approbation du devis estimatif relatif aux travaux de rénovation et de transformation de la maison sise 37-39, rue du Commerce, en logements sociaux	
3.7. approbation d'un crédit spécial pour les prestations de mise en conformité par rapport aux dispositions du règlement (UE) relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données	
3.8. arrêt provisoire du compte administratif de l'exercice 2016	
3.9. arrêt provisoire du compte de gestion de l'exercice 2016	
3.10. allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections législatives du 14 octobre 2018	
3.11. approbation de décomptes	
3.12. subsides ordinaires à allouer aux clubs et associations	
3.13. subsides extraordinaires à allouer	
4. ADHÉSION À LA CONVENTION DES MAIRES POUR LE CLIMAT ET L'ENERGIE	36
5. ENSEIGNEMENT MUSICAL	39
5.1. approbation de l'organisation scolaire provisoire de l'école régionale de musique pour l'année scolaire 2018-2019	
5.2. approbation des modifications à apporter au règlement portant sur l'organisation et la gestion de l'école régionale de musique	
6. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER À LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES	41
7. AUTORISATION À CONFÉRER AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS POUR AGIR EN JUSTICE DANS UNE AFFAIRE DE RÉGLEMENTATION URBANISTIQUE	41
8. PERSONNEL – CRÉATION D'UN POSTE DE FONCTIONNAIRE COMMUNAL, À TÂCHE COMPLÈTE, RELEVANT DE CATÉGORIE DE TRAITEMENT A, GROUPE DE TRAITEMENT A2, SOUS-GROUPE SCIENTIFIQUE ET TECHNIQUE (INGÉNIEUR-TECHNICIEN) POUR LE SERVICE DE LA CIRCULATION	43
9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	44
10. PERSONNEL [Séance à huis clos]	



RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DU 13 JUILLET 2018

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries (sauf pour le point n°4 de l'ordre du jour) et Claudia Dall'Agnol (sauf pour le point n°3.8 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich (sauf pour les points n°3.1 et 3.2. de l'ordre du jour), Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang (sauf pour les points n°7 et 8 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. **Absent:** néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Le conseil communal accepte toutes les pièces et questions supplémentaires lui transmises au courant de la dernière semaine pour les ajouter à l'ordre du jour de la séance.

Monsieur René Manderscheid, échevin, informe les conseillers communaux que les représentants de la Ville ont assisté à une réunion avec l'Administration de la nature et des forêts au sujet de la problématique de la chenille processionnaire du chêne. En collaboration avec le Ministère de la Santé, il sera procédé à l'établissement d'un plan d'action pour éviter qu'une situation similaire ne se reproduise pour les années à venir.

Monsieur le bourgmestre, dans le cadre de l'actualité politique nationale, plus précisément comme suite à l'adoption par la chambre des députés, en date du 12 juillet 2018, du projet de financement du futur Südspidol, qui sera construit d'ici 2023, à Esch-sur-Alzette, porte à la connaissance des conseillers communaux que les responsables du CHEM confirment la continuation de la médecine de proximité de la polyclinique à Dudelange. Le collège des bourgmestre et échevins a aussi entamé des pourparlers avec l'Association Luxembourggeoise Alzheimer en vue éventuellement d'implanter un nouveau centre de séjour et de soins pour personnes souffrant de démence à Dudelange, dans les infrastructures de l'hôpital, pour offrir aux personnes atteintes un environnement de vie adapté à leurs besoins, environnement au sein duquel elles peuvent s'épanouir le mieux possible. Il s'agirait en l'espèce d'une structure régionale pour la région SUD, sachant qu'actuellement la demande émanant de cette région est en constante augmentation. Actuellement, l'ALA et le CHEM exploitent conjointement des infrastructures existantes de l'hôpital de la Ville, plus précisément le foyer de Jour «Villa Reebou» (ALA) et le service de gériatrie aiguë (CHEM). L'aménagement d'une maison de séjour et de soins pour patients souffrant de démence s'inscrirait dès lors dans une certaine continuité par rapport aux infrastructures existantes actuelles.

Ensuite le conseil procède à la liquidation de l'ordre du jour de la réunion. L'adoption de réglementations de la circulation figure au 2e point de l'ordre du jour. Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes: approuve deux

règlements temporaires de la circulation à l'occasion du chantier de raccordement des infrastructures dans la rue du stade Jos Nosbaum (1re et 2e phase); approuve le nouveau règlement général de la circulation de la Ville. Ce nouveau règlement général de la circulation permet d'homogénéiser la réglementation sur toutes les voies publiques de la commune. Par ce même règlement et à côté de précisions apportées au principe du stationnement résidentiel, sont introduites plusieurs nouvelles vignettes pour stationnement, notamment une vignette de stationnement professionnel, une vignette d'accès à la ou aux zones piétonnes et une vignette de stationnement nocturne «camionnette».

Le point numéro 3 de l'ordre du jour a trait aux finances communales. Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes respectifs:

3.1. approuve la modification à apporter au chapitre XXX: Stationnement résidentiel – du règlement-taxes général modifié du 26 novembre 2001. Les nouvelles dispositions s'appliquent à la délivrance des vignettes de stationnement comme suit: vignette de stationnement résidentiel 18€ pour la 1re vignette par ménage; vignette de stationnement résidentiel 36€ pour la 2e vignette par ménage; vignette provisoire ne dépassant pas la durée de 3 mois 18€; vignette visiteur ne dépassant pas la durée de 1 mois 18€ pour la 1re vignette; vignette visiteur ne dépassant pas la durée de 1 mois 36,- € pour la 2e vignette; vignette du stationnement professionnel 30€ pour 14 jours 50€ pour 1 mois, 125€ pour 3 mois, 200€ pour 6 mois, 350€ pour 12 mois; vignette de stationnement nocturne «camionnette» 18€ par ménage pour l'utilisation à des fins privées, 175€ pour 12 mois pour l'utilisation à des fins professionnelles

3.2. approuve l'acte de cession aux termes duquel Monsieur Roger Pierre Diederich cède gratuitement à l'administration communale de la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, sise à Dudelange, au lieu-dit «rue de la Chapelle», place voirie, contenant 1,17 ares;

3.3. approuve l'acte de vente aux termes duquel les époux Fonseca-Dos Santos Fonseca vendent à la Ville de Dudelange un garage et une partie indivise d'un chemin sis à Dudelange au lieu-dit «rue des Minières» pour un montant de 50'000€;

3.4. approuve l'acte de vente aux termes duquel Madame Mélanie Majerus vend à la Ville de Dudelange une parcelle de terrain sise à Dudelange au lieu-dit «rue du Chemin de Fer» pour un montant de 66'360€;



3.5. approuve le devis estimatif d'un montant de 110'000€ relatif à l'aménagement d'un terrain de football en gazon synthétique et des alentours de l'école au quartier Gaffelt.

3.6. Avec 13 voix pour et 6 abstentions, est avalisé le devis estimatif pour un montant de 1'710'000€ relatif aux travaux de rénovation et de transformation de la maison sise 37-39, rue du Commerce, en logements sociaux. Par ce projet, la substance bâtie existante de l'ancienne grange à laquelle est annexé un bâtiment résidentiel sera transformée en 2 logements sociaux et 10 chambres meublées.

3.7. Le conseil communal marque unanimement son accord à l'inscription d'un crédit spécial au budget communal 2018 pour les prestations de mise en conformité par rapport aux dispositions du règlement (UE) relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données et de doter l'article budgétaire d'un crédit de 40'000€.

3.8. Avec 11 voix contre 6 avec une abstention, est arrêté provisoirement le compte administratif de l'exercice 2016 et approuvée la prise de position du collège des bourgmestre et échevins au sujet du rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2016 de la Direction du Contrôle de la Comptabilité communale.

3.9. Le compte de gestion de l'exercice 2016 du receveur communal est avalisé avec les voix de tous les conseillers communaux.

3.10. Le conseil communal marque son accord unanime à l'attribution d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections législatives du 14 octobre 2018.

3.11. Les décomptes de travaux extraordinaires suivants sont ratifiés à l'unanimité: arrêts bus – installation de 2 bornes d'informations pour passagers (FIA) 51'808,53€; aires de jeux – installation d'un calisthenics et mise en conformité du «Senioren-Fitness» 53'026,16€; éclairage public – parking Centre Sportif R. Hartmann et rue Jean Simon 51'938,04€; rue Fleming – remplacement du transformateur 33'699,74€; école Baltzing – remplacement de la chaudière 9'998,59€; école Brill – mise en place d'un plafond acoustique dans toutes les salles du rez-de-chaussée 20'982,90€; école Brill – aménagement du sous-sol en salle informatique et dépôts 62'950,67€; école Strutzbiereg A – isolation de la dalle au rez-de-chaussée 25'879,81€; Hôtel de Ville – reaménagement du secrétariat technique 11'296,35€; acquisition d'un tracteur – service espaces verts 27'500,63€; acquisition d'une camionnette – service espaces verts 29'260,00€; acquisition d'une camionnette (double cabine) – service espaces verts 39'891,15€; acquisition d'une voiture de service – agents municipaux 14'990,00€; acquisition d'une voiture de service – service gaz & eau 14'959,99€; acquisition d'une voiture de service – service canalisation 14'959,99 €; acquisition d'une voiture de service –

service électrique 29'899,83€; acquisition d'une camionnette – service serrurerie et menuiserie 34'280,01€; réseau informatique communal – installation d'un système backup (core switch) 53'780,82€; participation aux frais de remise en état de la façade du home des «Gréng Scouten» 7'265,00€; tremblement de terre dans la région d'Ombrie (Italie) – participation à des projets de reconstruction 10'000,00€; mise en place d'un système «Call/SMS to Park – OP'n'GO» 14'042,29€. Le décompte relatif à l'aménagement d'un équipement ludique sur la place «Am Duerf» pour un montant 147'670,58€ est avalisé avec 18 voix et une abstention.

3.12. L'allocation de subsides ordinaires aux clubs et associations est approuvée avec 11 voix et 8 abstentions.

3.13. A l'unanimité, le conseil communal retient d'accorder les subsides extraordinaires aux associations suivantes: 100€ à l'a.s.b.l. «Île aux clowns» en tant que contribution financière pour subventionner ses diverses activités; 100€ à l'association «SOS Détresse - Mir hëllefen iwwer Telefon an online» en tant que support financier afin de concrétiser ses projets; 750€ à l'a.s.b.l. «Sécurité routière Luxembourg» en tant que participation financière pour supporter son travail de prévention pour l'année 2018; 150€ à l'a.s.b.l. «Association nationale des victimes de la route (AVR)» en tant que cotisation «commune-membre»; 25'000€ à l'a.s.b.l. «Diddeléng Hëlleft» en tant que subvention pour aide au tiers monde.

4. Avec les voix de tous les conseillers communaux, le conseil approuve l'adhésion de la Ville de Dudelange à la «Convention des Maires pour le Climat et l'Energie», regroupant ses maires signataires, quelle que soit la taille de la municipalité ou son emplacement sur la carte du monde, consistant à s'engager à réduire les émissions de CO2 d'au moins de 40% d'ici 2030 et de finaliser ce but en réalisant diverses actions concrètes.

Enseignement musical: le conseil communal approuve, avec les voix de tous les conseillers communaux, sub point numéro 5 de l'ordre du jour, 1. l'organisation provisoire de l'enseignement musical pour l'année scolaire 2018/2019, et 2. les modifications au règlement portant sur l'organisation et la gestion de l'école régionale de musique.

6. Une modification à apporter à la composition de la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature et la nomination des experts au sein du groupe d'experts «urbanisme» sont acceptées à l'unanimité.

Le conseil communal, au point numéro 7 de l'ordre du jour, à l'unanimité, confère au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation pour agir en justice dans une affaire de violation de stipulations du plan d'aménagement général de la Ville et subséquemment du règlement communal sur les bâtisses. Il s'agit plus précisément



d'une affaire opposant la Ville à Monsieur Aires Goncalves Monteiro, et ayant trait à la démolition d'une annexe derrière sa maison, sise 79, rue des Fleurs à Dudelange, ainsi qu'à la construction d'une nouvelle annexe à sa place, la construction de plusieurs abris de jardin et de travaux de remblaiement sur le terrain avoisinant situé dans zone de réserve naturelle, ceci sans la moindre autorisation du bourgmestre et en violation des dispositions du règlement sur les bâtisses.

8. Décision affectant le personnel. Le conseil communal décide à l'unanimité de créer un poste de fonctionnaire communal relevant de la catégorie de traitement A, groupe A2, sous-groupe technique (anciennement ingénieur-technicien) pour le service de la circulation. Les questions suivantes ont été posées au collège des bourgmestre et échevins par les différentes fractions politiques, questions auxquelles il est répondu séance tenante :

1. LSAP – Esch-sur-Alzette – Capitale Européenne de la culture 2022 ;
2. déi Gréng – renseignements pratiques au sujet d'un stand de vente au marché hebdomadaire.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 13. JULI 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kollege vum Schaffen-a Gemengerot, ech géif proposéieren, datt mir elo ufänken, et ass 8 Auer a mir hunn e ganz chargéierten Ordre du jour, respektiv ass dësen Ordre de jour mat e puer Mise-à-jour ze kompletéieren. Zwou Froe sinn erakomm, eng vum Martine Kohn iwwer d'Kulturhaapstad 2022 an eng vum Romaine Goergen a vum Hår Garcia iwwer eise Wochemaart an et ass ee Punkt am Huis Clos bäikomm. Ass de Gemengerot mat deenen Ajouten averstanen? Merci, da géife mir mat der Korrespondenz ufänken an domat ginn ech dem René Manderscheid hei d'Wuert.

I. KORRESPONDENZ

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci, ech wollt lech just informéieren, datt mir als Gemeng Diddeleng elo an zwou Reuniounen waren, eng Kéier mat der Administration de la Nature et des Forêts wéinst dem Eichenprozessionsspinner an deem Dag drop ware mir an enger Reunioun mat dem Gesondheitsministère, do geet et dorëms fir en nationalen Aktionsplang auszeschaffen fir wann d'nächst Joer nach eng Kéier déi "Plo" op eis duerkënnt, datt mir do besser gewappnet an equipéiert si fir deem kënne entgéintzetrieden.

Mir hunn eis soe gelooss, datt dee Problem net nëmme fir 2-3 Méint besteet mä dat ganz Joer duerch. Et ass och kee Phenomen, dat gëschter opgetaucht ass, dat gëtt et säit iwwer 100 Joer. Et ass eng eenheemesch Déierenart, déi nëmme an deem Bam virkënnt, mä déi Hoer bleiwe permanent am Betrib. Och wann dat herno e Päiperlek ass, bleiwen déi Hoer awer um Bam oder um Buedem oder do wou se dat Nascht gebaut hunn. Dat heescht, mir mussen dat ganz Joer duerch oppassen, respektiv kucken, wann do Plaze sinn, datt mer déi kënnen ewech maachen.

Grouss Hëllef – muss ech éierlech soen - ass vun dëse Plazen net ze erwaarden, virun allem finanziell net, well et ass jo och e Käschtepunkt fir déi Saachen ewechzemaachen. Et ginn och nëmme zwou Firmen hei am Land, déi dat kënne maachen, esou datt een kann dovunner ausgoen, datt wann erëm eng Kéier déi Plo d'nächst Joer massiv optaucht, direkt all Mensch op déi zwou Entreprises wäert zeréckgräifen an dann ass deem éischte vir an da kann et nawell laang dauere bis eng Firma op déi Plaz kënnt an dat ewech mécht. Do musse mir eis als Gemeng

selwer hëllefen an e bëssen organiséieren. Mä ech wollt lech just soen, datt de Problem net nëmme zwéi bis dräi Deeg am Joer besteet mä deem ass permanent do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Präzisierungen. Ech wollt och nach op en nationalpolitescht Thema agoen: Net méi spët wéi gëschter huet d'Chamber d'Gesetz gestëmmt fir d'Südspidol fir 2023 an ech begréissen, datt d'Gesondheitsministesch déi kloer Ausso gemaach huet, datt wann déi dräi Siten op ee Site kommen, d'Grundversuerung, déi Médecine de proximité, der Gemeng Diddeleng oprechterhale bleift.

Dat ass eng Ausrichtung, déi mir hei am Gemengerot méi wéi eemol däitlech gesot hunn, parteiwwergräifend, datt dat wichteg ass fir eis Diddelenger Bierger an hunn och opgegraff, datt de Moment Pourparlere mat der ALA bestinn. Ech wollt awer hei nach eemol präziséieren, datt virun e puer Méint den Diddelenger Schafferot d'Initiativ geholl huet, un d'ALA erunzetrieden - d'ALA ass jo schonns um Diddelenger Site aktiv - fir mat hinnen ze kucken ob et méiglech ass, eng regional Antenn vun der ALA hei am Süden ze maachen, an ech muss soen, datt een do op oppen Ouere gestouss ass, well och do e Besoin besteet fir hei am Süden eng regional Struktur ze maachen, e bësse wéi zu Ierpeldeng, e Centre de séjour et de soins.

Also, de Moment si mir an Diskussiounen fir méi wäit ze goe wéi effektiv d'Villa Reebou, wou jo de Foyer de jour an de Memory Walk ass. Et ass natierlech nach ze kucken, wann een deem dote Projet ëmsetzt, wat d'Finanzement ugeet a wat d'Faisabilitéit ugeet. Op alle Fall hu mir als Stad Diddeleng e Courier adresséiert un deem zoustännegen Ministère fir deem dote Projet ëmzesetzen. Dat ass e Projet, dee wichteg ass fir d'Süddregioun a fir Diddeleng, mir sinn eréischt am Ufank vun der Diskussioun, mä et huet een hei eben d'Méiglechkeet engersäits eng regional Struktur ze hu vun der ALA hei am Süden, kombinéiert mat enger Médecine de proximité. Ech mengen, datt och dee Site, dee mir hei zu Diddeleng hunn, eng gutt Ausgangspositioun hätt fir dat och ze maachen.

Dëst als Info iwwer d'nationalpolitesch Neiegkeeten, wat an der Chamber gëschter war. An domat gi mer iwwer op d'Circulatioun.



2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Approbatioun vum temporaire Verkéiersreglement während den Aarbechte fir de Raccordement un de Kanalisatiounsreseau an der Stade Jos Nosbaum Strooss

2.2. Approbatioun vum temporaire Verkéiersreglement während den Aarbechte fir de Raccordement un de Kanalisatiounsreseau an der Stade Jos Nosbaum Strooss – 2. Phas

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Gudde Moie léif Membere vum Gemengen- a Schäfferot, ech hale mech e bësse méi kuerz, de Punkt 2.1 an 2.2 do hutt Dir gesinn, datt déi zwou Saachen zesummegehéieren, an zwar muss vum 27. August bis de 15. September de Kanal an der Nossbamstrooss op der Héicht vun der Schoul ersat ginn. Dee muss ersat gi well et ëmmer zu Verstoppeunge koom. Mir mussen awer bei deem Chantier op viles oppassen, Dir wësst, datt mir fir d'éischt emol d'Reglement autoriséiert kréien, déi Diskussioun hate mir déi lëscht puer Kéiere schonns, datt dat elo ëmmer e bësse méi laang dauert. Da muss natierlech d'Schoul aus sinn a mir mussen erëm fäerdeg sinn éier d'Schoul och erëm ugeet, dofir gëtt an zwou Kéiere geschafft, déi éischte Kéier vum 27. August bis de 15. September an duerno nach eemol zwou Wochen an der Ouschtervakanz, vum 8.4-20.4 well et si ronn 36 Meter Kanal, déi musse frësch gemaach ginn an dat kréie mir net an enger Kéier fäerdeg. An dofir sinn et eben zwou Deliberatiounen, déi eng fir elo Enn August an déi aner fir an der Ouschtervakanz ze schaffen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou? Da kënne mir ofstëmmen, wien ass domat averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

2.3. Approbatioun vum allgemenge Verkéiersreglement

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Den nächste Punkt ass d'Approbatioun vum generelle Verkéiersreglement. Dir wësst, datt eist aktuell Verkéiersreglement vum 28.12.1984 ass, dat ass eng laang Zäit hir, do war nach kee vun eis hei an deem Gemengerot. Zanter deem sinn eng ganz Partie Ajouten an Avenante gemaach ginn zu dem Verkéiersreglement, zum Beispill sinn d'Zon-30en, d'Zone résidentielle, de Shared Space, Virfaarten, nei Stroossen dobäikomm, an et gëtt esou lues Zäit, datt mir dat Ganzt upassen an

aus deem Puzzle e Gesamtwierk maache fir datt mir och erëm aktuell sinn, an en plus wëlle mir et digitaliséiere fir datt de Service och ka méi einfach domat schaffen. Wat gouf konkret gemaach? Alles wat ech elo just opgezielt hunn, gouf mat erageholl, mä och eist Camionnettéverbuet während der Nuecht, d'Elektro-Parkplazen déi mir hunn, eis nei Parkplazen, déi nei déi bäikomm sinn, Bushaltestellen, déi verluecht goufen, ewechgeholl goufen an dobäi kommen, dat nämmlecht fir d'Zebrastreifen natierlech, jee alles wat et esou hei zu Diddeleng gëtt, gouf mat opgeholl an dragesat an och vill nei Virschrëfte si vum Staat hei mat agefloss.

Mir waren den 28. Februar bei der staatlecher Verkéierskommissioun fir dat neit Reglement virstellen, fir déi lëscht Froen ze klären an och nozefroe wéi dann elo d'Chancen op e positiven Avis zu eise Reglement géife stoen. Den 24. Mäerz ass dat provisoirescht Reglement entstanen an an d'Verkéierskommissioun geschéckt gi fir e Preavis ze kréien, dorops hi krute mir den 16. Abrëll e positiven Avis, dat heescht, datt de Minister dat neit Reglement wäert unhuelen esoubal et dann hei vum Gemengerot gestëmmt ass. Déi nächst Etappe waren, datt mir an engem informelle Gemengerot zesumme mat der Verkéierskommissioun et virgestallt hunn, dat war den 29. Mee, duerno hu mir wéinst deem Problem an der Rue Boitenbiere nach emol eng Ronn mat der staatlecher Verkéierskommissioun gedréint. Haut wier dann de Vote am Gemengerot, duerno schécke mir et dann an, an d'Akraafttriede vun dem neie Reglement ass da wann et vum MDDI zeréck ass.

Mir wëllen awer och dovunner profitéiere fir eng Rei Erneuerungen eranzebréngen, wat d'Vignetten ubelaangt. Och do huet d'staatlech Verkéierskommissioun de 16. Abrëll hire Feu vert ginn, och dat ass eigentlech normal, well mir hei d'Rad net nei erfannen, mä well mir eis un dat uleenen, wat aner Gemenge hunn a wat se deemno och schonn eng Kéier genehmege hunn. Dat ass de Wonsch vun de Bierger, déi froen eis ëfters a sécherlech och d'Membere vum Gemengerot a virun allem ass déi Fro un de Service de Circulation an eis Agent-municipaux erugedroe ginn, datt mir géifen eng Partie nei Vignetten aféieren, fir zum Beispill de Problem vun de Camionnetten nuets ze léisen, wou mir an engem vun deene leschte Gemengeréit driwwer rieds hatten am Kader vun de Froen, déi do gestallt gi waren un de Schäfferot. Op d'Detailer zu de Vignetté ginn ech net méi an, dat kann herno de Pit Demuth maachen.

Mir wëllen och dovunner profitéiere fir An Hinnefen mat an de Parking résidentiel eranzehuelen, dat ass e kleng Wupp, eng Sakgaass mat 21 Hausnummern an op Wonsch vun de Awunner huele mir dat gär mat eran. Wei koom et dozou? Ech hunn lech schonns méi oft gesot,



datt mir d'lescht Joer am Juni hei eng öffentlech Reunioun hate wou d'Leit konnte bei de Service Circulation a bei de Romain Molitor komme fir hir Doleancen an hir Suergen, wat de Parking résidentiel ubelaangt, kënne matzedeele an eng, déi ëmmer erëmkoum, war dee kleng Wupp An Hinnefen mat an de Parking résidentiel eranzehuelen. Hei gëtt näischt Grondleeëndes geännert, ausser dee kleng Wupp mat an de bestehende Parking résidentiel mat eranzehuelen, dat heescht, datt déi 21 Adressen eng Vignette zegutt hätten, wann se eng brauchen oder wann se eng wëllen, well, nach eemol, et muss keen eng Vignette huele wann e keng well oder brauch. An da kéim och do en Horodateur hin, wéi iwwerall am Parking résidentiel an am Zentrum.

Och laanscht deen ale Kierfecht an der Rue de Bettembourg wëlle mir e Parking payant maache mat maximal 2 Stonne Parkzäit, do musse mir keng Vignetten erausginn, well do wunnt keen. Firwat? Ma mir krute vill Reklamatiounen, datt do Langzäitparker sech breet gemaach hunn, déi dann den Zuch huele fir an d'Stad - ganz vill auslännesch Placken hu mir och do gezielt - an déi Leit, déi wëlle kuerz emol op de Kierfecht goen, déi krute keng Parkplaz. Dir wësst, datt mir dat doten iwwer eng länger Zäit gekuckt hunn an effektiv parken do eng Hellewull Leit stonnelaang gratis an huelen dann den Zuch fir an d'Stad, wou se da schaffe ginn, a wéi gesot wann do Begrieffnesser sinn oder Leit wëlle frësch Blummen op d'Graf bréngen, dann hu mir do e grouesse Problem.

Dat wieren un sech déi Neierungen, déi mir do wëlle mat erabrénge. Ech mengen ech hunn alles gesot, mä da kann de Jacques Dostert oder de Pit Demuth e bësse méi kuerz sinn. Ech géif dem Jacques Dostert fir d'éischt d'Wuert gi fir dat allgemengt Verkéiersreglement an ech géif virschloen, mir maachen et wéi déi leschte Kéier, fir d'éischt dat allgemengt Verkéiersreglement an dozou d'Froen an dann d'Vignetten an dozou d'Froen, wann dat fir lech esou an der Rei ass.

JACQUES DOSTERT (BUREAU D'ÉTUDES): Gudde Moien, mir sinn als Bureau d'études vun der Stad Diddeleng chargéiert gi fir fir d'Verkéiersreglement eng Mise à jour ze maachen. D'Zil war et u sech, datt mir dat Reglement esou à jour setzen, datt et och deenen Ufuerderungen entsprécht, déi de Ministère oder déi staatlech Verkéierskommissioun un déi kommunal Verkéiersreglementer hunn, a mir hunn och gläichzäiteg dovunner profitéiert fir um Terrain ze kucken an eng Kéier alles opzehuelen an och vill Ännerungen dee Moment mat anzubauen. Ech géif fir d'éischt eng Kéier ganz kuerz drop agoen, wéi iwwerhaupt de Verkéier reglementéiert gëtt. Mir hunn u sech do 3 Seilen, dat eent ass eben dat kommunalt Reglement, wou de Verkéier u sech op alle Stroossen

bannenuerts reglementéiert an dokumentéiert gëtt, datt heescht all d'Stroosse vun Diddeleng bannenuerts wéi och déi kommunal Weeër ausseruerts. Da ginn et Reglement-grand-ducauxen, déi d'Staatsstroossen ausseruerts reglementéieren an dann natierlech och nach déi allgemeng Dispositiounen vum Code de la route, dat heescht déi allgemeng Regele wéi ech dierf net um Trètoire parken, net um Zebrastreife parken, déi natierlech och nach ëmmer gültig sinn.

Mir sinn esou virgaangen, datt mir den Terrain fir d'éischt emol komplett opgeholl hunn a mir hu gekuckt, wat ass iwwerhaupt haut do a mir sinn u sech mat där Basis a mat deem Reglement wat bis elo bestanen huet iwwer dat Reglement gaangen an esou Strooss fir Strooss virgaange fir dat neit Reglement opzesetzen. Dat ass esou opgedeelt, datt mir fir d'éischt 7 Kapiteln hunn, dat 1. Kapitel wat just den Objet ass, dann d'Kapiteln 2 bis 6, wou allegueren déi Dispositiounen opgefouert sinn, déi et bei lech an der Gemeng gëtt, an dann e lescht Kapitel mat den Disposition-finallen, dann eng Annex dozou, dat sinn dann d'Vignettentexte - wou mir nach drop ze schwätze kommen - déi also och Deel vun dem Verkéiersreglement sinn an dann an der zweeter Annexe d'Disposition-particulière, dat ass do wou mir Strooss fir Strooss déi Saachen opféieren.

Dat hei sinn also d'Disposition-generalen, déi Artiklen, déi et an der Gemeng gëtt an da Strooss fir Strooss gesi mir wat an deenen eenzelne Stroosse gültig ass, wou och all Kéiers dann e Bild dobäi ass, wuel wëssend, datt dat Bild éischter méi à titre indicatif ass, fir datt ech méi séier a méi einfach dat Reglement ka liesen an et ass den Text, deen an der Dispositioun steet, deen effektiv gültig ass. Duerno gi mir déi Signalisatioun op Grond vun deem neie Verkéiersreglement à jour setzen a mir maachen dann och e Bilan vun alle Schëlter, Panneaux a Pottoen, déi mir brauche fir dann och all déi Saachen um Terrain à jour ze setzen.

Ech wollt dann elo op déi Haaptännerungen kommen, déi am Kader vun dëser Revisioun matkomm sinn, déi hate mer jo och schonns eng Kéier an engem informelle Gemengerot presentéiert. Dat éischt ass dat allgemengt Fuerverbuet innerhalb vun den Zon-30en. Et ass esou, datt et do verschidde Regele gëtt fir d'Zon-30en, et gëtt 6 Haaptregelen an eng Haaptregel ass, datt et keen allgemengt Fuerverbuet an enger Zon 30 soll gi well dat sech domat bässt, datt ech an enger Zon 30 och ëmmer riets Virfaart hunn a wann ech en allgemengt Virfaartsverbuet hunn, dann ass dat net méi gültig. Mir hunn dräi esou Fäll hei zu Diddeleng gehat, wou dat e Problem war: Dat eent war an der Rue Boitenberg, wou mir dat opgeholl hunn, dat heescht d'Situatioun ass déi, datt mir de Problem hunn, datt déi Autoen, déi aus der Rue Lenz



kommen och fir an d'Rue Edison, op de CR, also op den Haaptreseau op d'Rue Lenz ofkierzen, wahrscheinlech och oft e bëssen ze séier do duerchfuere fir datt et sech och lount an doduerch ass och haut dat allgemengt Fuerverbuert do. Eis Propositionen déi leschte Kéier waren dunn - well mir jo och schonns do Problemer mat dem allgemenge Fuerverbuert hunn - eng Léisung ze fannen esou datt ee géif soen, datt déi Gefierer, déi aus der Rue Lenz vun uewen erofkommen an no riets ofbéien, datt dat net méiglech wier mat Ausnam vun de Camionen. Dat wier eben néideg well den Dreckscamion muss do kënnen ronderëm kommen.

Mir hunn och aner Variante wéi Sens-unique weider analyséiert, et ass awer déi leschte Kéier zu Recht drop opmierksam gemaach ginn, datt deen Ëmwee, esou wéi mir deen ugeduecht hatten, net méiglech ass. Deen Ëmwee misst u sech duerch dee ganzen Zentrum vun Diddeleng goen, dat heescht méi wéi ee Kilometer an ech setzen nach e puer Autoe méi op d'Kräizung Rue du Commerce dobäi fir datt ech vun do kann an d'Rue Boitenberg eraufueren. Dat ass onrealistes an dofir si mir nach emol bei déi staatlech Verkéierskommissioun komm an exceptionellement - well dat eben och eng speziell Situatioun ass - hunn se eis autoriséiert, dat allgemengt Fuerverbuert esou ze hale mat dem Ënnerscheed, datt de Vélo dierf doduerch ofkierzen an datt mir et eigentlech esou kënnen loosse wéi et haut dann och effektiv ass.

Deen zweete Wee ass zu Butschebuerg de Schwéngswee tëschent der Rue Mont St. Jean an der Rue de la Chapelle. Dat ass e schmuele Wee, och innerhalb vun enger Zon 30, do ass den Transitproblem e vill méi geréngen, mir probéieren awer - well mir net soe wollten, datt mir einfach elo en allgemengt Fahrverbuert ewechhuelen - dat ze kompenséieren, datt mir dann eemol eng Prioritéit festleeën, vu wéi enger Säit een dann eraufueren dierf, an dorop hiweisen, datt dee Wee nëmmen esou breet ass wéi en ass op der schmuelster Plaz. An dann d'Rue Victor Tesch am Quartier Brill, dat ass déi Strooss, déi vun ënnen aus der Rue Dominique Lang queesch doduerch geet, do hu mir den éischten Tronçon tëschent der Rue Dominique Lang an der Rue Jean Berchem, do hu mir en allgemengt Fuerverbuert wat haut reglementéiert ass. Do si mir eigentlech haut an enger Wunnstrooss, an enger Zone résidentielle, an och do ass et wéi an der Zon 30, do ass en allgemengt Fuerverbuert net méiglech well alleng do schonns eng Prioritéit geschaf gëtt obwuel et an enger Rue résidentielle keng Virfahrsregelen am Fong gëtt, jiddereen ass op deemselwechten Niveau.

Dofir géife mir fir den ënneschten Deel proposéieren, dat ewechzehuelen an dat dann och duerch en Hiweis setzen, datt mir eng maximal Héicht hunn do wou mir dee Bou hunn, wou ee muss ënnert dat Gebai fueren. A fir den

ieweschten Deel, do war och mat der Verkéierskommissioun eng Diskussioun, mir mussen et forthuelen an et ass awer schwier, do eppes hinzekréien. Mir hunn eis entscheet, dass mir se ewechhuelen an datt mir awer fir sécher ze goe wéi sech d'Situatioun entwéckelt, éier mir d'Schëld ewechhuelen, eng Kéier den Traffic an d'Vitesse vun den Autoen op deem Stéck zielen, wann et da fort ass, a jee nodeem wéi d'Resultat ass, géife mir nach eemol bei déi staatlech Verkéierskommissioun goe fir ze kucken ob eng Léisung méiglech ass.

Dann dat nächst Thema wier d'Extensioun vun der Zone de stationnement résidentiel, dat ass genau dat wat d'Claudia Dall'Agnol schonns sot, an Hinnafen an an der Beetebuerger Strooss wou de Kierfecht ass a wou de Stationnement payant dann agefouert gëtt an déi Stroossen, bei deene jo dann och dee Moment déi Awunner e Recht op eng Vignette wäerten hunn.

Da war eng Demande vun den Awunner aus der Rue des Bouleaux fir aus hirer Zon 30 eng Zone résidentielle ze maachen. Et ass un sech just 80 Meter wou déi Strooss ronderëm geet, déi Strooss ass haut konform zu enger Zone résidentielle, mir hu keng Trëttoiren a vun dohier schwätzt och näischt dogéint, datt mir dat maachen an ech proposéieren, dat an deem Verkéiersreglement och dann esou mat ëmzesetzen. Da geet et ëm d'Vitesse 30 op dem Gemengereseau. Et war eis, wéi mir driwwer gaange sinn, opgefall, datt mir zum Beispill an der Rue de la Rivière, respektiv am Schwaarze Wee keng Zon 30 hunn, a mir hunn eis gefrot firwat dat esou ass? Et gëtt jo u sech kee Grond firwat mir do keng Zon 30 hunn, dofir ass och d'Propos, datt mir déi Zon 30, déi mir haut just an der Rue Auguste Liesch hei ënnen hunn, dann dee Moment ze erweideren. An der Rue de la Rivière, déi ass am Sens unique, dat ass eng Strooss, déi e bëssen enk a schmuel genuch ass, dofir gëtt den Zebrasträifen nach eemol rout ënneluecht an et gëtt Beschëlderung gesat, respektiv e Marquage vun 30 op de Buedem.

An da beim Schwaarze Wee, do enge mir et säitlech zousätzlech optesch an, anescht wéi elo op dem Schema gewisen wäerte mir hei awer elo keen Zebrasträifen amenagéiere well et einfach a schlicht wéinst de Parkplazen des Säit an och déi aner Säit, wat privat Parkplaze vum Supermarché sinn, net méiglech ass. Dann nach an der Rue du Mont St. Jean, dat klengt Stéckelche wat mir tëschent dem Weierchen an der Butschebuerger Strooss hunn, do géife mir och proposéieren, d'Vitesse op 30 Km/h ze limitéieren. Do ass och d'Strooss haut u sech schmuel genuch a well mir och do déi Säit e ganz schmuelen Trëttoire hunn, géife mir do kee Foussgängeriwergang mat virgesinn.

Da war nach d'Fro fir op de Weeër tëschent der Rue Suebelkaul an dem CR 164, der Närenger Strooss d'Vitesse



op 50 Km/h an der Stonn ze reduzéieren. Insgesamt regléiere mir net nëmmen d'Stroossen bannenuerts mä och déi ausseruerts, do sinn all déi giel Weeër, dat sinn déi Weeër wou mir en allgemengt Fuerverbuet ausser fir d'Véloe esou reglementéiert hunn, a mir hunn eben hei elo tëschent der Rue Suebelkaul an dem CR 164 déi 2 Stroossen déi am Sens unique funktionéieren a wou u sech vill Autostrafik duerchgeet an op där anerer Säit ass den Intérêt do, datt do vill Leit spazéieren.

Well mir an enger Situatioun sinn, wou mir net richtig bannenuerts sinn, oder nëmmen deels, a well mir och keng direkt Bebauung op deene Weeër hunn, ass et esou, datt mir d'Vitesse duerfir géifen trotzdem proposéieren op 50 Km/h ze reduzéieren. Et ass esou, datt déi staatlech Verkéierskommissioun ausseruerts normalerweis och net ënnert déi 50 Km/h geet. Si seet, a priori gëllt op engem Feldwee ausseruerts 90 Km/h. Et ass net anescht reglementéiert. Dat heescht net, datt een iwwerall 90 soll fueren, mä a priori ass et dat. An hei gi mir eben elo just eng kloer Linn, sou datt mir et op 50 Kilometer an der Stonn maachen. Gläichzäiteg recommandéieren si awer och Mesuren ze ënnerhuelen, sief et mat engem Gendarme couché oder mat anere Mëttele fir et baulech och esou ze maachen, datt d'Autoen sech dann och drun halen. An deem ënneschten Deel hei ass jo op alle Fall haut emol e Fousswee op mannst ugedeit an och an deem ieweschten Deel sollen dann och esou Mesurë mat ënnerholl ginn. Wann Dir Froen dozou hutt, sinn ech äre bereet dorop z'äntwerten.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech wollt uknäppen un d'Rue Suebelkaul: Wa mir do elo 50 Km/h maachen, wéi ass et da mam Ribeschponter Wee, deen e bësse méi vir ass bei der Place Gymnich, wou et erofgeet fir bei d'Ribeschponter Schoul, do ass jo eng ähnlech Situatioun: Et ass e Feldwee, deen net bebaut ass. Wéi ass dann do d'Limitatioun? Just fir ze wëssen.

JACQUES DOSTERT (BUREAU D'ÉTUDES): Also, dee Wee, deen Dir ugeschwat hutt tëschent der Place Gymnich an der Schoul, deen ass bannenuerts considéiert dofir ass en net hei drop well mir vun der Uertschaft drakommen. Dat heescht, a priori hu mir do 50 Km/h well mir hunn hei d'Zon 30, déi do ufänkt an och hei ophält.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Meng Fro ass vläit e bëssen doniewent, mä beim leschten informelle Gemengerot konnt ech net derbäi sinn. Ass eigentlech och thematiséiert ginn an der Diddenuewener Strooss, wat jo eng Staatsstrooss ass, do war ëmmer déi Problematik wéinst dem Foussgängersträifen, deen een do wollt maachen, datt do Ponts et Chaussées sech gewiert

hunn duerch dat staatlecht Reglement, datt een dat net kéint maachen. Ass do net driwwer diskutéiert gi fir dat eventuell zeréckzebauen oder esou?

JACQUES DOSTERT (BUREAU D'ÉTUDES): A priori hate mir an deem heite Kontext net extra doriwwer diskutéiert. Ech kennen zwar déi Problematik, et ass de Problem, datt Ponts et Chaussées ebe considéiert, datt den Zebrasträifen ausseruerts läit an et dofir eben net méiglech ass, op mannst haut en Zebrasträifen do ze amenagéieren. Mä dat ass e Problem, dee mir hei elo net direkt an Ugrëff geholl hunn. Mir mussen och ëmmer probéieren, wa mir dat allgemengt Verkéiersreglement maachen, datt mir fir d'éischt emol déi Situatioun esou wéi se do ass, reglementéieren. Dann natierlech, do wou mir kënnen einfach Ännerunge maachen, do géife mir se och maache mä wou mir eenzel Punkten hunn, déi net kloer sinn oder wou mir en Avis negativ kruten, géife mir dat erausloossen an esou Saache kënnen natierlech ëmmer nach iwwer en Avenant vum Verkéiersreglement zeréckkommen. Mä an deem Kader vun där ganzer Mise à jour vun deem groussen Dossier ass dat net mat considéiert ginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Just well den Här Garcia déi leschte Kéier net do war: Et ass esou, wann dat Verkéiersreglement gestëmmt gëtt, dann heescht dat net, datt ni méi eng Ännerung kënnt. Et kommen och an Zukunft nach Zebrasträife bäi, an et kommen och an Zukunft nach Bushaltestellen bäi. Dat heiten ass geduecht fir datt mir e globaalt Dokument hunn, wou een alles eng Kéier dran huet a wou de Service och ka gutt an uerdentlech domat schaffen. Mä wéi gesot, Ännerunge wäerte mir ëmmer um Ordre du jour hunn.

SYLVIE ANDRICH- DUVAL, (CSV): Merci, ech hätt eng Réckfro wat dee Wee Suebelkaul respektiv déi parallel Ribeschpont ubelaangt. Mir hate schonns ëfters eng Diskussioun hei am Gemengerot dozou, notament well op där enger Säit vun der Place Gymnich bis bei d'Ribeschponter Schoul kee Foussgängerwee agezeechent ass. Par contre bei Suebelkaul, also fir vun der Närenger Strooss erofzufueren op dee Rond-point, do ass e Passage, eng Sträif fir d'Foussgänger, agezeechent. Mir hate scho proposéiert fir eben och an deem Ribeschponter Wee fir bei d'Schoul eng Bande fir d'Foussgänger anzezeichnen, well et do awer geféierlech ass, an et kommen der ëmmer méi, déi och do ze Fouss ginn, ob dat elo mat de Muppen ass oder alleng, dofir wollt ech d'Positioun vum Schäfferot wëssen, well dat de Moment net favorabel gekuckt gouf. Ass do eng Ännerung an Aussicht oder wéi geet een domat ëm fir datt do och d'Foussgängerweeër gefërdert ginn, wa mir wëllen op d'Mobilitéé douce setzen.



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, also fir d'éischt emol e Merci der ganzer Ekip he, déi dat Circulatiounsreglement ausgeschafft huet an eis et och am informelle Gemengerot scho virgestallt huet, wou mir eis Froen och konnte stellen - ech mengen dofir sinn elo och net méi sou vill Froen - an och nach eng Kéier Merci fir d'Explicatiounnen. Ech wollt awer ganz kuerz elo op e puer Punkten agoen. De Parking résidentiel, do hu mir jo 2003 fir d'éischt driwwer geschwat, 2005 gouf eng Erweiterung gemaach, 2016 och an d'Iddi war jo ëmmer fir d'Dauerparker aus Diddeleng erauszehuelen, fir datt d'Leit net hei parken an da mam Zuch an d'Stad fueren an da blockéieren se hei wäertvoll Parkplazen. Dat war d'Hauptiddi an d'Zil ass och nach ëmmer, d'Dauerparker aus de Wunnquartieren erauszehuele fir datt d'Awunner do eng Parkplaz kréien. D'CSV wéi och all déi aner Parteien hei am Gemengerot hunn dat och ëmmer mat gedroen. An d'Madamm Dall'Agnol huet och elo grad gesot gehat, de Parking résidentiell ass net a Stee gemeesselt an et muss ee mat de Bierger ëmmer am Dialog bleiwen an dann nokucken ob sech déi Parkplazeproblemer net an déi aner Stroossen, wou kee Parking résidentiell ass, da verlageren.

An ech denken, elo zwee Joer drop - et ass ëmmer versprach ginn, dat hat Dir 2016 am Juli schonns gesot a mir waarden nach ëmmer op eng Analys - wéi mir dann elo do stinn an ech muss och mat Bedauere feststellen, et ass en oppene Bréif un de Schäffen- a Gemengerot gaangen, dee mir net virleien hunn, wou mir awer eng Copie kritt hunn. D'Leit hunn es genuch, ech denken et ass e Bréif vun engem Här deen an der Lenz Strooss wunnt an deen huet widderhuelt un de Buergermeeschter an de Schäfferot e Bréif geschriwwen a matgedeelt, datt si es am ieweschten Deel vun der Rue Lenz sat hunn, datt d'Dauerparker elo do stinn, d'Camionnetten Dag an Nuecht do stinn, an de Mann hat am Februar 2017 - ech schwätze vun annerhalwem Joer - gesot kritt, "La première phase sera passée en revue après une certaine période et pourrait être adaptée aux réels besoins de tous les utilisateurs s'il s'avère que besoin y est". An de Mann huet e bëssen d'Flemm well bis elo nach näischt geschitt ass, an ech ka mech nëmmen u säi leschte Saz uschléissen: „Au lieu d'agir par des manœuvres dilatoires, je vous prie de nous proposer des solutions concrètes avec une date limite de la mise en place de celles-ci.“

Dofir meng Fro: Wéi ass de Bilan ausgefall oder ass schonns iwwerhaapt ee gemaach ginn, a wéi eng Léisung ass elo fir dësen an och aner Problemer an anere Stroosse proposéiert ginn? Well ech denken, et geet jo awer elo net esou, Dir hutt gesot gehat, An Hinnefen hunn d'Leit sech beschwéiert, da kréien déi de Parking

résidentiel. D'Leit aus dem Quartier hu gesot gehat, mir fanne keng Parkplazen, mä mir gi gären op den Tattenbierger Parking, da kréien déi eng Vignette proposéiert... Ech mengen, esou kann et jo awer net goen, datt nëmmen déi, déi soueren, eng Vignette kréien an déi aner kréie keng.

Dofir roden ech, dat nach eemol an Erwägung ze zéien, mir hate rieds gehat fir Diddeleng an Zonen anzerichten, well dann och déi Ongerechtegkeet vun engem Bierger vis-à-vis vun deenen aneren aus de Féiss ass. Et huet ëmmer geheescht et ass schwéier Zonen anzedeelen. Walfer huet et gemaach, Esch huet et gemaach, Péiteng an Rodange och, ech denken et misst een op de Wee goen an einfach wierklech emol Neel mat Käpp maachen a kloer Zonen definéieren. Den Här Gangler hat am informelle Gemengerot an och an der Verkéierskommissioun eng ganz kloer Propose gemaach, Diddeleng a 4 Zonen anzedeelen, dat misst jo awer machbar sinn, an dofir wéi gesot, mir fuerderen, datt effektiv dat Konzept vum Parking résidentiell wierklech komplett analyséiert gëtt iwwer dee ganze Site vun Diddeleng, an datt dann d'Schwächten opgedeckt ginn an nogebessert gëtt, awer net peu à peu. Well ech kéint jo och elo soen, majo ech wunnen op der Lëtzebuerger Strooss, bei mir vis-à-vis do stinn Dauerparker, déi hir Autoe verkafen. An da kréie mir och eng Vignette. Esou kann et awer net sinn an ech denken, datt de Schäfferot do gefuerdert ass, do eng konkret Propos ze maachen, wéi deele mir Diddeleng an a wéi wëlle mir déi Ongerechtegkeet vun engem Bierger vis-à-vis vun deenen aneren ze vermeiden.

Dofir mäi Virschlag, eng kloer Analyse an dann kloer Virschléi an da komme mir menger Meenung no net dolaanscht fir Diddeleng an Zonen anzedeelen. Dat wollt ech just heizou nach soen. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP-SCHÄFFIN): Ech mengen zur Suebelkaul, wou d'Madamm Andrich sot, do gëtt et keen neie Moment, dat ass eng Strooss. Mir kënnen natierlech e Fousswee anzeechne wann d'Breet et hinggëtt, dat misst ee kucken, mä ech soen lech awer ganz éierlech, dat ass immens geféierlech. D'Sicht ass net immens ginn, d'Vitesse ass net déi, datt s de dech do kanns mat dengem Mippchen als eelere Mënsch sécher fillen. Mir kënnen et nach eng Kéier kucken, mä ech soen lech awer, ech wier ganz virsichteg fir dat ze maachen. Mä kucken kënnen mir et ëmmer eng Kéier.

Dann zu der Madamm Kayser-Wengler, ech weess elo net direkt vu wéi engem Bréif Dir schwätzt mä dat kënnen mir herno nach eemol kucken. Ech weess och net vun engem oppene Bréif un de Gemengerot well soss kritt Dir déi normalerweis, mir ginn se weider oder mir deelen se hei am Gemengerot aus, mir hunn ëmmer erëm Bierger déi



sech beschwéieren esou gutt aus der Lenz Strooss wéi och aus der Lëtzebuerger Strooss, déi eng ruffen un, déi aner mailen an déi aner schreiwen e Bréif, dofir wéi gesot, ech weess net wien deen dote Bierger elo ass, mir loossen eis awer och duerch en oppene Bréif oder e Bréif wou en Här en Timing freet, weder erpressen, nach drängen. Mir musse kucken, datt dat Konzept wat mir maachen, Kapp an Schwanz huet. Et ass och net esou, datt wann ee souert, datt een da Recht kritt, au contraire, wann ee souert, da gi mir kucken a mir kucken ob dee Problem wierklech gerechtfäerdeg ass. An An Hinnefen ass de Problem gerechtfäerdeg an dee beim Kierfecht och. A wann Dir eis Schäfferotserklärung oder de Walprogramm vun der Majoritéitspartei gekuckt an och gelies hutt, wësst Dir, datt mir och wëlles hunn de Parking résidentiell auszubauen, just net esou wéi Dir sot, alles an enger Kéier mä éischter peu à peu, do wou de Problem am gréissten ass, well mir mussen dat och packen. De Bierger muss sech dru winnen, mir mussen dat och kënne kontrolléieren an et muss Sënn maachen, a mir mussen do agräife wou de Problem momentan am gréissten ass.

Mir haten eng Verkéierskommissioun an den Här Gangler ass do och als Vertrieeder dobäi gewiescht - ech weess net wien nach aus dem Gemengerot dobäi war, den Här Martini, ech weess et net méi - wou mir iwwer de Parking résidentiel an den Ausbau Riets haten. Mir haten dunn eng Propos gemaach well mir jo e Plang vun Diddeleng proposéiert haten, an do hu mir da gekuckt, wéi en dat kéint an Zonen andeelen an dunn hu mir eraus fonnt, och an där Verkéierskommissioun war net een, deen et immens gutt fonnt huet, datt mir Diddeleng an déi Zonen andeelen, well einfach Quartieren ze kleng sinn, mir missten 100 000 Iwwerlappungszonen andeelen, sou datt eng Katz herno hir Jonk net méi erëmfanne géif. Mir haten eng Propos gemaach wou mir soten, da kommt mir maachen eng Zon Zentrum an eng Zon Rescht vun Diddeleng, dat heescht am Rescht vun Diddeleng kritt all Mënsch eng Vignette a kann iwwerall parken an am Zentrum vun Diddeleng muss jidderee bezuelen. Dat ass einfach, schnell realiséierbar an dat ass einfach ze kontrolléieren.

Do koum awer vum Här Gangler och d'Propositoun, datt ee soll kucke fir Diddeleng an 2 oder 4 Zonen anzedeelen an eben d'Grenz do ze maache wou haut d'Eisenbunn wier, dat heescht Norden-Süden zum Beispill. De Romain Molitor krut dat mat op de Wee fir dat mam Service och eemol ze préiwen, ech muss awer soen, wann een d'Zeitung liest, Waasserbëlleg huet dat dote genau elo esou gemaach, an do ass et Är Partei, d'CSV, déi dat ebe just keng gutt Iddi fënnt a seet, domat stroofs de am Fong d'Awunner aus der Gemeng, datt déi net méi dierfen iwwerall parken, mä datt se léiwer gehat hätten, datt den Awunner vun där Stad eben och dierf do parken, wou

e wunnt an datt et eigentlech déi Friem an d'Dauerparker sinn, déi mir gären eraus hätten.

Wéi gesot, de Romain Molitor iwwerpréift dat och nach eemol mä ech mengen, datt mir musse kucke fir net d'Diddelenger ze strofen, mä au contraire hinnen entgéint-zekommen. Hei gëtt och ëmmer vun Ongerechtegkeet geschwat wann den een eng Vignette huet an deen anere keng. Ech sot dat schonns eemol, wann ee bis eng Vignette huet, dann ass ee gestrooft, well dat heescht, datt ee viru senger Dier ganz dacks keng Parkplaz fënnt sou datt et gerecht ass, datt en eng Vignette huet fir datt e kann no bei sech doheem parken. Wéi gesot, ech hunn et gesot, mir ginn éischter dovunner aus, datt mir net sollen einfach eemol dat doten op Diddeleng drop klaken a soen, sou ab elo ass et hei zu Diddeleng esou, mä datt mir sollen all eenzelne Problem analyséieren an da peu à peu do agräife wou et Sënn mécht fir datt mir et och am Grëff behalen an och kontrolléiert kréien. Et ass awer kee Geheimnis, datt och dës Majoritéit der Meenung ass, datt een dee Parking résidentiell weider muss ausbauen an datt mir tôt ou tard wahrscheinlech net méi drëm erëm kommen, et a ganz Diddeleng ze maachen, mä wéi gesot, dat ass net fir den 1. August.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia Dall'Agnol. Den Henri Glesener kritt nach d'Wuert, ech wollt awer just drop agoen, déi Lettre ouverte, déi d'Madamm Kayser ernimmt huet ass datéiert vum Här op den 11. Juli, haut ass den 13. Juli, also, wéi gesot, mir hunn déi nach guer net kritt an och net dem Gemengerot virenthalen.

HENRI GLESENER (LSAP):

Merci, ech well just puer allgemeng Bemierkungen zu deem Verkéiersreglement maachen. Merci, stellverriedend fir all déi, déi dru geschafft hunn, an och der Ressortsschäffin Claudia Dall'Agnol, well et ass eng zimlech ondankbar Aarbecht sech mam Verkéiersreglement ofzeginn. Et ass e Bëbee vun all Bierger, an all Mënsch hätt gären all déi aner eraus fir datt e selwer gutt Plaz huet a besser fuere kann.

Dat ass esou allgemeng eng Situatioun, déi mir ëmmer mierken, och bei de Reklamatiounen, awer net nëmmen, ech gi sécherlech net hin a soen, datt all déi Leit, déi eis Bemierkungen eraschécken eis elo an een Dëppe gehéieren. Mä stellverriedend fir all déi aner, déi do un dem Dokument geschafft hunn, de Jacques Dostert aus dem Bureau d'études an de Pit Demuth, deen eis elo laang hei op der Gemeng intern och nach begleet huet, well ech fannen et wierklech luewenswäert, datt mir elo endlech haut zur Ofstëmmung komme vun engem Gesamtkonzept vun eisem Verkéier a vun deem aus mir dann déi aner oder déi Upassungen, dat ass jo e liewegen Dossier, dann au fur et à mesure maachen.



Ech sinn och frou iwuer déi Aart a Weis, wéi et gemaach gouf, datt mir fir d'éischt de ganze Konzept virgestallt kruten an engem informelle Gemengerot, sou, datt och jiddereen Zäit hat fir sech déi eenzel Punkten unzucken. Ech weess, datt mir eis oft un deene Punkte stoussen, wou déi staatlech Verkéierskommissioun dann octroyéiert. Ech brauch déi jo net ze widderhuelen, déi si laang a breet hei erkläert ginn. Op där anerer Säit mengen ech awer och ze ernimmen, datt et sënnavoll ass, datt déi staatlech Verkéierskommissioun eben och do ass an datt déi och ganz kritesch all Dossier kuckt, well den Autosfuierer fiert jo iwuerall, net nëmmen an enger Uertschaft, an et ass sënnavoll, datt dat doten och e nationaalt Gesamtkonzept huet. Si ass och net esou stur, wéi mir am Ufank geduecht hunn, wann ech haut matkréien, datt mir awer erlaabt kritt hunn, en allgemengt Fuerverbuuet an der Boitenbirger Strooss ze maachen, wat ech begréissen, well dat war wierklech dee Punkt, wou ech geduecht hunn, dat ass dee Punkt mat der Proposition wéi mir se déi leschte Kéier haten, do wäerte mer net glécklech ginn. Wann déi déi elo villäicht doriwuer frou sinn, do si sécher 100 anerer net frou, sou datt mir elo vun enger Reklamatioun an déi aner wäerte falen. Och hei, mengen ech, ass mat Verstand vun der staatlecher Verkéierskommissioun reagiert ginn.

Zu de Parkplaze komme mir villäicht dann éischter nach eng Kéier wa mir duerno iwuer d'Vignetten schwätzen.

Ech erënneren och nach eemol drun - dat ass jo e bësse mäin Dada - mir soten, datt iwuerall wou mir an eng Zon erafuieren, mir natierlech mussen optesch anengen, an ech bleiwen ëmmer bei dem Deel, optesch jo, awer wa mir zevill baulech anengen, da schmiere mir eis mat anere Saachen un. Mir hunn och Schleppkurven, zum Beispill fir d'Pompjeeën, déi virgi sinn, an ech appreciëieren net wa mir et an der Teschenzäit esou maachen, datt mer zum Beispill mat engem Camion probéiere ginn, ob et och wierklech duergeet. Dee Camion, deen haut derduerchgeet kann, wa mir muer en neie kafen, ass et vläit en aneren, an an Zukunft fiert jo den CGDIS, dat heescht, dee kënnt jo mat all senge Camionen aus dem ganze Land, onofhängeg vun Diddeleng oder net Diddeleng, an dee brauch déi Schleppkurven och, déi gerechent sinn, well dat wat haut engem Camion duergeet, dat geet muer mat dem nächsten net duer. Ausserdeem denken ech, datt de Pompeescamion deen ass, dee beispillhaft déi Essaien do maache geet, well mir hu jo och d'Müllween, mir hunn aner Ween, a mir hunn och besonnesch mol Bierger, déi plënneren, déi e Liwwerwon hunn a wa mir baulech alles an null Komma nix op 3m50 zesummeschrauwen, dann ass dat en Drama all Kéier wann een eppes geliwwert kritt, da steet dee ganze Buttek. Dofir sinn ech eben dofir, datt déi baulech Moosnam mussen

a Grenzen bleiwen. Dat heescht awer an anere Wieder, datt mir keen anere Choix hu wéi da repressiv virzegoe wann d'Leit sech net un Regeln halen, och wa mir se net mat Maueren, Polleren a Gendarme-couchéen oder soss eppes zoumaachen.

Dee leschte Punkt, laanscht de Ribeschponter Wee vun der Place Gymnich bei d'Ribeschponter Schoul, dat ass scho Joere laang en Thema a spëtstens nodeems mir do e schwéieren Accident haten, hu mir deemools, souwuel d'Pompjeeë wéi och d'Sécherheitsleit, de Wee 47 nogekuckt. Natierlech hu mir do och gekuckt ob mir net kënne e Foussgängerwee maachen. Ech warnen do virdrun, wa mir do e Foussgängerwee anzechnen an där Strooss déi schonns ze schmuel ass, invitéiere mir eigentlech Foussgänger well mir soen, do ass jo e Wee fir lech. Also, dee Wee ass esou extrem geféierlech, ech si fest dovunner iwwerzeegt, datt en net ze reglementéieren ass, wa mir déi zwee do wëlle fuere loossen. Dat ass do net méiglech. Ech ka mech erënneren, wéi ech op Diddeleng komm sinn, do hat ech eng kleng Wiss gelount fir meng Päerd an deem Wee dran, an déi Zäit konnt ee mam Trakter lénks a riets fuere, et ass een sech eens ginn. De Verkéier ass haut net méi dat selwecht an et ass onméiglech, datt een elo géif de verkéierte Wee doduerch fuere, dat wier den absolute Chaos obwuel ech nach regelméisseg Leit begéinen, déi dat maachen. Dofir, op deem dote Wee komme mir net iwuer d'Ronn.

Sécherlech wier et eng Alternativ, ze décidéieren, et ass entweder fir d'Foussgänger oder fir d'Autoen, oder mir missten 100 Terrainen op der Säit hu fir e Foussgängerwee derbäizebauen. Mir hate gekuckt ob et méiglech wier fir déi Grief ze iwwerdecken, mä och do ass et ganz schwéier, well et einfach ze enk ass. Ech weess awer op där anerer Säit wa mir eng nächst Stéchstrooss maachen wëllen, kéinte mir vläit dee Feldwee entlaaschten, dann hu mir en Nee Merci op der N31 stoen, sou datt dat do e schwéiere Punkt ass, bei dem mir och nach muer keng Léisung wäerte fannen.

Ech hat mat de Mercien ugefangen an ech hale mat de Mercien op. En allgemenge Merci, an ech hunn och e bessen dat Gefill, datt hei eng Eenegkeet besteet iwuer dat ganz Verkéiersreglement, mir op jiddwer Fall stinn do voll dohannert, also nach emol Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech géif dann am Numm vun deene Gréngen kuerz Stellung huelen zu dem allgemenge Reglement. Also, Froen hu mir weider keng méi, et ass alles erkläert ginn an et huet eis och stéckhalteg geschéngt, dat generell Reglement ass eng iwwerschaffte Versioun an och eng eenheetlech, doduerch huet se eng Form kritt, déi fir déi Leit aus de Servicer, déi domat schaffen, méi zougänglech ginn ass an och fir eis.



Mir fannen déi Opdeelung esou gutt an d'Glidderung kohärent, d'Bestëmmunge sinn natierlech esou wéi d'Gesetzgebung duerch de Code de la route an d'Reglement et virgesäit. Mir hunn also keng Schwierigkeete mat dësem iwwerschaffte Règlement général, mir schléissen eis och eisem Virriedner u fir säin Luef a fir d'Mercien.

Et sinn och nëmmen e puer Neierungen dran, wéi zum Beispill de Parking résidentiel, deen e bëssen ausgeweit ginn ass, a mat deem mir och absolut averstane sinn. Insgesamt schéngt de Parking résidentiel am Duerf unze-klengen, jiddefalls hunn ech e lauter positiv Echoe fonnt, et ass och nach nogebessert ginn, sou datt wahrscheinlech verschiddene Wënsch vun de Leit nach Rechnung gedroe gëtt. Mat dem Parking payant laanscht d'Gaswierk si mir och averstanen, d'autant plus dee grouse Parking gratis bleift an déi aner Bestëmmungen déi virgestallt gi sinn, si fir eis an der Rei. Insgesamt fanne mir déi Approche gutt fir d'Awunner mat anzubannen an datt hiren Doléancen no Préiwen och Rechnung gedroe ginn ass. Mir sinn also mat den Neierungen averstanen an och mam gesamte Règlement. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, gëtt et nach weider nach Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, ech schloe fir, datt mir iwwer de Règlement général ofstëmmen. Mir kënnen dat separat ofstëmmen oder mir huelen elo nach d'Vignetten drun a stëmmen duerno of? Gutt, da fuere mer elo weider mam Règlement de taxe.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Ännerung vum Kapitel XXX: Stationnement résidentiel – vum ofgeännerten allgemengen Taxë-reglement vum 26. November 2001

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, ech presentéieren lech dann elo d'Vignetten. Mam neie Verkéiersreglement huet och de Schafferot proposéiert, datt mir nach eng Kéier d'Vignettëgesetz iwwerschaffe well et ass elo eng gutt Geleeënheet fir dat kënne matzemaachen. Wat ass elo nei? Zu der bestehender Vignette kommen elo nach eemol 4 nei Vignetten dobäi, eng provisoresh, eng fir d'Visiteurs, eng fir déi Professionell an eng fir d'Camionnetten owes an de Quartieren. Ech wëll awer direkt dobäi soen, eng Vignette heescht net, datt een eng reservéiert Parkplaz huet, mä datt wëll just heeschen, datt een a Zone-residentiellen, wou ee misst bezuelen, dovu befreit ass, ageheien ze goen, mä datt een ëmmer kann do parken.

Wei funktionéiert dat mat de Vignetten? Dat misst deene meeschte Leit hei bekannt sinn. Et freet een e Formulaire beim Populationsbureau un, et muss een eng Kopie vun senger groer Kaart dobäileeën an och d'Tax bezuelen an da schécken eis Agenten déi nei Vignetten eraus. Alles gëtt herno och vun eisen Agent-municipaux kontrolléiert, an och d'Reglement ass elo esou ausgeluecht, wéi wa ganz Diddeleng e Parking résidentiel wier, mä datt wat Dir elo ofstëmmt ass och nach haut valabel.

Da kommen ech elo bei déi permanent Vignetten, dat sinn déi bestehend, déi och haut schonns do sinn, dat heescht, déi si gültig fir d'ganz Joer an et huet een 2 Vignettë pro Stot zegutt an op all Vignette kann een 2 Autos-placken opschreiwen. Wie kann dovunner profitéieren? Majo, dat sinn d'Awunner vun Diddeleng, déi Propriétaire vun engem Auto sinn oder Locataire oder en Auto leasen am Kader vun enger Leasing-Firma oder wann se vun hirem Patron den Auto fir privat Zwecker zur Verfügung gestallt kréien. Beim Locataire a wann se den Auto vum Employeur zur Verfügung gestallt kréien, müssen se awer niewent der groer Kaart e Certificat dobäi leeën, datt si dierfen den Auto benotzen. Dobäi kennt och nach, datt déi privat Camionnetten, déi reng nëmme privat genotzt gi vun Diddelenger Bierger, déi kréien och déi selwecht Vignette. Esou eng Vignette, do hu mir näischt un den Taxë geännert, kascht 18 Euro déi éischt an déi zweet wäert 36 Euro kaschten an déi kann all Joer erneiert ginn. Da wëll ech lech och nach drop hiweisen, zum Schluss kennt dee ganze Bureau rekapitulativ wou alleguerten déi Vignetten opgeluegt sinn an och mat de Präisser, wou se gültig sinn a wéivill Dir der pro Haushalt zegutt hutt, respektiv pro Entreprise.

Da komme mir zu deenen neien, déi éischt ass déi provisoresh. Eng provisoresh Vignette kritt een, éischters wann een eng permanent ugefrot huet, wann een nei op Diddeleng wunne kënnt, also dann och muss d'Zäit iwwerbrécke bis een déi nei Vignette kritt, dat geet jo net vun haut op muer, dat brauch eng gewëssen Zäit. Oder wann een den Auto an d'Garage féiert, da kritt ee meeschtens en Auto vun der Garage zur Verfügung gestallt, do kritt een dann och eng provisoresh Vignette, respektiv auslännesch Bierger, déi op Lëtzebuerg kommen, déi si jo verpflichtet, no enger gewëssener Zäit hiren Auto ëmzemelle wann se dee wëlle behalen, da kréien si och eng provisoresh Vignette bis se déi Lëtzeburger Plack hunn an dann déi permanent kënnen ufroen. Déi provisoresh Vignette ass 3 Méint laang gültig, kascht 18 Euro an et kann ee pro Vignette nëmmen 1 Auto dropschreiwen.

Dann déi nächst, dat ass d'Vignette vum Visiteur. Ënner Visiteur versti mir e Besucher, deen en Diddelenger Bierger op Diddeleng besuche kënnt. Et ass awer de Bierger, deen d'Vignette muss ufroen an net de Besucher, well soss



géifen se se net kréien, an déi gëllt och maximal 1 Mount. Wat versti mir ënnert Besucher? Dat kënnen och mol Studenten sinn, déi an der Summervakanz heemkomme bei hir Elteren an da stellen se den Auto dohin an se wëlen net all puer Stonnen ageheien ze goen, dann hunn se do eng Vignette zegutt, respektiv wann ee Besuch aus dem Ausland kritt vun der Famill, déi méi wéi 14 Deeg do bleift oder bis 1 Mount, an et kritt een 2 Vignettë pro Haushalt. Wéi gesot ass se 1 Mount laang gutt an déi kann een zwee mol erneiere pro lafend Joer, dat heescht, am ganze Joer huet een 3 Méint eng Vignette zegutt fir Besucher. Déi éischt kascht erëm 18 Euro an déi zweet 36 Euro.

Da komme mir zu deene professionelle Vignetten. Déi professionell Vignette ass fir all d'Entreprises, déi eng Déngschtleschtung maachen hei zu Diddeleng, et ass net nëmme reng fir Diddelenger Entreprises, mä fir alleguerten déi Entreprises, déi op Diddeleng schaffen kommen. Wat versti mir ënner Entreprises oder Commercen? Dat sinn Dokteren oder Leit vu Soins à domicile, Entrepreneuren déi Reparaturen maachen kommen, Depannagen, zum Beispill en Usträicher oder e Schräiner, respektiv awer och d'Gemeng an och déi staatlech Gefierer mussen esou eng Vignette kréie fir an de Zone-résidentiellen ze parken. Zu de Präisser, do ass et e bësse gestaffelt: 14 Deeg kaschten 30 Euro, 1 Mount 50 Euro, 3 Méint 125 Euro, 6 Méint 200 Euro an 12 Méint 350 Euro. Bäi de Präisser hu mir eis ugepasst zu de Gemengen an der Noperschaft, do sinn d'Präisser fir d'Camionnetten och déi selwecht. Et kann een op dës Vignette 3 Plackenummeren opschreiwen, a pro Entreprise ass déi illimitéiert well mir jo net kënnen virschreiwen, wéi eng Camionnetten eng Vignette dierfe kréien a wéi eng net. An de Bierger ass och verflucht, wann en en Opdrag gëtt un en Handwierker oder eng Entreprise, soll en Bescheed soen, fir datt en eng Vignette bei der Gemeng kritt. Wann ech richteg informéiert sinn, ginn och herno all déi Diddelenger Entreprises, wann dat heiten a Kraaft triet, doriwwer informéiert, datt elo sou Vignetten sinn.

Da kommen ech zu där leschter, dat ass déi fir d'Camionnetten owes an de Wunnquartiere well haut dierfen se net méi do stoen, a well mir awer ëmmer Demandé kréien, datt Privatleit eng Camionnette hunn, an déi kréien da regelméisseg ee gepecht, wëlle mer och do eppes derfir maachen. Dofir hu mir elo hei eng nei Vignette ugefrot, déi ass engersäits fir déi privat Camionnetten, datt déi kënnen owes an de Wunnquartieren halen, déi kascht 18 Euro pro Joer an da gëtt et eng fir Professioneller fir wann se en Depannage an de Wunnquartier maachen, well oft gesäit een net, wann s de en Depannage mëss, gesäis de jo owes net an d'Haiser eran ob do elo geschafft gëtt oder net an da op eemol steet eng Camionnettë do a wann dann ee géif kontrolléieren

kommen, da misst dee jo a priori e Protokoll pechen, a fir dat ze vermeiden hu mir eng Vignette agefouert fir déi Professionell an déi kascht 175 Euro pro Joer, mä hei muss och bei der Demande kloer nogewise ginn, datt se de Service Depannage ubidden. An si dierf nëmmen agesat ginn, wann se en Depannage maachen an do kréien se och nëmmen 2 Vignettë pro Stot, respektiv pro Entreprise an si kënnen maximal 3 Nummern drop schreiwen.

Da kommen ech elo zum Tableau vun dem ech virdru geschwat hunn, hei gesitt Dir den lwwerbléck wat elo déi 5 verschidde Vignetten sinn, wéi laang se daueren, wéi laang se gültig sinn, a mat de Präisser. Dat war et vu menger Sait.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech wollt just soen, datt mir vun der CSV ganz averstane si mat deem System, och mat der Opdeelung vun de Vignetten esouwuel Permanent wéi Provisoire wéi Visiteur. Ech denke grad bei Permanent, et kritt een 2 Nummere pro Stot, dann ass et jo awer esou datt ee fir 4 Autoen an engem Haus kann eng Vignette kréien. Dat war ëmmer e bëssen dat wat d'Leit monéiert hunn. Si hu gemengt, et kréich ee wierklech nëmmen eng Vignette oder zwou Vignettë pro Stot. Dat heiten ass dem Besoin vun den Leit och Rechnung gedroen. Och déi aner Vignetten, Provisoire a Visiteur, do si mir ganz domat averstanen. Ech hu just eng Fro, Sait 47 steet wann s de eng Vignette abusivement utiliséiers, da muss de se ofginn, ass do keng aner Strof virgesinn? Dat ass meng Fro well dat heescht jo, da kasséiere mir d'Vignette an, da freet deen eng aner Vignette un. Ass do näischt am Gesetz virgesinn, datt een dann awer do villäicht – wann et zum Beispill Recidivistë sinn – kann e bësse méi stramm virgoen an deem effektiv wéi laang keng Vignette méi ginn.

An dann hunn ech awer eppes ze soe bei der Vignette professionnelle. Wat natierlech ze begrëssen ass, ass datt een dat ausstellt, mä – mir hate schonns Rieds gehat – esou Reseau wéi Help oder Hëllef doheem, déi kréien eng Vignette fir 3 Autoen. Reseau wéi Help oder Hëllef doheem, déi hu jo relativ vill Autoen, wann et awer elo e kleng Reseau wéi d'Verbandskëscht ass, déi brauchen net sou vill, do ginn der 2 duer, mä anerer wësse jo net wou se wéi een asetzen, dat gëtt jo och fir déi eng relativ deier Saach. Ass do geschwat gi mat deene Reseauen, sinn déi averstane mat där Propos, déi mir hei um Dësch leien hunn? An dat selwecht ass mat den Handwerksleit, do sinn am Fong zwou Froen, déi contraire sinn. Éischtens emol geet et duer fir den Handwerksmann mat enger Vignette, op déi se dräi Autoe schreiwen. Op déi aner Manéier muss ee soen, wann se vill Vignetten ufroen, kënnen se iwwerall stoe well et ass jo wahrscheinlech schwéier ze kontrolléieren ob se wierklech aktiv grad um schaffen sinn, net datt mir herno de Problem hunn, datt



mir iwwerall Camionen hunn. Dat ass sécher e bëssen esou eng Gradwanderung wou ee kucke muss wéi een dat handhaabt.

An dann eng konkret Fro, wéi ass et mat de Remorquen? Et sinn och Leit, déi einfach Remorquen op der Voie publique stoen hunn, éiweg an dräi Deeg, kann een do eppes maachen, kréien déi och eng Vignette? Well déi musse jo och ugemellt ginn. Wéi gëtt dat gehandhaabt, wéi eng Vignette géifen déi kréien?

An da wollt ech op e konkrete Problem hiweisen: Et ass eis zougedroe ginn, datt en Auto mat enger Parking-résidentiels-Vignette eng Behënnerteparkplaz hei beim Pompjeesbau relativ laang besetzt. Wat kann een do maachen? Do kann een näischt maachen, wann e lege artis do steet. Mä mir hunn nëmmen eng Behënnerteparkplaz, an déi aner Leit, déi da kommen, déi sinn dann embêteiert. Do muss e vläit awer e kleng Message an den Auto leeën. Oder ass dat eng Utilisation abusive? Neen, am Fong net, dat sinn ëmmer esou Gratwanderungen, wou et net einfach ass.

Mä wat ech dann awer nach wollt konkret froen, steet och do, datt d'Administration communale do och kann Autoen eng Vignette ginn. Do wollt ech froen, wéi maache mir dat hei konkret? Éischtens, wéivill Gefierer huet eis Gemeng? Wéivill Vignettë wollt d'Gemeng wéi enge Servicer zoukomme loossen? Well et ass jo och d'Gefor, datt eng Kéier e Gemengeservice-Auto op enger Platz steet, déi am Fong geduecht ass fir d'Bierger aus de Stroossen. Hutt Dir lech do schonns Gedanke gemaach konkret, wéi Dir dat wëllt limitéieren? Hu mir iwwerhaupt genuch Parkméiglechkeeten owes fir all eis Gemengeservicer? Dat ass eng Fro déi sech och d'Bierger vun dobausse kéinte stellen. Soss si mir averstanen och mat der Taxë-reglementatioun. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen, wann een handicapéiert ass an et wunnt een am Parking résidentiel, dann huet een esouwuel déi eng Vignette, dat ass am Fong déi résidentiel, zegutt an et huet een eng Plaquette, datt een handicapéiert ass. Ech gesinn eis elo schlecht zu deem soen, du dierfs net hei stoen. Dat eenzegt wat een kéint maache wier déi Behënnerteparkplaz op eng gewëssen Zäit ze limitéieren, mä dann hues de de Bierger erëm um Hals well déi Plaze si jo extra esou gemaach, méi grouss, méi breet fir, datt dee gutt erauskënnt. Ech weess jo elo och net wat déi Persoun huet, si kann och eppes un der Hand hunn, mä si kann och am Rollstull setzen. Mir kënnen deem kaum verbidden do ze halen. Abusiv, ech mengen, wa mer erausfannen datt een dat abusiv e puermol mécht, dann kënne mir Plainte féieren ech mengen awer, datt dat net esou dacks wäert geschéien, ech krut och nach ni mat, datt ee mat der

Vignette, déi mir elo hunn, abusive Gebrauch gemaach hätt.

Iwwregens, déi 2 Nummern dropschreiwen, mir änneren de Moment näischt um bestehende System, weder um Präis, nach um bestehende System. Du konns ëmmer deng 2 Nummern drop schreiwen, du dierfs allerdéngs nëmme mat engem Auto dee Moment op der Voie publique stoen. Dat heescht, du muss awer dän aneren Auto an d'Afaart oder an d'Garage stellen. Mir änneren näischt drun, dat war nach ëmmer esou, et ass heiansdo e bësse komplizéiert ze verstoen, ech mierke jo och fir eis ass et net einfach, mä et bleift dobäi, et ännert näischt.

Dat anert war d'Reseauen oder d'Handwierker. Also, wann ee géif mat hinnen diskutéieren, da wëll all natierlech all Handwierkerbetrib an all Reseau esou vill Vignettë wéi nëmme méiglech. Mir hunn e bësse mat den Nopesch-gemengen an de Gemengen, déi Parking résidentiel hunn, geschwat a gekuckt wat fir Erfahrungen déi gemaach hunn, hei ass et eppes wou mir hinnen entgéint kommen, do virdrun haten se näischt a wat mir méi Vignetten erauskréien, wat mir manner Parkplazen hu fir de Bierger.

An eis geet et dorëms, datt den Diddelenger Bierger Parkplaze kritt zumindest mol do wou et méiglech ass, an am beschten no do wou e wunnt, et gëtt keng Parkplaz-garantie weder mat Vignette nach ouni, mä wat mir méi Vignetten eraus ginn och u Réseauen, wat et méi komplizéiert gëtt, dofir warnen ech virdrun, massiv dat doten opzemaachen. Eng Remorque kritt doudsécher keng Vignette, wann s de eng Remorque hues ass et och net fir déi op der Voie publique stoenzeloossen, da solls de déi ënnerdag huelen, du kanns jo dann dän Auto erausstelle well mir kënnen net fir alles hei eng Léisung fannen. An ech mengen, dann hätt ech alles gesot.

Ah jo, d'Administration communale: Wéi gesot, do si mol eng Kéier déi vum Depannage, dat ass relativ schnell gekuckt wien dat ass. Mir wëlle kucken, datt och eis Autoen eng Vignette hunn. Firwat? Dat ass net fir datt déi solle Parkplazen ewechhuelen, mä et ass fir datt d'Leit net soen "Nu kuck emol, do parkt de Gemengenauto ech muss ageheien, an si kënnen egal wou parken an halen, wou se wëllen". Dofir kucke mir wéivill Autoe mir hunn a wou et och Sënn mécht. Mir hunn och genuch Parkméiglechkeeten, bei der Regie do ënnen, wou fréier den EMO war, ass genuch Parkplaz fir eis Autoen, hei hannert der Gemeng, beim Gaswierk, mir hu genuch Parkplazen a Garagë fir eis Autoen ënnerdag ze stellen déi Zäit wou se net gebraucht gi mä och mir maachen am Gas zum Beispill Depannage, an déi brauchen dann esou eng Vignette.



ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech kann et och erëm ganz kuerz maachen, mir sinn averstane mat den Taxen a mat de Vignetten, mir sinn der Meenung, datt mat den neien Bestëmmungen all Situatioun misst ofgedeckt sinn an et ass och gutt, datt ofgewart ginn ass wéi eng Erfahrungs mat deene meeschte Vignettë gemaach gi si fir dat dann elo unzepassen. Dofir stëmmen mir deem Ganzen zou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gëtt et nach weider Stellungnahmen? Neen? Da géif ech virschloen, datt mir zur Ofstëmmung vun deenen zwee Reglementer kommen, engersäits dem Règlement général, wou och d'Vignetten dra sinn an anerersäits dem Règlement de taxes, dee wichteg ass fir d'Vignetten kënnen ëmzesetzen.

Wien ass mam Règlement général averstanen?

Dat ass unanime.

Wien ass mam Règlement de taxes averstanen?

Dat ass unanime.

Merci an och Merci un lech zwee, datt Dir hei waart fir d'Erklärungen ze ginn.

3.2. Approbatioun vum gratis Cessiounsakt mat dem Här Roger Pierre Diederich

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da fuere mir weider a mir kommen bei eng Rei Akten. Den éischten Akt ass eng Cession gratuite tëschent dem Här Diederich an der Gemeng Diddeleng an et geet hei an der Rue de la Chapelle ëm 1,17 Ar an am Fong gëtt déi Cessioun gemaach am Kader vun der Utilité publique, dat heescht Integratioun vun der Parzell an d'Voirie communale. Hei sinn déi klassesch Situatiounen, wou d'Voirie communale nach a privater Hand ass a wou mir se eriwuerhuelen an d'Utilité publique. Ass de Gemengerot mat dëser Cession gratuite averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.3. Approbatioun vum Verkafsakt mat der Koppel Fonseca-Dos Santos Fonseca

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir zu engem Acte de vente mat der Koppel Fonseca-Dos Santos Fonseca. Hei gi mir an de Quartier Italien, mir maachen den Acte de vente tëschent dem Här José Carlos Fonseca an der Madamm Dos Santos Fonseca. Et geet ëm 0,18 Ar an der rue des Minières an 0,72 Ar an der rue des Minières, am Ganze wéi gesot 0,90 Ar, déi mir kafen, dat zum Präis vu 50 000 Euro. Mir kafen dat well et hei ëm den Amenagement extérieur geet vun der Crèche am Quartier Italien, dee voll amgaangen

ass am Kader vun dem Amenagement vun der Structure publique déi mir amgaangen sinn, Amenagementen och dobaussen, wou d'Spillplaz hikënnt a wou een deen dote mat an den Amenagement mat eranhëlt fir der Spillplaz och en anere Charakter ze ginn, respektiv och e Passage kënnen ze maachen. Wann een et net kaf hätt, wier et méi schwierig gewiescht fir d'Amenagement ze maachen, dofir kafe mir déi zwou Parzelle fir deem Aménagement extérieur an där ganzer Crèche deen néidegen Espace ze gi fir datt Kanner och herno dobausse kënnen spillen. Dat zu der Erklärung wat dësen Akt ugeet. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech Merci.

3.4. Approbatioun vum Verkafsakt mat der Madamm Mélanie Majerus

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir weider op en aneren Akt, dat ass dee mat der Madamm Majerus. Dir kënnt lech drun erënneren, datt mir virun e puer Wochen hei iwwer Frais d'aménagement vun der Schoul Gaffelt geschwat haten. Wéi gesot, bei deem Deel wou mir och d'Extensioun gemaach hu bei der Maison Relais wéi och vun der Ecole fondamentale, do hate mir hei e Kredit gestëmmt, an haut hu mir hei engersäits den Akt awer och den Devis estimatif fir d'Acquisitioun ze maache vun engem Terrain, wou mir herno wëllen e Fußballsterrain, respektiv och e Schoulgaart ariichten. Déi éischt Etapp muss déi sinn, datt mir mol den Terrain kafen, do si mir eis mat der Madamm Majerus eens ginn, datt mir wélten an der Rue du Chemin de fer 5,53 Ar kafen, dat zum Präis vu 66 360 Euro an da kafe mir dat am But vun enger Utilité publique, well mir do eng Aire de jeux wëllen amenagéieren an dat och wëllen accessibel maache fir d'Schoulkanner aus deem Quartier, e flotte Projet, an d'Suite logique vun deem Akt ass den Devis.

3.5. Approbatioun vum Devis fir den Amenagement vun engem Fußballsterrain an den Alentours vun der Schoul am Quartier Gaffelt

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech géif do iwwersprangen op den Devis estimatif, deen Dir virleien hutt fir effektiv de Fußballsterrain, respektiv de Schoulgaart an dat an der Héicht vun 110 000 Euro. Mir wëllen och do eng zousätzlech Fläch schafe fir d'Primärschoulkanner aus deem Quartier an och iwwer deen dote Wee iwwer de viregte Projet, dee mir virun zwou Wochen am Gemengerot gestëmmt hunn, och mat deem heiten e flott Amenagement hu ronderëm d'Gaffelter Schoul. Dat als Erklärung zum Akt, awer och dem Devis estimatif, deen de Gemengerot hei virleien huet.



D'Diskussioun ass op.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, ech wollt just froe firwat dee Präis esou héich ass par rapport zu der Rue des Minières an dann deen heiten Terrain? Dat ass pro Ar bal dat Fënneffacht.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech géif dann an eise awer och am Numm vun der Schoul Gaffelt - woubäi d'Iddi vun enger Sportsplaz op dëser Parzell scho laang an eise Käpp gewiescht ass - der Madamm Becker-Majerus Merci soen, datt si bereet war fir der Gemeng den Terrain ze verkafen, deen d'Schoul Gaffelt onbedéngt brauch. Ech hat et scho gesot a widerhuelen et nach eng Kéier, deen Terrain entlaascht de Schoulhaff vum Gebai an hei sinn am Gesetz virgeschriwwen, 5 Quadratmeter pro Kand. Dat kann duerch d'Realisatioun vum Sportsterrain erfëllt ginn, virun allem, datt mir eng laang ëmstridden Aktivitéit wéi de Foussball, déi fir vill Boboen zoustänneg war, aus dem Schoulhaff erauskréien.

Et ass kloer, datt all Kand net ka während a no der Pausenzäit alleng op deen Terrain goe kann, dat muss am Virfeld organiséiert ginn, wie vum Personal d'Kanner begleet dohinner - an erëm zeréckbegleet a natierlech muss do während der Pausenzäit Surveillance gehale ginn. Ech begrëssen och, datt de Couvrement vum Terrain synthetesch Wuess ass, sou datt den Terrain dat ganz Joer genotzt ka ginn an d'Kanner weider keen Dreck mat an d'Schoulgebai schleefen. Da wier awer och fir ausser Futtball oder aner sportlech oder spilleresch Aktivitéiten, Plaz si fir Héichbeeter, déi mir bal bei all Schoulgebai déi keng Platz hu fir e Gaart, virfannen. Dat eenzeg wat am A behale muss ginn, vu, datt dru geduecht gëtt, dësen Terrain fir all Mënsch accessibel ze maachen, et net zu zevill Kaméidi, besonnesch owes, fir déi Leit, déi ronderëm wunnen, féiert, besonnesch well den Terrain am Passage läit an et do immens schaalt a well den Terrain a sech jo och scho schéi roueg a verstoppt do läit. Alles an allem eng super Saach, deen Investissement do ass ganz ze begrëssen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang, ginn et nach weider Stellungnahmen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da soen ech Merci fir déi Zoustëmmung fir de Projet.

Zu der Fro vum Här Martini, Dir konnt jo an Ären Akten noliesen, an der Rue des Minières kafe mir 2 Parzellen, dovunner ass eng occupée gerechent, dat ass eng Stellplatz, dofir ass den Ar-Präis do en aneren, well mir hei am Fong en normalen Terrain kafen an dat schielt sech kloer aus den Akten, déi Dir virleien hutt, eraus. Dat zu den Erklärungen. Da géif ech proposéieren, datt mir iwwer

den Akt ofstëmme fir déi Spillplaz ze amenagéieren. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

Ass de Gemengerot dann och mat dem Devis estimatif fir den Amenagement vum dëser Spillplaz averstanen? **Dat ass och unanime.** Merci, da kënne mer zur grousser Freed vun de Kanner déi Aarbechten do an Ugrëff huelen.

3.6. Approbatioun vum Devis fir d'Renovatiouns- an Transformatiounsaarbechten vum Haus op Nummer 37-39, rue du Commerce, als Sozialwunnengen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech zum nächste Punkt iwwer goen, ech begrëssen dann och an eiser Ronn den Här Schwarz a senger Qualitéit als Architekt an den Här Felipe Guterres aus eise Service Technique well et haut hei dorëms geet fir matzen am Stadkär vum Diddeleng en neie Wunnengsbauprojet virzestellen, deen d'Gemeng wëll an Eegeregie ëmsetzen. Dir kënnt lech drun erënneren, datt mir virun e puer Wochen, Ufank Februar, dat dote Gebai wat mir hei virstelle wëllen an dat op 37-39 an der Rue du Commerce läit a fréier Scheier eng war, op den Inventaire supplémentaire setze gelooss hunn an de Feu vert ginn hu fir dat ze maachen, well dat Gebai en Zäitzeien ass vum Diddeleng, wéi Diddeleng nach e méi rurale Charakter hat viru senger Industrialiséierung. Do huet de ganze Gemengerot Feu vert gi fir dee Schratt ze maachen an haut ass eben d'Suite logique fir an där fréierer Scheier, wat am Fong zwee Haiser sinn, e subventionéierte Wunnengsbau wéi gesot e Projet an deem fréiere Gebuertsschäi vun der Stad Diddeleng.

Dat heiten ass och e Projet, dee mir a ganz enker Zesummenaarbecht mat Sites et Monuments gemaach hunn, a wou et am Fong an déi Richtung geet, datt mir op deenen zwou Adressen do engersäits zwou Sozialwunnengen maachen an awer och zéng Chambre-meublées - do wäerten och den Här Schwarz an den Här Guterres méi am Detail op dee Projet agoen - wou mir eis och ofgestëmmt hu mat Sites et Monuments a wou mir och wäerte probéieren, en Deel vun deem rurale Charakter nozebauen, respektiv erëm zum Virschäin ze bréngen, matzen am Stadkär vun der Stad Diddeleng. E ganz ganz flotte Projet, Dir kënnt lech och drun erënneren, datt niewent dem Budget, dee mir hei haut stëmmen - dat si gutt 1,7 Milliounen Euro - datt niewent der Depense, déi mir hei tätegen, och Subside virgesi sinn, engersäits vum Logementsministère, wéi dat bei esou Projeten üblech ass, mir awer och Subside wäerte kréie vu Sites et Monuments, vum Ministère de l'Environnement, awer och well dat heiten e Projet ass, wou den Office Social sech um Finanzement betätegt, well hei och d'Logik ass,



datt wann de Projet bis fäerdeg ass, dann d'Gestioun vun deenen 12 Wunnengen dem Office Social iwwerdroe gëtt. Dat ass also e ganz flotten neie Projet punkto kommunale Wunnengsbau am Stadkär. Dat wollt ech generell als Introduktioun, wat dëse Projet ugeet, maachen, an ech géif dann elo ganz gär d'Wuert weiderginn un den Här Schwarz an den Här Guterres, déi méi am Detail op d'Ausarbeitung vum Projet aginn. Dir hutt d'Wuert.

CHRISTOPHE SCHWARZ (ARCHITEKT): Ja, villmools Merci, ich werde mich kurz vorstellen, ich bin Christophe Schwarz, ich hab ein kleines Büro in Ahn an der Mosel und wir durften jetzt für ihre Gemeinde dieses Projekt, das ist Stand Avant-projet, wir haben schon relativ weit vorgearbeitet, so dass wir uns hier an Hand von all den Plänen uns das ganz schön angucken können. Am 11. Juli haben wir den Avis von Sites et Monuments gekriegt, was sehr positiv ist weil Sites et Monuments dieses Projekt sehr begrüßt, auch die Mise sur l'inventaire supplémentaire begrüßt, weil es immer in Luxemburg noch zu wenig geschützte Gebäude gibt, verglichen mit Österreich oder Bayern, da ist die Quote sehr hoch, in Deutschland. Wenn es auch ein unscheinbares Gebäude ist, ist es einfach ein Zeitzeuge für die ländliche Entwicklung hier in Luxemburg, man sieht hier sehr schön die Entwicklung, man hat hier ein paar historische Fotos gefunden. Da ist der Wohnbereich, der quasi aus der Barockzeit ist, der ein sehr altes Gebäude darstellt, und auf der rechten Seite sieht man eine kleine Scheune, keine sehr große aber man sieht hier das Scheunentor. Das ist eine kleine Fermette im Prinzip.

Wir haben zwei Nummern im Objekt aktuell, 37 und 39. 37 ist der alte linke Teil, wo Sites et Monuments jetzt sehr großen Wert darauf legt, dass wir hier - man sieht hier den aktuellen Zustand, die Sandstein-Encadrements sind sehr gut erhalten und original, dass wir den restaurativ noch mal sehr schön herausarbeiten und auf der rechten Seite hier haben wir eine Überformung drin, die, sagen wir mal, aus den 70er Jahren vermutlich stammt und die jetzt nicht so optimal ist, die wir gern wieder zurückführen würden, und ein Ziel ist, dass wir dieses alte Scheunentor wieder herrichten als Geste der Öffnung nach außen zur Stadt und als Idee, dass wir das Gebäude auch nochmal nach draußen öffnen. Das sind die aktuellen Bilder hier von dem Zustand, da sieht man jetzt, die Scheune ist komplett überformt worden, hier sind andere Öffnungen reingeschnitten worden, das Tor wurde geschlossen, da ist jetzt ein breiter Eingang und der Seitengiebel hier ist ebenfalls jetzt nicht gerade sehr gut gestaltet von den Öffnungen her, da haben wir uns ein ganz neues Konzept überlegt für die Fassadengestaltung. Das hier ist der alte Flur, der hinter dem Haupthauseingang liegt, da haben wir jetzt auch eine kleine Diskussion

mit Sites et Monuments, was auch schon reingeschrieben wurde in den Avis, dass der Plan vielleicht noch ein bisschen geändert werden muss, da müssen wir noch bisschen diskutieren, weil die diesen Flur gerne erhalten hätten.

Wir haben dann im hinteren Bereich die Buanderie rein-geplant und einen größeren Raum für die Abstellmöglichkeiten, das ist so ein bisschen das Schwierige bei dem Projekt, wir sind limitiert von der Fläche her und müssen jede Menge Anforderungen vom Office social da unterbringen und da ist eine gewisse Schwierigkeit dabei. Das ist der Hof, es gibt einen ganz kleinen Außenbereich, kein Garten in dem Sinn, sondern ein kleiner Hof, den werden wir freisetzen, die Überdachung wird rausgenommen und entsiegelt damit da auf der kleinen Fläche, die wir zur Verfügung haben, Regenwasser einsickern kann. Das ist der Bereich des barocken Wohnhauses, das sind ganz einfache Holzdecken, ein sehr einfache Objekt, sehr schön auch, da werden Diskussionen wegen Brandschutz kommen wie wir die Decken dort eventuell erhalten können, also diese Diskussionen müssen noch geführt werden, wie das Restaurierungskonzept auf dieser Seite aussieht. Auf der anderen Seite können wir größere Interventionen machen, da werden wir neue Treppen einbauen und da haben wir jetzt weniger Auflagen von Sites et Monuments.

Da habe ich jetzt schon einiges vorweggenommen, also bei diesen Objekten, es ist ja so ein semi-öffentlicher Bereich, stellen sich immer Fragen gerade zum Schallschutz und Brandschutz, da hatten wir schon mit der Feuerwehr jetzt Diskussionen, wie wir das regeln können, wir haben über den Compartmentage schon gesprochen, wie die Fluchtwege sind, das muss dann abschließend für den Bauantrag reguliert werden. Dann haben wir hier beschrieben, dass also im Prinzip, was die Kosten angeht, eine Generalsanierung geplant ist, wir haben da jetzt alles berücksichtigt, wir müssen das Dach erneuern, weil wir müssen das minimal anheben um die Vorgaben für die Räume einzuhalten, das Dach wird erneuert, wir werden neue Fenster einbauen, die Decken müssen teilweise angepasst werden, also wir haben im Devis estimatif eigentlich alles berücksichtigt was einer Generalsanierung entspricht. Neue Heizungsanlage etc.

Zum Programm. Das Ziel ist in dem Objekt, Menschen, die Probleme haben, eine vorübergehende Unterkunft zu gewährleisten. Weil dieser barocke Teil erhalten bleiben soll in seiner jetzigen Struktur, haben wir entschieden, dass wir auf dieser Seite mit 2 Appartements arbeiten, die dann auch für Familien geeignet wären und auf der rechten Seite, auf der Nr. 39, haben wir die Chambres meublées geplant, dass wir so eine Mischung drin haben aus Einzelzimmern und für Familien geeignete Räume. Geplant sind 2 Appartements, Erdgeschoss und 1. Etage in



dem Bereich links, und rechts sind über die 1. Etage und das Dachgeschoss 10 Chambres meublées geplant, also schon eine ganz ordentliche Anzahl an Räumen.

Hier sieht man im Obergeschoss 4 Chambres meublées, jeweils 10 Quadratmeter groß, oben nochmal 6 und geplant sind im Erdgeschoss eine große Gemeinschaftsküche und im Dachbereich eine Gemeinschaftsküche und dann entsprechende Sanitäranlagen, die werden wir gleich auf den Plänen sehen. Da habe ich viel vorweggenommen, wir gehen jetzt am besten zu den Plänen am besten. Wir haben eine ganze kleine Unterkellerung wie wir gesehen haben also es ist nicht unterkellert das Objekt, deswegen haben die jetzt vorgeschlagen, dass wir den Erdgeschossbereich auf jeden Fall nach unten gut isolieren.

Das Thema Energiekonzept haben wir jetzt mal ansatzweise diskutiert, es ist noch nicht in Auftrag gegeben, dann eine Energieberatung durchzuführen, die notwendig ist, um dieses Siegel zu bekommen von myenergy. Aber dass wir nach unten zum Boden eine sehr gute Dämmung machen und das Dach auch sehr gut dämmen, denn wir haben Fläche innen drin, mit den Chambres meublées haben so schon sehr rum jongliert, dass wir überall 10 Quadratmeter eingehalten haben so dass wir uns da keine Innendämmung leisten können. Was jetzt für die Außenwand die einzige Möglichkeit zur Dämmung wäre ist eine Innendämmung, weil Sites et Monuments bei geschützten Objekten keine Außendämmung akzeptiert. Deswegen haben wir gesagt, die Wände sind recht dick, wir verzichten sehr wahrscheinlich auf die Dämmung der Außenwand damit wir wie gesagt die Quadratmeterzahlen einhalten können für die Chambres meublées. Aber das muss man in konkreten Energiekonzepten herausarbeiten, es gibt den Wunsch von Seiten der Gemeinde, dass wir eine Lüftungsanlage einbauen.

Das Problem ist immer bei diesen Objekten, wenn wir jetzt dort neue Fenster einbauen, mit den heutigen Standards, auch wenn das eine Zweifachverglasung ist mit doppelter Dichtung, dann sind die Gebäude dicht. Wenn dann nicht gelüftet wird, dann gibt's Probleme mit Schimmel unter Umständen da die Feuchtigkeit dann nicht heraus kann, bei den älteren Fenstern haben wir einfach eine gewisse Transmission von Luft, die das rausschafft und das ist da bei diesem Objekt nicht mehr gewährleistet und da ja hier niemand darüber wacht, wie die Nutzer sich verhalten, wäre es sinnvoll, eine Lüftungsanlage einzubauen, wie ich das in dem anderen Objekt gesehen habe vom Office social, das wird noch eine gewisse Challenge weil die Kanalleitung, die dazu zu verlegen ist, also die Lüftungskanäle, die muss man halt unterbringen können, und das ist bei Holzbalkendecken eine schwierige Kiste. Wir werden aber versuchen, das im Ingenieurbüro zu lösen, es gibt immer Lösungen, man muss halt darüber etwas nachdenken.

Hier ist im Prinzip geplant, den Haupteingang von dem Objekt zu machen für das Chambre meublée, hier wäre nur noch der Eingang für diese Wohnung im das Erdgeschoss, das ist dieses Appartement und auf der Seite haben wir die Gemeinschaftsküche, den Essraum und hier hinten die Räume für Fahrräder und die Mülltonnenabstellung und die Buanderie. Da haben wir eine Diskussion, da hätte Sites et Monuments gerne, dass der Flur hierdurch geht wie er war, das Gelbe sind die alten Mauern, die wir jetzt abgerissen haben, das ist noch so ein Punkt, der offen ist. Dann sieht man hier oben, man kommt dann hier hoch und dann hat man hier die ersten Chambres meublées, das sind dann 4 Stück auf der Etage und hier hinten ist der Sanitärbereich, auf der linken Seite die 2. Wohnung auf der ersten Etage und oben im Dachgeschoss gibt es dann ein Niveau nur mit Chambres meublées, die komplett rüber gehen, da haben wir auch die Möglichkeit von der Höhe her den Schallschutz zu verbessern gegenüber dem Appartement was da drunter liegt, so dass das auch funktioniert. Wir haben uns hier entschieden bei dem Projekt, auch das Local technique hier oben unterzubringen, weil im Erdgeschoss kein Platz ist und kein Keller zur Verfügung steht. Dann sind hier auch noch einmal die Sanitärbereiche und hier vorne ist die Gemeinschaftsküche die dann auch über Eck nach außen geöffnet ist.

Das ist die Hauptansicht, da sieht man jetzt hier – wir haben es gegenübergestellt – hier oben der Ist-Zustand und hier unten die sehr schöne historische Aufnahme, weil man hier gut sieht wie das Objekt dann mal ausgesehen hat. Die haben jetzt nicht im Detail die kleinen Öffnungen übernommen, aber das man da wieder die Historie herstellt mit dem Bardage versieht wo die Verglasung dahinter sein kann, damit auch mal Licht hineinkommt, dass vom Einblick seitlich dieser Holzcharakter erhalten bleibt und da haben wir über die Position der Gaube gewisse Diskussionen mit Sites et Monuments, das sind Kleinigkeiten, die wir problemlos mit Herrn Voncken gelöst bekommen. Das ist der Seitengiebel, der wird also komplett anders aussehen, weil wir da jetzt die Öffnungen, die wir da haben, die sind nicht so für unser Konzept geeignet deswegen haben wir uns entschieden, komplett neue Öffnungen zu setzen und mit einer Teilung in der Mitte, dass die von der Öffnung her praktisch sind, was auch diesen Objekten immer besser passt.

Das sind noch ein paar Visualisierungen, da sieht man hier oben noch mal im Kontext, wie es jetzt aussehen könnte, wir machen da ein etwas abgetöntes Weiß, ein bisschen ins Beige gehen, das werden wir aber noch festlegen mit Sites et Monuments, auch für die ganzen Encadrementer, das sind dann Details, wie der Sandstein gefasst wird, die Klappläden, das werden wir in Ruhe mit Herrn Voncken abstimmen.



Das ist die Gemeinschaftsküche oben im Dachgeschoss, das ist der Hauptzugang von unten, das wäre der Eingang in die Gemeinschaftsküche im Erdgeschoss. Das ist nochmal die Flächenaufstellung, da bin ich im Detail jetzt nicht drauf eingegangen, nur grob, also wir haben 2 Appartements von 57 Quadratmeter und 67 Quadratmeter und die 10 Chambres meublées sind 110 Quadratmeter etwa reine Zimmerfläche und nochmal 180 Quadratmeter Gemeinschaftsräume, alles was Küche, Bäder und Nebenräume darstellt.

Die Kostenaufstellung haben wir relativ detailliert dargestellt, mit einzelnen Punkten. Wir haben versucht, soweit möglich von Demolition über Gerüste die Dachmaßnahme so weit wie möglich einzugrenzen damit wir eine recht gute Kostenschätzung hier vorliegen haben, das ist natürlich trotzdem eine Schätzung, weil mit den Ingenieuren jetzt dann die Maßnahmen im Detail abgestimmt werden müssen aber es ist schon vom im Ansatz her so, dass wir mit dem Budget hinkommen sollten. Das sind nochmal die Details, die sind zu klein um hier zu sehen, da haben wir die einzelnen Maßnahmen nochmal aufgesplittet für die einzelnen Fensterbauteile, wir haben auch beim Dach sehr wahrscheinlich Asbest drauf, da muss die Asbestentsorgung berücksichtigt werden. Die Fenster, wie gesagt. Der Putz wird neugestaltet, der vorhandene Putz ist nicht mehr original, auch nicht im barocken Haus, den werden wir mit Kalkputz wieder herstellen auf die traditionelle Art. Was die Innenbeläge angeht, wir haben da jetzt mal Kautschuk für die Chambres meublées als robusten Belag angesetzt und im Erdgeschoss hat Herr Voncken einen Béton ciré vorgeschlagen, das müssen wir aber noch sehen, wie das von der Nutzung her ist, aber das sind Details, wir haben kostenmäßig auf jeden Fall Ansätze genommen, die da noch Flexibilität ermöglichen. Das wäre der Überblick. Wenn Fragen sind, können wir gerne noch ein bisschen mehr ins Detail gehen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER):

Merci für d'Präsentation, Dir hutt eraushieren, dass et hei doräms geet, e bestehend Gebai um Inventaire engersäits ze valorisieren an deem awer och eng sozial Utilitéit ze ginn, an der ganzer Flexibilität déi eis virun Aen ass für den Émbau ze maachen, nach ass dat heiten awer e Projet, deen e ganz flotte Charakter huet, wa mer dee bis émgésat hunn. Dat zu den Ausféierungen an d'Diskussion ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Bürgermeester, Merci Här Schwarz für Är Ausféierungen. Am Budget 2018 ass e Kredit vu 500 000 Euro virgesi gewiescht für d'Caramuta-Haus ze renovieren an elo stellt Dir eis hei e Projet für, deen awer dräi mol esou héich ass am Devis, dat sinn awer 1,6 Milliounen Euro, déi sollen

hei investiert gi für 2 Wunnengen an 10 Chambre-meublées a wéi och hei drasteet, soll et jo och eng Subvention vum Ministère de Logement ginn, et steet hei am Text, 70% déi plafoniert ass. Wann ech elo richtig gekuckt hunn, komme 460 Quadratmeter, dat ginn dann 1 Millioun Euro, déi géife mir als Subsid vum Ministère du Logement kréien, an dann ass jo och nach virgesinn, vu Sites et Monuments nach eppes ze kréie mä – an elo kënnt e grouse MÄ - kee Mënsch kann eis eng Garantie ginn, dass mir mat deem Devis do hikomme well mir erënneren eis mat Schrecken drun, bei der Renovatioun vun deene zwee ale Gebaier für d'Maison sociale, do waren esou vill Imprevuen. D'Haus 25 hate mir deemools für 500 000 Euro kaf an dann d'Renovatioun hat herno en Dépassement vun 11%, also dat huet eis 752 000 Euro herno kascht a virun allem d'Haus 27 an der Commerce Strooss, dat huet eis 2,4 Milliounen Euro kascht, déi ganz Renovatioun, do war e Supplement vun 21%, deen huet misse gestëmmt ginn a mir haten als CSV am leschte Gemengerot mat erhobenem Zeigefinger gesot, dass ee besser soll oppassen éier een Devisen aschreift. Wéi et ëm den Ubau gaangen ass vun der Gaffelter Schoul, do waren esou vill Imprévuen an do hunn och eis 4 Klassensäll en Dépassement vun 30%, vu 500 000 Euro, also dat ass net näischt an ech fäerten, dass mir hei an déi selwecht Richtung kommen.

Firwat war deemools d'Maison sociale esou deier ginn? Ech gi kuerz drop an, Dir kënnt déi Saachen och am Rapport vum Gemengerot vum 13. November 2015 noliesen, do huet et och geheescht, déi al Mauere wëlle mir erhalen an duerno missten se wéinst der Etanchitéit awer neigemaach ginn, de Local technique gouf nogemaach, d'Elektresch war mat 71 000 Euro am Budget prévisionnel virgesinn, herno huet dat eis 230 000 Euro kascht, de Chauffage war mat 69 000 Euro ugesat ginn, herno huet deen 387 000 Euro kascht, d'Travaux de plâtre si vun 90 000 Euro op 121 000 Euro geklommen. Wéi gesot, et war esou well mir ganz optimistesche un déi ganz Saach erugaange sinn an et war alles awer méi baufällig a méi morsch a méi futti wéi mir geduecht hunn an ech fäerten, hei geet et eis d'selwecht an et gesäit een och schonn an der Baubeschreibung vun der Performance énergétique, eng Etüd ass do nach net gemaach ginn, do sinn och vill Onkloerheeten.

Dozou wollt ech och mol froen, zum Beispill hei steet ganz optimistesche, dass ee géif Panneau-solaires op den Daach setzen. Wéi geet dat herno mam Denkmalschutz, déi si jo och relativ streng, ech hunn och elo um Plang keng Panneau-solaire gesinn, wou stelle mir déi hin? Dann, wat och ze bedenke gëtt, dass déi Toiture, déi soll gehuewe ginn, dass ass eng ganz deier Geschicht, an och do sinn Imprevue well dat awer Gebaier sinn, dass dat net esou einfach.



En plus hat Dir selwer gesot gehat et gi schonns Diskussiounen, déi musse gefouert gi wéinst dem Brandschutz, a mat den Oplage vu Sites et Monuments, den Desamiantage, hei steet "le couvrement de la maison 39 est probablement d'amiante", d'Elimination de la toiture d'amiante ass mat 11 000 Euro am Budget virgesinn. Ech weess net, ob dat net och e bëssen optimistesches geduecht ass, dofir meng éischt Fro un de Schäfferot: Wat hat Dir lech virgestallt, wéi Dir den Devis vun 500 000 Euro agesat hutt? Wat waren och d'Virgabe vum Architekt? Wat war op der viregter Platz? War et d'Erhale vum Patrimoine deen och muss ënnerstëtzt ginn, oder war et d'Schafe vu soziale Wunnengen a vun eenzelen Kummeren? An do stellt sech och d'Fro, soziale Wunraum schafen, dat ass selbstverständlech eng Demande vun alle Bänken hei, do si mir eis alleguerten eens, mä ass et net méi logesch, mir ginn awer mat engem méi gesécherte Budget op de Wee fir en Neibau ze plangen bezéiungsweis wéi mir Am Duerf oder op Lenkeschléi déi Appartementer kaf hunn, déi hunn eis mat allen Subsidien, déi herno ofgaange sinn, déi hunn eis Gemeng just 186 000 Euro kascht.

Also, dofir ass meng Fro: Ass et net méi sënnvoll op enger anerer Plaz soziale Wunnengsbau ze bedreiwen an hätte mir net besser gehat e Concours d'idées ze maachen: Wat maache mir iwwerhaupt mat dem Carmuthaus? Ech erënneren drun, dat Haus läit direkt bei enger Schoul an enger Maison Relais, an hätt een dat Haus net kënne fir dës Besoinen benotzen? Ech erënneren drun, de Joël Michaux hat als Schouldirekter an der leschter Gemengerotssitzung erzielt huet, datt si a Verhandlung si fir eng Annexe an der Logopädie zu Diddeleng ze kréien, dat wier dach e Projet gewiescht fir d'Logopädie hei ënnerzekeréien, dat wier sécher net esou deier gewiescht vun der Renovatioun hir well ech denken, déi 10 eenzel Zëmmeren, do schafe mir 2 Kichen, wéi och geplangt ass, dat ass sécher eng aner Envergure. Wéi gesot, de Plafong muss erhéicht ginn. Wier et dann net besser gewiescht, mir hätten eis iwwerluecht fir um Campus Strutzbierg, ob et net do méi gescheit wier dat Haus an dee Campus anzeféieren an do eng aner Affektatioun ze maachen an och do hätte mir jo eng finanziell Ënnerstëtzung kritt vum Ministère de l'Education?

Dat war wéi gesot eng Propos an da fir soziale Wunnengsraum ze schafen, ech hunn et gerad gesot gehat, do hätt ee sécher kënne op en anere Wee goen. Mir hunn och ëmmer gefrot, mir wëssen am Fong guer net richteg wou mir dru sinn, mir hunn ëmmer gefrot wou hu mir Terrainen zur Verfügung, wou ass de Patrimoine, deen der Gemeng gehéiert, wou kënne mir do op en Neibau goen? A sécher mat manner Suen a méi previsi-belen Investier e soziale Wunnengsbau maachen.

Wéi Dir gesitt, d'CSV mault net nëmme mä mir hunn och konkret Proposen a mir hunn awer eng gewësse Skepsis vis-à-vis vun dësem Projet well mir virun allem fäerten, datt et eis geet wéi bei der Renovatioun vun der Maison sociale, datt d'Präisser explodéieren an datt mir herno extrem deier Sozialwunnenge bauen, déi mir dann och net esou subventionéiert kréie wéi mir wëllen, well wéi gesot de Subsid vum Ministère ass och plafonéiert. Dofir nach eemol meng Fro, wat war d'Premisse, solle mir de Patrimoine erhalen oder solle mir de soziale Patrimoine am Wunnengsbau hei schafen? Ech denken, dat heiten ass kee ganz gléckleche Projet fir déi zwou Saache mate-nen ze verbannen. Merci.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech wollt eigentlech näischt soe well et ass selbstver-ständlech, datt mir net kënne dogéint si wann e Patri-moine rural matten an enger Industriestad erhale gëtt, an och deen Zweck, deem en zougefuert gëtt, nämlech dem soziale Wunnengsbau, dat ass fir jiddereen heibannen eng Selbstverständlechkeet, mä meng Kolleegin huet mech bal perfiderweis dorunner erënnert, datt ech hei virun e puer Méint mam Bulldozer iwwer Sites et Monu-ments gefuer si fir drop hinzewiesen, datt wann et ëm de Patrimoine rural geet se ëmmer ganz äifreg si fir eppes ze klasséiere während se beim Patrimoine industriel zim-lech retizent sinn.

Den Här Schwarz huet och drop higewisen, datt Lëtze-buerg am Inventaire vun de schützenswäerten Immo-bilien net grad proaktiv ass par rapport zum Ausland. Dofir ginn ech nach eemol a mengen Ausféierunge vun deemools bestätegt, quitte, datt dat net esou Aus-wierkungen huet op eise Vote fir esou ee Projet. Am Zesammenhang mat der Remarque vum Här Schwarz, datt Sites et Monuments et net erlaabt u Baussefassade Wärmedämmungen unzebréngen, ass mir agefall, datt am Quartier Brill ganz vill vun deenen alen, schéinen Haiser mat Zillen elo mëttlerweil och mat Wärmedämmungs-fassaden bestüct sinn, déi dann dozou féieren, datt de Charakter, deen dee Quartier fréier hat, alteréiert gëtt. Elo weess ech net genau, ob dee Quartier ganz um Inven-taire supplémentaire ass oder op eenzel Stroossenzich et sinn, an ech wollt froen ob et zoulässeg ass, datt déi Haiser esou mat Wärmedämmungsfassaden bestüct ginn oder ob et net e Reglement gëtt, datt déi musse vu bannen isoléiert ginn. Dat war just eng Fro. Dat soll awer net dozou féieren, datt mir eis géinge bei dësem Projet enthalten oder dergéint stëmmen. Merci.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Merci, also mir als Dei Lénk begrëssen natierlech dee Projet hei, eppes anescht wier jo net virstellbar. Ech hu just eng Fro, um Plang si verschidde Kummeren agezeechent ënner 12 Quadrat-



meter Surface, d'Gesetz vum 25. Februar 1979 gesäit fir, datt et mindestens muss 12 Quadratmeter si pro Persoun. Do wollt ech froen ob dat e Lapsus ass oder ob dat anescht geplangt gëtt oder wat dat ass. Do wier ech frou eng Äntwert ze kréien. Merci.

MARTINE KOHN (LSAP): Moien, ech wëll och ufänke ma engem décke Merci un den Här Schwarz och fir dee ganze Projet an, datt deen elo schonns esou wäit developpéiert ass an, datt mir eis kënnen elo schonns e gutt Bild maache vun deem Projet. Dee Projet vun den Haiser 37-39 an der Rue du Commerce, dee mir jo schonns hei am Gemengerot gestëmmt haten, hält also elo Gestalt un. Mir all kënnen déi zwee al Gebaier um Fouss vum Strutzbierg an si sinn Zeien aus fréieren Zäite mat architektoneschen Elementer, déi derwäert sinn erhalen ze ginn. Esou stinn déi zwee Gebaier och um Inventaire vu Sites et Monuments an no enger Visite des lieux de 17. August vum viregte Joer hutt Dir am Avis geschriwwen, datt deen een Deel soll komplett erhalen ginn, op där lénker Säit an deen aneren a säin ursprénglechen Zoustand zeréckversat gëtt an erëm zou engem Wunnhaus transforméiert gëtt. D'Iddi ass jo elo, deenen zwee Haiser hiren urspréngleche Cachet erëmzeginn an eng intensiv Renovéierung ass dofir noutwenneg an dat no de Standarden vun haut, no den Energiekritären a Schall- a Brandschutznormen. Datt dat eng Rausfuerderung ass, dat ass eis alleguerten bewosst, mä do verlosse mir eis voll a ganz drop fir och an de leschten Detailer Léisungen ze fannen.

Dese Projet, deen och am Stadzentrum vun Diddeleng zu enger Plus-Value féiert, gëtt zum Deel och ënnerstëtzt vum Ministère du Logement an och vu Sites et Monuments, dat heescht, mir kréien do e groussen Deel vun den Depensen erëm an et ass eng Depense, déi drobar ass. Dat ass de Volet Architektur. Mindestens genau esou wäertvoll ass awer déi Ausriichtung, déi d'Gemeng Diddeleng deem Projet gëtt. Eis ass et wichteg, der prekärer Lag um Wunnengsmarché Rechnung ze droen, besonnesch wat Sozialwunnengen ubelaangt. Dat heiten ass also e kloert Signal vun dëser Majoritéit, hei aktiv ze ginn. Natierlech kann ee mat deem Haus honnert aner Saache maache mä fir eis war et ebe wichteg, proaktiv hei op deem Gebitt ze ginn an e Signal ze setzen. An deem nei renovéierte Komplex wäerten also an Zukunft 2 normal Wunnengen an 10 Chambre-meublée fir jeeweils 1 Persoun zur Verfügung stoen an den Office social iwwerhëlt dann och d'Gestioun. Wéi gewinnt ass do och näischt aussetzen, well eisen Office social funktionéiert exemplaresch gutt.

Ech wollt hei an deem Zesammenhang och soen, datt mir eis - wat de Präis elo ubelaangt - eng Kéier mussen doriwwer am kloere sinn, wat elo ënner dem Stréch

op eis duerkennt a wat mir op där anerer Säit dofir kréien. Wa mer elo kucken, wat d'Gemeng Diddeleng fir eng Dépense huet a wa mir kucken, wat dobaussen e Logement kascht, da mengen ech ass dat e Projet, deen duerchaus säi Wäert huet a seng Legitimitéit. Dës Sozialwunnengen wäerten also zu enger Entspannung punkto Sozialwunnengen hei zu Diddeleng féieren. D'Renovatioun erstreckt sech natierlech iwwer e puer Exercicer an am Budget war de Projet mat 500 000 Euro ugeschloe ginn. D'LSAP ënnerstëtzt dese Projet voll a ganz a félicitéiert de Schäfferot och fir dese wichtegen a wäertvolle Projet am Kader vum soziale Wunnengsbau zu Diddeleng.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnahmen dozou? Da kann den Här Schwarz op déi méi technesch Froen agoen an ech géif déi méi politesch Äntwerte ginn.

CHRISTOPHE SCHWARZ (ARCHITEKT): Zu der Frage mit der Innendämmung, das ist soviel ich weiß nicht über ein Reglement geregelt. Es ist klar, das Problem bei einem historischen Objekt, ist einfach, sobald man an die Fassade geht und eine Wärmedämmung drüber gibt, ist der ganze Charakter weg. Da wird ja teilweise selbst bei Häusern aus den 50er Jahren, wo es schöne Encadrements gibt, versucht, die aus Plastik wiederherzustellen und anzustreichen, das ist dann halt Disneyland. Das ist wirklich ein Witz. Und wir haben den Springfield Tower in London gehabt, eine Riesenschweineerei, was da mit der Dämmindustrie läuft, das sind kriminelle Machenschaften, weil über diese Dämmsysteme Feuer wunderbar propagiert wird auf andere Etagen. Hochhäuser sind katastrophal, beim Einfamilienhaus kommt man immer irgendwie raus, das ist aber eine ganz üble Geschichte mit diesen Wärmedämmverbundsystemen und nicht ohne Grund ist das von der Industrie alles propagiert worden und da sollte man bei solchen Objekten wirklich besser die Finger lassen. Es gibt gute Dämmsysteme, mit denen man arbeiten kann, da bleibt der Charakter erhalten und man hat eine Verbesserung der energetischen Performance.

Mit den Quadratmetern, das war jetzt die Vorgabe, die wir von der Gemeinde erhalten haben. Das mit den 10 Quadratmeter ist uns aktuell bekannt von den Vorgaben. Die Frage über die Priorität, was das Projekt angeht, also ich denke, bei dem Projekt ist beides wichtig. Es ist bei jedem Projekt so, es gibt sehr viele Anforderungen, gerade bei so einem relativ kleinen Projekt ist es schwierig, das Raumprogramm unterzubringen, was jetzt diese soziale Aufgabe mit sich bringt, dass eben auch genug Nebenräume da sind. Das dann zu verbinden mit dem Denkmalschutz ist eine Herausforderung weil ganz klar die Anforderungen teilweise gegeneinander laufen,



und Sites et Monuments sieht halt ganz stark die Substanz, die mit der modernen Denkmalpflege erhalten werden soll, was sich nicht mit den Brandschutzanforderungen verträgt und das sind halt Diskussionen, die müssen ausgetragen werden, aber letzten Endes weiß Sites et Monuments immer, ein Objekt das leer steht und weiter verfällt, so wie es bei dem Objekt im Moment ist, jedes andere Monument was leer steht, degradiert und wird letztlich abgerissen und das wäre bei so einem Objekt wirklich schade weil das eben ein Zeitzeuge ist, den man revalorisieren kann und auch sollte. Es ist halt so, wenn Originalsubstanzen weg sind, sind sie weg. Aber bei diesem Projekt ist beides gleichwertig zu sehen. Also, es sind immer Kompromisse, die da sind, wie im Leben.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Gëtt et soss nach weider Froen?

HENRI GLENER (LSAP): Ech wollt op déi 12 Quadratmeter zeréckkommen. Wat fir e Gesetz ass dat genau, wann ech froen dierf?

YVES JADIN (DÉ LÉNK): Et ass d'Gesetz vum 25. Februar 1979 et geet ëm d'Logements destinés à la location an et ass iwwerschafft ginn den 21. September 2006. Am Artikel 5 do steet dran "la surface au sol ne peut pas être inférieure à 12 mètres carrés pour le premier occupant", an da kommen 9 Quadratmeter pro zusätzlech Persoun derbäi dobäi. An de Plafong muss 2m20 Minimum sinn.

CHRISTOPH SCHWARZ (ARCHITEKT): Déi Info hat ech leider net direkt kritt, mä am Projet mécht dat net vill aus, déi Raim kënne mir e bësse méi grouss maachen, dat ass nach dran, dat ass just dann ze adaptéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci, ech géif da méi op dat Poltescht agoen, e puer generell Consideratiounen awer hei an den Raum setzen. D'Gemeng ass Propriétaire vun dësen zwee Gebaier an d'Gemeng iwwerhëlt hei d'Responsabilitéit fir deenen zwee Gebaier eng Aufgab zoukommen ze loossen. Mir deele sécherlech och hei déi Suerg, datt keng Dépassementer solle stattfanne well mir effektiv an der Vergaangheet gemierkt hunn, datt wann ee Gebaier, déi eng gewëssen historesch Valeur hunn, wann een déi valoriséiert, datt do mol kënnen Iwwerraschunge kommen, egal wéi eng Destinatioun et kréien kann, ob et elo Wunnenge sinn oder aner Destinatiounen. Ech fannen et awer elo prinzipiell net gutt – sou wéi d'CSV hei suggeréiert – datt een aus engem Wunnengsbau Bürofläche mécht. Hei an der Di-

skussiou, déi mir hei oft am Gemengerot haten ronderëm de kommunale Wunnengsbau, et ass wichteg, datt en déi bestehend Situatioun op de Maximum ausbessert fir och kommunale Wunnengsbau ze maachen an och d'Responsabilitéit als Gemeng ze huelen, un Hand vun deene generellen Diskussioune, déi mir hei och hunn. A par rapport zu den Alternativen, wann ech richteg verstanen hunn, sou en ähnlech gelagerte Projet um Schoulcampus Strutzbierg ze maachen, dovunner géif ech nëmmen ofrode well e Schoulcampus e Schoulcampus soll bleiwen an een eng gewësse Mixitéit um Campus soll hunn. An direkter Proximitéit ass eng Saach, um Campus selwer dat integréieren, dat ass eng aner Saach, ech mengen e Schoulcampus soll eng Identitéit hunn als Schoulcampus.

Wat ech awer cocasse fannen, an, Madamm Kayser, Dir sidd jo awer schonns eng länger Zäitche hei am Gemengerot, et ass richteg, 2018 hu mir e Kredit vu 500 000 Euro virgesinn a mir hunn hei en Devis estimatif vun 1,7 Milliounen Euro. Also, hei d'Duerstellung ze ginn, datt de Projet 3 mol méi deier wier ass komplett falsch, well dat hei ass e Projet, dee realiséiert sech net 2018 mä iwwer 2-3 Budgetsjore, wou mir haut de Startschuss ginn. Dir sidd jo awer laang genuch dobäi, dat heiten ass en Devis estimatif wou dee ganze Budget geschat gëtt fir d'Ëmsetzung vum Projet an natierlech hu mir 2018 en Deel vum Budget virgesi fir unzekommen also ass dat hei ganz kloer eng Duerstellung, déi falsch ass. an déi dës Majoritéit guer net deelt, niewent natierlech der Remarque, datt een déi Suerg soll deelen, datt keng Dépense solle stattfannen.

Den Här Garcia ass nach eng Kéier op de Quartier Brill agaangen, dat sinn aner Dispositiounen, déi mir och am PAG hunn an do gi mir och eng Rei Méiglechkeeten, wat Renovatiounen ugeet. Dat ass also anescht gelagert wéi deen heite Projet.

Ech hu probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen. Dat heiten ass e wichtige Projet an der lokaler Diskussioun ronderëm de kommunale Wunnengsbau niewent der nationaler Diskussioun, déi gefouert gëtt, an do muss all Mënsch hei de Moie seng Responsabilitéit huelen ob en deen heite Projet wëll matdroen oder net. Dofir gi mir elo zum Vote iwwer wat dësen Devis estimatif ugeet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt froen, well de Conseiller Jadin do awer elo eng pertinent Fro gestallt huet, ob mir eis hei am Rame vum Gesetz befannen? Hätte mir dann net besser, mir géife mol vläit d'gesetzlech Grondlag klären an da géife mir en bonne âme et conscience eppes stëmmen, wou mir wëssen, datt mir mam Gesetz am Aklang sinn? Ech hu fonnt, datt een do net sollt einfach soen: "Mir woussten dat net, kommt mir stëmmen emol einfach".



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'gesetzlech Grondlag ass kloer, mir droen deem och hei am Projet Rechnung, dat wëll net heeschen, datt de Projet méi deier gëtt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mir stëmmen elo hei zum Beispill Pläng, déi eis virleien, wou eben d'Situatioun anescht ass wéi se am Gesetz virgesinn ass. Mir stëmmen hei of an duerno annere mir et. Dat ass net konkret.

HENRI GLESENER (LSAP): Wann ech och elo hei net genuch Zäit hu fir et am Detail nozekucken, et ass richtig, et ass net einfach nëmmen e Gesetz, dat ass e Règlement grand-ducal dat doten, wou den Här Jadin opgemaach huet. An där leschter Formatioun wou ech war, ass ugekënnegt ginn, datt dee Règlement grand-ducal op der leschter Instanz wier, wou déi Zuel vu 12 Quadratmeter op 9 Quadratmeter soll erofgesat ginn. Et ass reng informell wat ech lech hei soen, ech kann dat elo net nosichen, ech weess och net ob dat Règlement schonns gewielt ass oder net mä ech weess, datt d'Stad Lëtzebuerg zum Beispill zanter engem oder zwee Joer och Kontrollen a Chambre-meubléeë mécht, déi och esou ëmtransforméiert goufen, déi sech op déi 9 Quadratmeter bezéien, reng informell fir datt mer wëssen, wou mer dru sinn, mä ech sinn net um leschte Stand fir datt ech soe kann ob et stëmmt oder net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat kann ech confirméieren. Et ass richtig, datt elo eng Diskussioun ass fir déi 12 op 9 Quadratmeter erofsetzen. Ënner deene Viraussetzunge géif ech soen, datt mir op de Vote iwwer ginn. **Wien ass mat deem Projet averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP an Déi Lénk an Déi Gréng. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat sinn CSV an ADR.** Merci fir dese Punkt, da géife mir weiderfueren.

3.7. Approbatioun vun engem Spezialkredit fir d'Mise en conformité par rapport zu de Bestëmmunge vun der EU-Directive iwwer d'Protectioun vun den natierleche Persounen beim Traitement vu perséinlechen Donnéeën an de fräie Verkéier vun diesen Donnéeën

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Beim Punkt 3.7, do komme mir zu engem Crédit spécial also e Kredit, dee mir dëst Joer net am Budget virgesinn hate mä dee geet iwwer d'Protection des données. Dir wësst, datt mir 2016 e Règlement vun der Europäescher Unioun 2016, dat de 25. Mee 2018 a Kraaft getrueden ass, wou eng Application directe huet, quitte, datt natierlech och nach e Gesetz um nationale Plang muss gestëmmt ginn, nach ass dat e Règlement iwwer

d'Protection des données, eppes wat in aller Munde ass, am ëffentleche wéi och am private Secteur an hei gi mir eis deen néidege Crédit spécial an Héicht vu 40 000 Euro fir eis ze konforméieren par rapport zu der Règlementatioun.

Et sinn zwee Voleten hei, déi op eis duerkommen, engersäits an alleguerten eis Servicer, do hate mir och scho Reunione fir engersäits e Relevé ze maachen, eng Identifikatioun ze maache vum Traitement vun alleguerten den Donnéeën an Dokumenter, wou een en Inventaire muss maachen, wou effektiv ganz vill Opwand ass in house, do sinn alleguerten d'Gemengeservicer concernéiert, wou mir och eng Zesummenaarbecht mam SIGI hu fir op verschidde Punkten zeréckzekommen, mä wou mir sécherlech net op déi ganz Aarbecht vum SIGI kënnen zeréckgräifen, wou mir en Externe brauche fir dee ganzen Inventaire opzelëschen. An déi zweet Etapp ass natierlech déi vum DPO, deen een effektiv stëmme kann an op deen een zeréckgräife kann, wou de Moment jo och Diskussiounen bestinn, datt de Commissaire national à la protection des données effektiv och als DPO ka fungéieren an d'Gemenge kënnen op deen zeréckgräifen. Dat sinn Diskussiounen, déi lafen am Kader vum Projet de loi ronderëm dëst Gesetz a wou mir och am SYVICOL de Vote gemaach hunn, datt effektiv och de Commissaire déi Charge fir d'Gemenge kann huelen, an och fir d'Administratioun an d'Ministèren déi Charge hält, mä hei geet et dorëms, eis deen néidege Kredit ze gi fir eng Mise en conformité ze maache par rapport zum Règlement.

Dofir hutt Dir och hei dee Kredit virleien, wou mir mat enger externer Firma déi Aarbechte wëllen esou séier wéi méiglech opschaffe fir eis och do konform ze setzen éier mer dann herno eben den DPO bestëmmen. Dat heiten ass eng Diskussioun, déi a ganz ville Gemengen de Moment gefouert gëtt, a wou op Héichtouren dru geschafft gëtt. Dat zu den Erklärungen wat dese Crédit spécial ugeet an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Dir hat et gesot gehat, et ass eng relativ nei Geschicht mä et ass scho vill Diskussioun doriwwer a wéi gesot, iwwer de SIGI si verschidde Programmer scho protegéiert an d'Donnéeën och, a meng Fro ass: Wéivill Programmer hu mir, déi nach net iwwer de SIGI ofgedeckt ginn, an de SIGI bitt jo och Programmer un, déi eis eegen Donnéeën kënnen securiséieren. Hutt Dir da wëlles, dee Service ze huelen oder waarde mir bis de Staat sech eng national Léisung gëtt well ech gesinn net richtig, déi 40 000 Euro do, et steet an der Press, datt et extern Firmae ginn, déi d'Protection des données fir d'Gemengen ubidden an, datt do d'Fluktuatioun vun de Präisser enorm héich ass. Da wollt ech nach eng zweet Fro stellen: Am Fong si mir jo schonns als Gemeng verpflichtet, datt mir en Data



Protection Officer hunn. Meng Fro: Dat soll jo e Mataar-
bechter sinn, dee mat kengen aneren Donnéeën do ze dinn
huet, déi solle protegéiert ginn. Meng Fro ass: Hu mir
dat? Ass do e Mataarbechter, dee schonns spezialiséiert
do dran ass? Wei sinn deem seng Aufgaben herno?
Ass dat en Zubringer fir déi Daten herno, déi e soll fir eis
geréieren? Dat ass meng Fro, an ech denken et wier méi
gescheit gewiescht wa mir e bësse géife waarden bis mir
wëssen, wéi déi national Léisunge vum Staat ausgesinn,
well ech weess, am Schoulsecteur ass grouss Panik well
do wëssen d'Schoulen och net wéi se sollen den Date-
schutz geréieren, well de Ministère huet bis elo och nach
keng kloer Linn ginn, op wéi ee Wee mir solle goen an ech
denken hei, de SIGI dee beméit sech jo fir do eng Léisung
mam SYVICOL ze fannen. Meng Fro ass elo einfach: Wat
maache mir mat deene 40 000 Euro? Wou ginn déi hin?
Bréngt dat eis eppes oder solle mir net einfach mol of-
waarde wéi dat sech am allgemengen entwéckelt. Merci.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Merci, also mam Ofwaarde
sinn ech net mat d'accord well dat Gesetz gëllt vum 25.
Mee un, iwwer e Joer virdrun sinn d'Leit an d'Firmaen
informéiert ginn, datt esou eppes wäert kommen, elo si
mir scho wäit iwwer 1 Joer amgaangen an ech géif net
ofwaarden, well d'Strofen, déi sinn drakonesch, déi wou
ausgeschwat gi wann et eng Kéier esou wäit ass, an ech
géif mengen, datt eng Diddelenger Gemeng elo net vill
falsch mécht. Mir gi keng Adressen eraus, et sti keng
Informatiounen am Internet, déi perséinlech sinn asw.
Also, ech géif dat do matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Jadin, da géifen d'Josiane Di Bartolomeo-Ries
nach op e puer Punkten agoen, wat de SIGI betrëfft.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ech wëll
einfach e puer Saache kloerstellen vum SIGI a vum Programm
a wéi dat och ëmmer funktionéiert. Also, et ass esou,
datt all Gemeng hei am Land, ausser d'Stad Lëtzebuerg
mam SIGI schafft, an all déi Donnéeën, déi am SIGI sinn,
déi sinn d'office protegéiert. Elo ass et awer esou, datt
all Gemeng am Land och iergendwellech aner Programmer
huet, och mir an der Gemeng Diddeleng schaffen net
nëmme mat de Programmer vum SIGI an dorëms geet
et och hei. Mir hunn enger Firma den Optrag gi fir déi
Donnéeën, wou net protegéiert sinn, do musse mir eng
Bestandsopnam maachen. De SIGI huet do en Enregis-
trement de Traitement ausgeschafft, op dee mir kënnen
zeréckgräifen, mä nach muss an all Service gekuckt ginn,
mat wat fir engen Donnéeë schaffe mir, wat maache mir
mat deenen Donnéeën a wéini läsche mir se, an dat ass
d'Aufgab vun der Firma, déi soll eis hëllefe fir, datt mir
dat doten esou séier wéi méiglech gemaach kréie fir déi

Bestandsopnam vun deenen Traitementen ze maachen.
An eréischt dann, wa mir déi Bestandsopnam hunn, kënn
den DPO an d'Spill. Dat heescht, de Moment brauch ee
keen DPO oder net iergend eng Persoun well fir d'éischt
muss ee jo wëssen, wat hues de, an dann kann de DPO
kommen a soen, hei dat dote méchs de richteg an dat
doten net. Ech fannen et immens wichteg, datt mir den
Budget hei matstëmmen, et ass fir datt mir esou séier
wéi méiglech e Register kréie fir datt mir wëssen, wat
hu mir fir Traitementen a wat maache mir domat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ech mengen et ass kloer, datt mer hei iwwer dee
Kredit, dee mir eis hei ginn, eng Bestandsopnam maache
vun alleguerten deenen Traitementen vun Donnéeën, déi
hei am Haus gemaach ginn. Mir musse wierklech do eng
Bestandsopnam maachen an och klären, wien dierf wat
bis wouhinner. Dat sinn am Fong déi ganz Prozeduren,
déi Aarbecht hält keen eis ewech, och net en nationaalt
Gesetz. Dat muss all Gemeng bei sech maachen iwwer
déi Moyenen, déi se huet. Mir ginn op de Wee mat enger
externer Firma, déi och iwwer d'Protection des données
ugebonnen ass, fir dat opzeschaffen an dann eréischt
herno kënn déi Saach mam Data Protection Officer an
do ass déi national Léisung ugeduecht, ursprénglech
war am Gesetzesprojet virgesinn, datt de Commissaire
national à la protection des données déi Aarbecht iwwer-
hëlt fir d'Ministèren a fir d'Administratiounen an et ass
op Nodrock vum SYVICOL en Amendement komm fir datt
déi Aarbecht och ka fir d'Gemeng gemaach ginn.

Dat heescht, d'Gemenge kënnen herno un de Commis-
saire sech wenne fir dee Rôle ze iwwerhuele well den
DPO dierf net Contrôleur et Contrôlé sinn, dee muss en
onofhängege Rôle hunn, dat kann zwar och e Mataar-
bechter aus dem Haus sinn, mee dee muss esou gelagert
sinn, datt en net Contrôleur et Contrôlé gläichzäiteg
ass, an dat ass eng Schwieregkeet déi an de Gemenge
besteet an dofir ass déi Öffnung gemaach ginn, datt de
Commissaire en Protection des données och déi Charge
ka mat iwwerhuelen. Mä den Ausgangspunkt fir dat kë-
nnen ze maachen, ass als éischt emol den Inventaire, eng
Bestandsopnam vun all den Donnéeën, déi hei am Haus
traitéiert ginn an ënnert déi Bestëmmunge falen, well
effektiv, wéi den Här Jadin et och richteg sot, mir hunn
e Reglement vun der Europäescher Unioun an dat ass
d'application directe, an do sinn och Sanktiounen virgesinn,
et kënnen also effektiv Bierger, wann iergend eppes falsch
gehandhaabt gëtt, elo schonns géint d'ëffentlech Hand,
respektiv géint d'privat Hand virgoen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, ech wollt
nach kuerz do anhaken, d'Madamm Kayser hat nach d'Fro
vun der Zomm opgeworf well dat effektiv geet vun - bis



an och hei war et esou, datt mir eng Rei vu Firmen hunn, déi eis kontaktéiert hunn a wollten an deem heite Kader matschaffen, dat ass e Prozess, dee sech wierklech iwwer Méint zitt, an och duerno wann déi Prozeduren en place sinn, eis kënne begleeden a mir hunn déi Dossieren natierlech mat eise Chef-de-servicer duerchgeholl fir ze kucken, wat mécht hei zu Diddeleng Sënn, an dunn ass gekuckt ginn, wat ass d'Offre engersäits vum Präis awer och wat se konkret ubidde vun Hëllefsmoossnahmen respektiv vu Prozeduren a mir waren eis relativ séier eens, datt déi doten Offer déi ass, déi am beschten op Diddeleng zougeschoustert ass.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, ech hunn nach just eng Fro: Et ass jo elo eng gängeg Praxis, déi sech agebiergert huet, datt d'Partei virun de Walen eng Wielerlëscht ufroen an dann déi potentiell Wieler uschreiwen; fällt dat och ënnert deem heite Volet oder net?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, dat ass d'Gesetz am Kader vun de Walen an do ass jo ganz kloer geregelt ab wéini een op déi Donnéeë kann zeréckgräifen. D'Gesetz ass jo net ausser Kraaft gesat, wann dat de Fall wier misst dat dote Gesetz ofgeännert ginn. Dat ass awer net de Fall, dofir kënne mer dat dot maachen. Och wann dat heiten en neie Moment ass bei der Protection des données mä et ass jo net wéi wann et dat nach ni ginn hätt. Dat heescht, d'Bestëmmunge vun der Protection des données gëtt et och elo nach aktuell, si si just verschäerft ginn. Da stëmme mir elo of, ass de Gemengerot mat dem Crédit spécial vu 40 000 Euro averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.8. Provisoreschen Arrêt vum Verwaltungskont fir d'Geschäftsjoer 2016

3.9. Provisoreschen Arrêt vum Gestionskont fir d'Geschäftsjoer 2016

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir eriwier op den Arrêt provisoire vum Compte administratif, dee vum Schafferot presentéiert gëtt, respektiv vum Compte de gestion, dee vum Receveur présentéiert gëtt an niewent dem Arrêt provisoire ass et esou, datt dat wat de Compte administratif ugeet, hei de Contrôle vum Ministère de l'Intérieur hei war an den eis e Courrier geschéckt huet an eng Rei Remarquë gemaach huet, wou mir och als Schafferot dozou Stellung geholl hunn an och eis Stellungnahm an de Gemengerot abruecht hu fir de Vote kënne duerchzeféieren an eis Stellungnahm ze gi par rapport zu deem wat vum Ministère de l'Intérieur geschriwwen gouf.

Déi éischt Remarque vum Ministère de l'Intérieur ass am Kader vun der Dépense ordinaire wou en eis drop hiweist - den Intérieur respektiv d'Cellule vum Contrôle, déi kuckt jo ëmmer op d'Legalitéit vun deene verschiddenen Akten, déi mir hei maachen a weist eis drop hin - dat effektiv bei 2 Mataarbechter d'Fiche de carrière net gestëmmt huet an an der Stellungnahm héiert Dir kloer eraus, datt mir dat redresséiert hunn, wéi dat sech gehéiert, sou datt och déi 2 Mataarbechter, den Här Lopez an den Här Laguerre och net doduerch leséiert sinn. Dat ass emol den 1. Volet, deem 2. Volet ass wat eisen Artikel "Aide au Tiers Monde" ugeet, am Exercice 2018 verweisen se drop, datt mir do e Kredit stëmme vu 25 000 Euro, datt et awer do keng Deliberatioun gëtt. Dat ass richteg an dat probéiere mir jo och séance tenante haut am Gemengerot ze regulariséieren andeems mir e Subside extraordinaire stemmen.

Da weist de Contrôle och op eng Rei Dekonten hin, dat 1. geet am Budgetsartikler wat d'Renovatioun vun der Fassad ugeet vun der St. Martins-Kierch ugeet, do weist en drop hin, dass d'Entreprise Francis Stoffel Aarbechte gemaach hunn an der Héicht vun 87 925,56 Euro mat der TVA a freet eis, datt en do net déi néideg Dokumenter fonnt huet a wéi mir eis do am Kader vum Marché-publics-Gesetz bewegt hunn. Eis Äntwert ass kloer, mir bewegen eis am Kader vun deene 55 000 Euro, respektiv 14 000 Euro hors TVA Index 100, do hu mir entweder d'Méiglechkeete e Recours, Procédure restreinte ou Publication d'avis ze maachen oder eng Procédure négociée, wou mir dann 3 Offere froen, dat hu mir hei dann och gemaach fir déi Aarbechten, do hu mir dunn och 3 Offere kritt, déi natierlech dunn och gepréift gisinn, an déi och valabel waren, an déi och konform waren, an do hu mir déi beschten Offre la moins disante zeréckbehalen an dat war déi vun Toitures Francis Stoffel. Dat war déi 1. Erklärung.

Déi zweet Erklärung ass d'Attributioun vun Aarbechten u Lux-Echafaudage ugeet an der Héicht vun 94 522, 93 Euro mat der TVA. Do sinn zwee Voleten, dat eent ass effektiv, datt den Echafaudage bausse montéiert gouf fir de Chauffage an d'Fassad ze maachen, an och banne misst awer gemaach gi fir d'Vitrauxen an d'Rei ze maachen an am Fong muss ee soen, datt den zweeten Deel am Intérieur am Fong guer net virgesi war bei der Ausschreiwung ronderëm déi Aarbechten mä datt sech herno am Kader vun den Ausschreiwungen dat erausgestallt huet, datt dat muss gemaach ginn. Och hei hu mir d'Marché-publics-Gesetz awer respektéiert well mir iwwer d'Procédure négociée dat Ganzt lafe gelooss hunn, d'Offre initiale war wéi gesot virginn, mir hunn hei en Dépassement gehat duerch déi Aarbechten, wou mir komm sinn op 68 290, 25 Euro an enger éischter Phase. Natierlech waren dat méi Ausgabe wéi dat wat initial virgesi war, engersäits well déi Aarbechte parallel mat den



Amenagementen ronderëm d'Kierch gelaf sinn, et waren e puer Schwierigkeiten an et hunn zousätzlech Aarbechte misse gemaach gi bei der Exekutioun vun der Kirch a well do Aarbechte ware ronderëm d'Alentouren, d'Stee ass méi laang bliwwen, och dat huet um Niveau vun der Facture méi kascht.

Den zweeten Deel war natierlech bannen an der Kirch selwer well d'Vitruen nei gemaach gi sinn, dat war net virgesinn an dat war e Präis vu gutt 13 000 Euro HTVA, esou datt mir e Montant hate vun 81 345,25 Euro HTVA a wéi gesot op déi 94 522 komme mat der TVA, mä wéi gesot, mir hunn dat gemaach well eben en cours de route effektiv Saache bäikomm sinn, a well d'Marché-publics-Gesetz virgesäit, datt ee bis 50% vum Marché initial ka goe wann sech en cours de route dat erausstellt also och hei ass effektiv de Kader vum Marché-publics-Gesetz respektéiert ginn. Dann ass den drëtten Volet vu Mon Toit Sàrl an der Héicht vun 73 473,66 Euro, dat sinn Aarbechten, déi ronderëm Sakristei an den Deambulatoire gemaach gi sinn, wéi gesot och do an der selwechter Situatioun mam Marché-publics-Gesetz gesäit 55 000 Euro fir, respektiv 14 000 Euro Index 100, an an deem Kader kann een eng Procédure restreinte maachen ouni Publication d'avis oder eng Procédure négociée mat 3 Offeren. Och dat hu mir hei gemaach, mir haten 3 Offere virleien, déi 3 ware valabel a mir hunn, wéi d'Marché-publics-Gesetz et virgesäit, d'Offre la moins disante geholl, an dat war Mon Toit Sàrl, deen do den Zouschlag kritt huet.

Da war deen drëtten Deel fir d'Renovatioun ronderëm d'Kierch ofzeschléissen, dat waren d'Vitruen, Vitraux d'art vun der Société Bernard Bauer, dat war eng Héicht vun 153 660, 54 Euro mat der TVA, dat ware ganz spezifesch Aarbechten, déi hei hu misse gemaach gi ronderëm déi Vitruen an och esou ass d'Situatioun, datt natierlech d'Betriben, déi déi doten Aarbechte maachen hei zu Lëtzebuerg ganz limitéiert sinn, an am Fong grad déi Sociétéit war déi just déi Aarbechte maache konnt. Déi Aarbechten sinn op 3 Loten opgedeelt ginn, an och do hu mir d'Marché-publics-Gesetz respektéiert well dat esou eng spezifesch Aarbecht war, datt een déi just engem Opérateur économique déterminé kann den Zouschlag ginn, sou wéi dat och hei d'Marché-publics-Gesetz dat virgesäit.

Dat par rapport zu der Renovatioun vun der Kirch, dann hu mir eng Remarque gemaach kritt wat d'Refektoun vum Reservoir d'eau ugeet, do seet de Contrôle eis, datt mir um Waasserbehälter op der Weich eng Aarbecht gemaach hu mat der Firma Etandex S.A. an der Héicht vun 176 303,75 Euro, respektiv, datt och d'Sociétéit Vorriink Stolaarbechte gemaach huet vun 215 977,18 Euro respektiv déi Gesamtdépenses 339 520, 92 Euro

TTC waren. Do gi mir ganz kloer d'Erklärung, datt mir jo 2012 an 2013 um Gehaansbiere ronderëm eise Waasserbehälter eng Rei Aarbechte gemaach hu mat der Sociétéit Etandex, an datt et sech do am Kader vun den Aarbechten erausgestallt huet, datt Problemer mat de Cuvé waren, datt een do huet missen zousätzlech Aarbechte maachen, an dunn ewéi gesot 2014 hu mir déi Aarbechte weidergefouert, an 2015, wéi d'Aarbechte ronderëm de Mont Saint Jean fäerdeg waren, si mir un d'Veich gaangen, mir haten hei am Gemengerot 2016 den 31. Oktober en Devis estimatif gestëmmt vu 400 000 Euro fir eben iwwer all déi Joeren déi verschidden Aarbechten kënnen ze maachen an et huet sech erausgeschield op der Weich, wéi déi verschidde Cuvé gemaach goufen, datt wéi déi eng fäerdeg war an déi aner eidel gemaach ginn ass, datt se an engem schlechten Zoustand war, sou datt mir der Sociétéit Vorriink Stahl- und Betonschutz den Optrag ginn hunn déi Aarbechten ze maache well do eng gewëssen Urgence war, mä och do hu mir den Kader vum Marché-publics-Gesetz respektéiert.

Da kommen ech zum leschte Punkt, dat ass d'Rue Belair ronderëm deen Amenagement, do waren Aarbechten, déi gemaach goufen, de Montant d'adjudication war 415 617,25 Euro, den Décompte final war 636 635,09 Euro TTC, och do gi mir d'Erklärung, datt engersäits mir d'Offer haten an den Décompte final, datt do e Supplément ass, mä do ginn et eng Rei Erklärungen niewent dem Fait, datt d'TVA vu 15% op 17% eropgaangen ass, waren och do während den Aarbechten eng Rei zousätzlech Aarbechten, déi hu missen dobäi gemaach ginn, an och do bewege mir eis am Kader vum Marché-publics-Gesetz, och dat hu mir dat respektéiert. An déi Aarbechte si komm well nach zousätzlech Raccordementen hu misse gemaach ginn un d'Haiser, well Tranchéeën hu missen opgemaach ginn, notament och op eiser Zouffter Strooss well effektiv eng provisoersch Couche de roulement gemaach ginn ass, fir datt d'Leit an hir Haiser erukomme während dem Congé collectif, gouf och en zousätzlechen Tarmac gemaach fir déi Zäit wou net geschafft gouf, dat ass och nach d'Décharge pour Matières inertes, déi hu missen anescht transportéiert ginn hei zu Lëtzebuerg well déi Monnercher zou ass, an dat huet en zousätzleche Coût dann och mat sech bruecht.

Dat sinn d'Erklärungen déi mir hei ginn, a wou mir och natierlech de Kader vum Marché-publics-Gesetz respektéieren a wou mir och iwwer déi Stellungnahm déi néideg Dokumenter zur Verfügung stellen, och hei dem Gemengerot, fir dat kënnen nozevollzéien. Dat sinn déi Erklärungen, et huet ee wäit missen aushuele par rapport zu de kuerze Stellungnahmen, déi de Contrôle mécht, mä et ginn hannert all Remarque, deen de Contrôle gemaach huet, och logesch Erklärungen, firwat mer dat gemaach



hunn. Wann nach Froen dozou sinn, sinn ech gär bereet, Stellung ze huelen an déi ze beäntweren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir schwätzen och iwwer de Compte administratif 2016 am Allgemengen, do ass - wéi mir ëmmer soen - dat ass Realpolitik, dat wat an de Budgets-diskussione virgestallt gëtt, dat ass ëmmer e bësse Wonschdenken an dann herno hält d'Realitéit eis an. Och dëst Joer ass et wéi déi aner Joeren och, virun allem am extraordinaire Budget, waren Investitiounen vun 22,8 Milliounen Euro geplangt, real gesinn awer nëmmen 15 Milliounen investéiert ginn, d'Erklärung ass wéi ëmmer novollzéibar well villes reportéiert gouf, awer och - a wat och ze bedauern ass - verschidde Saachen iwwerhaapt nach net an Ugrëff geholl gi sinn an dat fanne mir och net gutt.

Da wollt ech och nach e puer Saache soen zu deene Remarquë vum Ministère, mir hunn all Joer Problemer wou mir drop higewise gi mat den Traitementen an de Salairen, datt do verschidde Saachen net an der Rei sinn. Den Här Buergermeeschter huet eis och do d'Explikatioun ginn, datt dat keng Nuisance hat fir d'Leit hat, dat ass jo och dat allerwichtigst, mä ech fannen awer trotzdem déi Remarque hei an der Prise de position vun dem Collège des Bourgmestres et Echevins, wou si draschreien "il y avait une certaine liberté d'interprétation par rapport aux dispositions réglementaires", dat fannen ech awer net grad engem Schäfferot würdeg, do hunn ech awer fonnt, datt dat net grad top ass. Et kann een sech nach e bësselchen am Stil verbesseren nach.

Wat mech awer e bëssen opbruecht huet, dat sinn déi Explikatiounen zum Echafaudage an zu den Refektiounen vun de Chambre-d'eau, dat ass alles plausibel an och novollzéibar, woubäi awer eng kleng Parenthèse dierft erlaabt sinn, datt den Echafaudage och méi deier ginn ass well "la progression entravée des travaux en disant des interactions avec des chantiers de l'aménagement des alentours de l'église et des travaux de réseau et d'infrastructure". Do hätt een awer villäicht kënne kucken, datt een déi Saachen openeen ofstëmmt, ech denken och un déi Alentoursgeschichten, do si mir erëm bei eisem Thema vun de Beem, dat war jo och mat vill Problemer verbonden, an do muss ee villäicht awer och kucken, datt d'Koordinatioun e bësse besser ass.

Mä wou ech dann awer e bësse rose ginn, dat ass wann ech gesi bei der Refektioun vum Strooss Belair, datt mir do den Depassement hu vun 220 000 Euro, dat ass net grad Peanuts, a wann Dir do an Är Argumentatioun schreift wéi wann déi Travaux supplémentaires vum Himmel gefall wieren, datt Dir misst e Roulement provisoire maache fir den Accès zu den Haiser, dat ass previsibel an och den

Transport vun den Déchets inertes, dat ass och absolut previsibel a wann ech da kucken d'Deliberatioun vum Schäfferot wou dann dra steet "Considérant que l'offre de l'entreprise sou an sou est complète, exacte et économiquement la plus avantageuse", ma do froen ech mech, wie kontrolléiert dat?

An dofir mäi waarmen Appel un de Schäfferot: Huel Är Aarbecht als Gestionnaire vun eisem Budget e bësse méi seriö, a schreift net, eng Offer wier "exacte, la plus avantageuse" wann herno awer d'Halschent muss nogestëmmt ginn a wéi gesot mat e bësse farfalu Argumentatiounen, dat fanne mir net immens an et wier och flott wa méi Transparenz géif bestoen, déi Saachen och an engem Gemengerot virgestallt géife ginn, well d'Leit soen zu eis jo an hei an do, an et geet net virun a wat kascht dat alles. Mir kréien dat hei ëmmer als Moutarde après dîner e Joer méi spët virgestallt, et wier do och sënnavoll wa méi Transparenz vis-à-vis vum Gemengerot wier a vis-à-vis vun de Bierger géif walte gelooss ginn. Voilà, dat waren e puer Remarques, déi mir da wollte maachen. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, fir d'éischt géif ech déi Remarquë maachen, déi sech ëmmer am Fall vun de Konte reposéieren. Éischtens ass et laang hir, datt mir den Budget 2016 gestëmmt hunn an och den Budget rectifié, et ass schwéier iwwer eppes ze befanne wat schonns esou laang hir ass, an zweetens wann eng Finanzkommissioun schonn net vill agebonne gëtt a just fir de Budget aberuff gëtt, da sollt se wéinstens och nach kënne iwwer d'Konten diskutéiere kënne well, wéi gesot, dat ass Realpolitik wéi se ëmgesat gëtt. Dann zu de Konten 2016 selwer, bei dem Compte administratif waren dës Kéier eng Rei Beanstandungen vun der staatlecher Kontrollinstanz obgelëscht. Dir hutt elo déi Erklärungen widderholl, déi Dir och dem Ministère geschéckt hutt, dobäi hunn déi mëschten Erklärungen konnte de Virwurf entkräften, ech gi weider elo net dorop an.

Beim Dekont vun der Firma Farenzena vun der Belair Strooss allerdéngs handelt et sech ëm en Depassement vu ronn 213 000 Euro, déi awer schonn zolitt sinn. Dir liwwert Erklärungen zu 7 000 Euro, déi mat der TVA zesummenhängen, da ginn nach eemol eng Serie Aarbechten opgezielt vun insgesamt engem Montant vun 150 000 Euro. Da feelen awer nach ëmmer bal 60 000 Euro bis zum depasséierte Montant. Dofir stellen ech lech déi Fro: Waren se am Ministère zefridde mat den Erklärungen, déi Dir hinne geliwwert hutt, dat heescht, mat deenen Zuelen, déi Dir hinnen erageschéckt hutt?

Dann erlaabt mir nach, e puer Zuelen aus dem Compte administratif am Verglach mat dem Budget initial an dem



Budget rectifié ze zitéieren. Bâi den Depense-ordinairë si wéineg Ofwäichunge feststellen, si waren am Rectifié liicht eropgesat ginn a leien am Kont nach eng Kéier liicht ënnert dem Rectifié.

D'Recette-ordinairë waren ëm bal 5 Milliounen Euro am Rectifié eropgesat ginn a leie quasi bei där Zomm am Kont. Bei dem ausseruerdentlechen Deel vum Budget gesäit et anescht aus, d'Recettë ware vun 12,8 Milliounen Euro am Ufanksbudget esouguer op 14,2 Milliounen Euro eropgesat gi fir da bei 7,7 Milliounen Euro ze landen. Do freet een sech dann awer firwat se eropgesat gi sinn am Budget rectifié? Dat selwecht ass geschitt bei den Dépense-extraordinaires, wou am Initial 13,3 Milliounen Euro virgesi waren, déi dann op 21,8 Milliounen Euro eropgeschrauft gi sinn an dann erëm bei 15 Milliounen Euro ukommen.

Bon, mir bleiwen trotz eise Remarquen awer dobäi, datt d'Aschätzung grondsätzlech korrekt gehandhaabt ginn, mir stëmmen deenen zwee Compten zou, souwuel dem Compte administratif wéi och dem Compte de gestion vum Schafferot mä mir waarden awer trotzdem op zousätzlech Erklärungen zu deene opgeworfene Froen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madame Goergen. Ginn et nach weider Stellungnahmen, dat schéngt net de Fall ze sinn, da wëll ech eng prinzipiell Remarque maache well ech effektiv selwer net op de Compte administratif agaange sinn. Generell, wat d'Stellungnahm vum Schafferot ugeet par rapport zum Compte administratif, et ass net fir d'éischt, datt mer sou eng Stellungnahm hei hunn, Dir misst also wëssen, datt fir d'éischt de Gemengerot dat muss approuvéieren an et dann eréischt an de Ministère de l'Intérieur erageschéckt gëtt. Dat heescht, mir hunn de Ministère de l'Intérieur nach net mat der Stellungnahm befaasst well se als éischt an de Gemengerot muss kommen an eréischt da kann een sech dozou äusseren. Et ass esou wéi d'Prozedur dat virgesäit.

Generell zum Compte administratif muss ee soen, datt 70% vun de Projeten ëmgesat goufen - et ass also net wéi wann hei näischt gemaach géif ginn - an datt mir och e Boni vun 11,5 Milliounen Euro um Kont hunn, dee mir mat eriwir huelen an d'Joer 2017, wat eis eng gutt Ausgangspositioun gëtt fir alleguerten déi aner Projeten déi mir wëllen ëmsetzen 2017-2018. Ze behaupten, datt all Joer am Fong Problemer si mam Personal, ass falsch. Mir hate sécherlech Joeren, wou mir Rektifikatiounen gemaach hunn, mä net all Joer a mä wa mir drop higewise ginn, soll een dat och maache well do och kloer par rapport zum Personal stinn.

Par rapport zu den zousätzlechen Aarbechten, déi gemaach goufen och an der Rue Belair, bei all Chantier ginn et Situatiounen, déi imprevisibel sinn an och en cours vum Chantier kréie mir och Réckmeldunge vun de Bierger wou mir Adaptatiounen maachen, och ebe fir de Bierger entgéintzekommen an dofir hu mir och zousätzlech Depensen, déi mir och hei tätigen an d'Previsibilitéit, datt eng Decharge zoumécht, ech mengen nach gesi mir net an d'Glaskugel an op där anerer Säit gesäit och d'Marché-publics-Gesetz ganz kloer, Madamm Kayser, vir, datt een d'Offre la moins disante muss zeréckbehalen. Wann déi laut der Ausschreibung konform ass, muss een och do den Zouschlag maachen ausser et géif ee mierken, datt do eng ganz Rei Ausuferungen wieren oder Ofwäichungen, déi net konform wieren, da kënne mir se ouni Problem écartéiere mä hei musse mir strikt no deem goe wat mir och bei der Soumissioun maachen, a par rapport zu der Soumissioun waren se och korrekt.

Dat e bësse par rapport zu deenen dote Stellungnahmen wat d'Net-Previsibilitéit ugeet, et muss een och soen, datt et ganz rar ass bei esou Projeten, net previsibel Saachen dobäi kommen, normalerweis hu mer d'Kontroll doriwwer an dat gesitt Dir jo och all Kéier am Kader vun den Dekonten, déi mir hei presentéieren a wou ee gesäit wéi eng Ausgabe getätigt goufen.

Et ass esou wéi dat comptabilitéisméisseg an administrativ virgesinn ass. Als éischt stëmmt een den Devis, da gëtt de Projet exekutiert an dann kennt den Dekont am Gemengerot. A wann dann Imprevue kommen, ginn déi och diskutiert an dofir gi mir och do an eiser Stellungnahm drop an..

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): D'Madamm Goergen hat zu Recht gesot et sinn 157 000 Euro als Explikatioun do an et ass awer en Depassement vun 221 000 Euro do, et kann een dat jo awer net esou fortschécken dee Moment. Da musse mir awer nach Erklärungen kréie wéi déi 70 000 Euro zousätzlech Depassementen sech dann elo erklären.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Jo, dat kënne mir gär nach eng Kéier nokucken an lech och déi Erklärung zoukomme loossen. En toute transparence.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): An och vläit dee Saz do eraushuelen "les carrières ont été développées avec une certaine liberté d'interprétation par rapport aux dispositions réglementaires". Dat ass e bësse onglécklech. Oder ass dat gewollt esou mystesch? Wann et eng Disposition réglementaire ass, gëtt et menger Meinung no keng Liberté d'interprétation.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat ass kee Problem wann een dee Passus eraushëlt. Dëst gesot, engersäits musse mir dann iwwer de Compte administratif ofstëmmen, dee vum Schäfferot etabléiert gëtt, **wien ass domat averstanen? Dat ass LSAP an Déi Gréng. Wien ass dogéint? Dat si Stëmme vun CSV an ADR. Wien enthält sech? Dat ass Déi Lénk.**

An da komme mir zum Compte de gestion, dee gëtt jo vum Receveur opgestallt. Wie stëmmt deem zou? Dat ass unanime. An d'Prise de position géife mir dann esou mat deene Modifikatiounen eraschécken an lech déi zousätzlech Erklärungen noliwweren.

3.10. Bewëllegung vun enger Indemnitéit fir d'Beamten, déi mat der Preparatioun an der Organisatioun vun de legislative Wale vum 14. Oktober 2018 beoptraagt sinn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir weider op de Punkt 3.10., dat ass am Kader vun den Nationalwahlen am Oktober, do ass et wéi üblech, do sinn eis Mataarbechter hei an der Gemeng engersäits vum Biergeramt, 2 Mataarbechter, an 2 Mataarbechter aus dem Gemengesekretariat, déi eng Indemnitéit kréien zousätzlech well et och en zousätzlechen Aarbechtsopwand ass fir dat ze preparéieren an ze organiséieren am Virfeld an och den Dag selwer. Dat heiten ass déi klassesch Indemnité compensatoire vun 160 Euro Index 100 fir d'Biergeramt an 150 Euro Index 100 fir d'Gemengesekretariat. Ass de Gemengerot mat deene Kompensatiounen, déi mer deene 4 Beamte ginn, averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.11. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da fuere mir weider mat den Dekonten, 22 Stéck déi Dir virleien hutt, ech géif dann een nom aneren duerchgoen.

Deen éischten ass d'Platz Am Duerf, d'Amenagementer op der Plaz Am Duerf, dat ass en Devis vun 150 000 Euro, d'Depense ass 147 670, 58 Euro an dat war 2016 an 2017.

Dann hu mir d'Arrêt-de-bus-Installatioun vun 2 FIA-Bornë fir 55 000 Euro den Devis, d'Depense 51 808,53 an dat war 2016 an 2017.

Dann de Calisthenics, dee mir opgeriicht hunn, respektiv d'Mise en conformité vum Senioren-Fitness beim CNA. 55 000 Euro den Devis an d'Depense war 53 026,16 an dat war 2016.

Da war den Eclairage public am Centre sportif René Hartmann, den Devis 60 000 Euro an d'Depense war

51 938, 04.

An der Fleming Strooss de Remplacement vum Transformateur, den Devis war 35 000 Euro an d'Depense war 34 691,74 dat war am Joer 2016- 2017.

An der Schoul Balzeng hu mir d'Chaudière frëschgemaach, do war den Devis 10 000 Euro an d'Depense 9 998,59 an dat war 2016.

Da war am Brill en akustesche Plafong gemaach ginn, do war den Devis 21 000 Euro an d'Depense 20 982, 90 Euro an dat war 2016. Dann erëm am Brill, do gouf en Informatikssall am Sous-sol amenagéiert, dat war en Devis vu 65 000 Euro an d'Depense war 62 950, 67 Euro, dat war 2016.

Um Strutzbierg A ass de Rez-de-chaussée isoléiert ginn, dat waren 30 000 Euro den Devis an d'Depense war 25 879, 81 Euro, och am Joer 2016.

Dann hei am Gemengenhaus, do hu mir de Reamenagement vum Secrétariat technique, dat waren 13 500 Euro den Devis an 11 296, 35 Euro d'Depense.

Da war et fir de Fuerpark en Trakter fir d'Espace-verten, do war den Devis 30 000 Euro an d'Depense war 27 500,63.

Eng Camionnettë och fir d'Espace-verten, dat ware 35 000 Euro am Devis an d'Depense war 29 260 Euro.

Dann nach eng Camionnette fir 40 000 Euro Devis an d'Depense war 39 891,15 Euro.

Dann eng Voiture de service fir d'Agent-municipaux, den Devis war 15 000 Euro an d'Depense effective war 14 990 Euro, dat war 2017.

Voiture de service Gaz & Eau, 15 000 Euro den Devis an d'Depense 14 959,99 Euro, dat war 2017.

Da eng Voiture de service fir d'Kanalisation., do war den Devis 15 000 Euro, an d'Depense 14 959, 99 Euro dat war och 2017.

En Elektroauto, do war den Devis 30 000 Euro an d'Depense effective 29 899,83 Euro, och am Joer 2017.

Da fir eis Schlässerei/Schräinerei eng Camionnette, do war den Devis 35 000 Euro an d'Depense 34 280,01 Euro, och 2017.

Dann den Informatik-Réseau vun der Gemeng hei, do hu mir d'lescht Joer missen e Backup-System installéieren, do hate mir och en zousätzleche Kredit hei, dat war en Devis vu 55 000 Euro an d'Depense war 53 780,82 Euro, dat war fir eis ganz informatesch Systemer ze killen.

Da war eng Partizipatioun un der Remise en état vun der Fassad bei de Grénge Scouten, den Devis, also e Subside



exceptionnel, deem hei gestëmmt gouf, war 7 265 Euro an d'Depense war 7 265 Euro.

Da war effektiv wéi d'Erdbeerwe war a Mëttelitalien, do hate mir hei e Rekonstruktiounsprojet ronderëm eng Schoul, do hate mir e Subsid gi vun 10 000 Euro un d'Asbl an d'Depense effective ass och 10 000 Euro.

Dann hate mir Verkéiersmanagement de System "Call / SMS to Park – OP'n'GO", dat ware 15 000 Euro den Devis an 14 042, 29 Euro d'Depense.

Dat sinn 22 Dekonten déi de Gemengerot virleien huet. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt kuerz eppes soen zum Equipement ludique op der Platz am Duerf. Éischtens ass et schuet, datt de Gemengerot net gefrot ginn ass ob mir dat dote géifen approuvéieren, d'Kritiken dobaussen si jo grouss. Dann zweetens ass eng Inkohärenz am Budget, am Budget stinn 106 121 Euro virgesinn an hei schreiwe mir elo vun 150 000 Euro, ech ka mech net erënneren, datt mir do eng Kéier eppes nogestëmmt haten an dat war eppes wat ee muss korrigéieren oder kucke firwat dat esou ass. 4 Stréch 621 22 1313. Do steet 106 121,85 Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass dat am Budget? Et ka sinn, datt dat iwwer 2 Budgetsartikele gelaf ass. Ech hunn de Budget elo net virun Aen, dat misst een dann nach eng Kéier nopréiwen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass en Devis vun 2015, do waren 200 000 Euro virgesinn, eng Ekonomie vu 50 000 Euro an du reporté 106 121,85 Euro an dat steet och tel quel hei dran an dat ass dann awer iergendwéi net kohärent.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech muss dat nokucken. Just fir nach ze soen, et kann een natierlech déi negativ Kritik eran bréngen, et sinn awer och vill Leit, déi et appreciéieren. Et kann een ëmmer soen ob d'Glas hallef voll oder hallef eidel ass, ech mengen och positiv Kritik, och déi gëtt et par rapport zum Equipement ludique. Les goûts et les couleurs... et ass wéi bei all Oeuvre d'art. Dëst gesot kënnen mir ofstëmmen. Mir kucken nach eemol par rapport zu deem Equipement ludique a ginn dem Gemengerot Informatiounen no, oder wëllt Dir en eraushuelen? Mir kënnen lech déi Informatioun awer och noreeche. Ok, dann huele mir deem eraus a stëmmen iwwer déi aner of. Ass de Gemengerot mat deenen Dekonten averstanen, ausser ronderëm den Equipement ludique? **Dat ass unanime.** Merci.

3.12. Uerdentlech Subsiden u Clibb an Associatiounen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da komme mir bei déi uerdentlech Subside fir d'Veräiner an Associatiounen an ech ginn do dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Dir sidd déi Prozedur mëttlerweil gewinnt, et ass erëm esou wäit, datt mir de Veräiner déi uerdentlech Subside verdeele kënnen. Dir gesitt, dat ass schéi propper ofgedeelt an Divers, Sports, Scoutissem, Sozial Edukatioun a Mémoire, Arts et Culture, Culture et Environnement an eben och Loisirs. Dëst Joer hu mir 57 325 Euro am Pott ze verdeele gehat. Mir erënneren nach eemol drun, datt dat no engem gewëssene Schlëssel verdeelt gëtt wou déi aktiv Memberen, déi Memberen ënner 18 Joer, d'Qualifikatiounen vun den Encadranten, wéi awer och d'Partizipatioun bei de Gemengenaktivitéiten zu där gewëssener Zomm bäidroen. Nach hu mir Verschiddenes plafonéiert. Et fënnt een dat och relativ séier erëm.

Sou kréien déi 3 Scoutsveräiner, onofhängeg dovun ob se elo 5 Membere méi oder manner hunn, en ähnleche Montant an esou ass et och bei eise Sportsveräiner, déi op 3 200 Euro plafonéiert sinn, fir datt do net en onnéidegt Konkurrenzdenken opkënnt well den een oder aneren en Trainer oder e Member méi huet. Et muss een och festhalen, datt Verschiddener net op de Lëschten optauchen, engersäits si se net méi täteg zu Diddeleng, anerersäits verzichten se fräiwëlleg op dese Subsid well se denken, datt se anerwäerts genuch supportéiert gi vun der Gemeng, mä ech mengen, de Subsid ass wéi Dir sécherlech wësst, nëmmen en Deel vun der Ënnerstëtzung, déi mir als Gemeng eise Veräiner ginn.

Niewent den Infrastrukturen ass de Logistik-Volet ganz wichteg wann et ëm d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner geet, nach ass dat eng Unerkennung fir déi gutt a wäertvoll Aarbecht, déi jiddereen a sengem Domaine a sengem Kader hei fir Diddeleng an déi Diddelenger Bierger mécht. Voilà, ech géif dann einfach elo mol lech d'Wuert ginn, wann do Bemerkungen, respektiv wa Froen sinn, an dat war meng Virstellung.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, no där ausgibeger Diskussioun vum leschte Joer iwwer d'Verdeeel vun de Subsiden do hat ech als Fazit erausgelies, engersäits datt de Schäfferot op senger Haltung beharrt, hir flexibel Handhabung vun engem Basisverdeelungsschlëssel wier gerecht a sämtlech Veräiner wieren zefridden, an anerersäits awer d'Oppositioun déi Meenung net deelt an ëmmer nach Schwierigkeeten huet fir eng gewësse Linn an eng



gewäss Transparenz an deem Ganzen ze fannen. Ech hat d'lescht Joer gefrot firwat d'Oppositioun kee kloeren Abléck an dem Schäfferot seng Rechnungen ka kréien, et gouf eis geäntwert et wier schlussendlech de Comptabilitétsservice, deen déi definitiv Rechnunge géif maachen. Well ech ëmmer méi den Androck kréien, datt den Exercice hei en Dialogue de sourds ass, wëll ech mech dëst Joer net méi verléieren an esou enger déifgräifender Analys vun den Zuele wéi ech se déi lescht Joere gemaach hunn. Wéi sot d'Hildegard Knief? "Der alte Wolf wird langsam grau". Allerdéngs bleift de Prinzip dee selwechten, och dëst Joer sinn d'Variatiounen ëmmer schwéier nozevollzéien, d'Absicht vun der Jugendënnerstëtzung dréckt heiansdo guer net duerch an et ass e permanenten Op-an-Of, dee wuel kaum just mat der Ännerung vun de Memberszuelen ze erklären ass. Ee Veräin ass bäikomm, an zwar beim Sport, dee kritt 655 Euro, da gëtt alt hei an do e bëssi ewechgeknabbert, do an hei e bëssi bäigegrimmelt, fir datt um Enn den Total vun all de Subsiden ëm 505 Euro eropgeet.

De Schäfferot huet jo déi siwe grouss Gruppen, déi den Här Spina elo genannt huet, vu Veräiner definéiert: Dee vum Sport kritt 3,55% dobäi a bei anere Gruppe gëtt et bis zu 10,6% manner. Am Grupp Sport gëtt et Variatiounen tëschent Minus 20% a Plus 20% am Verglach zum Virjoer, am Sozialen tëschent -10 an +10%, am Grupp Ëmwelt tëschent +19 a -20 % an am Grupp Loisirs tëschent +20% an -17%. Op mannst bleift et awer all Joer spannend. Mir bleiwen bei eiser Meenung, datt trotz engem intensiven Asaz vun dem Aarbechtsgrupp vun 2011 an 2013 de Schäfferot net konsequent ass an nach ëmmer keng kloer Linn verfollegt. Mir freeën eis mat de Veräiner, datt et eng Ënnerstëtzung vun der Gemeng gëtt, awer mir wäerten där spezieller Verdeelung net zoustëmmen.

Dann hätt ech eng Bemierkung zum Vote vum leschten Joer: D'Fröstellung, Här Buergermeeschter, war deemools: "Wien ass domat averstanen, datt d'Veräiner déi 56 220 Euro ausbezuelt kréien?" Ech fannen, déi Fröstellung war net ganz korrekt, natierlech ass jiddereen heibannen domat averstanen, datt déi Zomm ausbezuelt gëtt, dat ass keen Zwiwiel, mä d'Modalitéite vun der Verdeelung ass dat wat mir net stëmme wëllen, net den Total. Ech soen lech Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, beim Thema Subside fir d'Veräiner wäerte mir bei eiser Positioun vun deene leschte Joere bleiwen, nodeems mir vu Joer zu Joer no enger schrëftlecher Erklärung froe vun de Prinzipien, déi ugewannt gi fir d'Suen un d'Veräiner ze verdeelen. Och dëst Joer hu mir näischt esou virleien, mir kréien ëmmer déi grouss Linnen duergeluecht mä dat meescht bleift awer am Vagen.

Et ass eis och nach ëmmer en Rätsel, datt bei deenen enge Veräiner de Subsid mat der Memberszuel ännert a bei deenen aneren net. Dass bei deenen engen de Montant vu Joer zu Joer ännert a bei deenen aneren net. Och dëst Joer sinn ech net hannert Är Berechnungen an Ëmrechnunge par rapport zum leschte Joer komm an et ass schuet, datt Dir lech net wëllt déi Méi maachen, eis Äre berühmte Schlëssel zur Berechnung an aller Transparenz auszedeele. Dofir wëlle mir eis och kee Been ausrappen, mir enthalen eis esoulaang mir kee kloeren Abléck an déi komplizéiert Wëssenschaft vun der Berechnung kréien.

BOB CLAUDE (LSAP): Et ass elo fir déi fënnefte Kéier, datt mir hei iwwer d'Verdeelung vun den ordinaire Subside fir insgesamt 66 Veräiner mussen diskutéieren. Och dëst Joer hunn déi kritesch Stellungnahme vun den Oppositiousparteien net ofgehol. Dat verhënnert awer net, datt mir vun der Majoritéitspartei vollt Vertrauen an de Schäfferot an an déi Servicer hunn, déi déi Subsiden ausrechnen. Mir fannen dee Verdeelungsschlëssel mat de Kritären, déi virun 5 Joer vun der deemoleger Ad-Hoc-Kommissioun ausgeschafft gouf an haut esou gutt wéi méiglech ugewannt gëtt, transparent a gerecht. Mir stelle fest, datt elo och eng gewësse Bestännegkeet an déi Verdeelung mat drakomm ass, et si wéineg Verännerunge par rapport zu deene leschte Joeren an de Beträg ze verzechnen. Schlussendlech sinn déi Subsiden nëmmen op gutt lëtzebuergesch gesot e kleng Fouss an d'Këscht, also eng Motivatioun fir déi wichteg Aarbecht, déi d'Veräiner a verschidde Beräicher fir eis Stad leeschten. Vergiesse mir och net, datt all déi Veräiner op eis Gemeng fir infrastrukturell, materiell a logistesche Ënnerstëtzung kënnen zielen. Mir op eiser Säit wäerte jiddefalls der dote Subsideverdeelung zoustëmmen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, de Jean-Paul Gangler huet schonns vill gesot mä ech well och eng Kéier déi Saach bëssen anescht beliichten. Den 8. Dezember 2017 hu mir hei am Gemengerot friddlech a konstruktiv all zesumme partei-iwwergräifend d'Propos vum Schäfferot unanime ugehol fir der Attributioun vun den extraordinäre Subside fir d'Veräiner wann se en Anniversaire hunn, wann se Competitioune gewonnen, Champion ginn, fir dat ze regulariséieren. A bei der Diskussioun vun der Schäfferots-erklärung am November, do hat d'CSV och ervirgestrach, datt de Schäfferot wollt am Dialog mat all de Parteie schaffen, datt mir dat explizit begreissen, datt et heescht, datt och konstruktiv Propose vun den Oppositiousparteien a Consideratioun gezu ginn. Mä hei si mir um Buedem vun den Tatsaachen ukomm an déi gutt Virsätz vun 2017 an och déi gutt Virsätz vum 8. Dezember 2017



si verflunn an ech kann dem Här Bob Claude net Recht ginn, mir fannen net, datt dat eng Transparenz ass, mä et ass eng willkürlech intransparent Verdeelung mat Augmentatiounen a Reduktiounen vu Subside wéi all déi lescht Joeren a mir fannen et einfach schuet. Do gesäit een, datt och deen neie Schäfferot wéi den Här Buergermeeschter et jo och gesot hat, a wou mir och do gesinn hunn a wéi eng Richtung et geet, all Ouverture huet hir Grenzen.

Dofir si mir rosen an enttäuscht, datt den absolutistische Cours vun der LSAP vun der Allengherrschaft nees weider geet an dës Subsidenopdeelung stëmme mir net mat, et geet ëm d'Subsidenopdeelung, ëm d'Fixation des montants des subsides ordinaires, et geet net ëm déi Gesamtzomm, ech wëll dat betounen, datt dat eng Differenz ass, wéi een d'Fro formuleiert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Da kritt de Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, ech wëll do och reagieren, ech gesinn dat natierlech ganz anescht, well et anescht ass, ech deelen dat iwwerhaapt net wann een hei vu willkürlechem Verdeele schwätzt, au contraire, mir hunn eng Linn, eng kloer Transparenz, dat ass eng Basis déi ausgeschafft gouf vun deem Groupe an déi ass ëmmer nach gültig an déi gëtt hei ëmgesat zesumme mat eisem Service de comptabilité an ech muss och ganz kloer soen, mir sinn do praktesch op all Generalversammlung an do ass et en Thema, datt d'Veräiner eis Merci soe fir déi Ënnerstëtzung, déi si kréien, och fir de Subsid an do ass et net esou, datt déi mengen, si hätten deen een oder anere Montant méi oder manner verdéngt well och hei an deem Gremium vun de Leit, déi esou kritesch si wéi den Här Gangler zum Beispill.

Wat solle mir anescht oder besser maachen? All déi Joere sëtze mir hei a mir diskutieren a mir debattieren iwwer e Verdeelungsschlëssel, dee wesentlech méi kloer ass wéi en déi lescht Joer war, an ech soen elo, de Merci vun der Transparenz ass, datt en ëmmer erëm kritiséiert gëtt, ouni dass Verbesserungsvirschléi kommen, dat kann ech net deelen an d'Madamm Goergen sot, et sinn eng Rei vun Differenze par rapport zum leschte Joer an dat ass dann och un de Memberszuele geschéit, respektiv wann s de en Encadrant hues, dee vläit méi oder manner diploméiert ass wéi dat Joer virun an do kommen déi Ännerungen hir, et sinn e puer Aspekter, e puer Schrauwen, déi ze dréinen si fir datt dee Montant herno dobäi erauskënnt an deementspreechend si mir der Iwwerzeegung, datt dat doten e ganz gudder Verdeelungsschlëssel ass a bis op Weideres, wa keng besser a konkret Virschléi kommen, hale mir op deem dote fest. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina, da stellen ech nach eemol déi Fro wéi d'lescht Joer: **Wien ass domatt verstanen, datt de Montant vu 57 325 Euro un d'Veräiner ausbezuegt gëtt? Dat si Stëmme vun LSAP an Déi Lénk. Wien ass dogéint? Keen. Wien enthält sech? Déi Gréng, CSV an den ADR.**

Ech wollt awer nach d'Geleeënheet ergräife fir op d'Dekonten zeréckzekommen, well dat mech gewuermt huet a mir sinn awer richtig, ech géif dann awer den Dekont ofstëmme well wann een den Dekont hält, dann ass effektiv dat wat virgesi war, 150 000 Euro an am Joer 2016 ass eng Depense getäteg gi vun 43 878,15 Euro, dat mécht also 106 121,85 Euro, déi iwwereg bleiwen, also huet een hei 103 792 Euro, déi als Depense getäteg goufen, sou datt déi effektiv Depense 147 076,58 Euro ass, par rapport zu deenen 150 000 Euro. Dat heescht, hei am Dekont ass engersäits dat wat de Projet ass, an dat wat am Joer war, also net déi 2 Montanten als Additioun gesi mä am Fong als Substraktioun, sou wéi bei deenen aneren Dekonten och. Dofir géif ech deen awer ofstëmme well en an der Opstellung richtig ass.

Wien ass mat deem Dekont averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV an ADR. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Déi Lénk.

3.13. Ausseruerdentlech Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir zeréck op d'Subsiden, dës Kéier op d'Subside-extraordinaires, do hu mir 100 Euro fir d'Ille aux clowns, 100 Euro fir SOS Détresse, 750 Euro fir d'Sécurité Routière, 150 Euro fir d'Association des victimes de la route an dat wat de Contrôle eis geschriwwen hat, also 25 000 Euro fir Diddeleng Hëllef. Ass de Gemengerot domat averstanen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, grad zum Punkt vun Diddeleng Hëllef déi 25 000 Euro kréien, natierlech maachen déi Leit eng luewenswäert Aarbecht an ech war an der Generalversammlung an 2018 huet Diddeleng Hëllef 53 000 Euro verdeelt an dovunner 25 000 Euro vum Subsid vun der Gemeng, dat heescht bal d'Halschent vun de Suen, déi si weiderverdeelen, komme vun der Gemeng. Ech hunn do just eng Fro, et ass esou, datt leider net all Demande, déi un Diddeleng Hëllef geet, Ënnerstëtzung kritt, ech hat emol drop higewisen, Catch a Smile, eng Associatioun där mir och hei eng Plattform ginn an der Gemeng an där mir hei konnten eng Ausstellung maachen an deenen hir Demande fir e Subside extraordinaire an de Schaffen- a Gemengerot déi war refuséiert ginn, dunn huet et geheescht, si sollen sech



Covenant of Mayors
for Climate & Energy



un Diddeleng Hëllef wennen, an do kruten si eng negativ Äntwert. Dofir ass meng Fro, wa mir awer bal d'Halschent vun der Subventioun ginn, déi Diddeleng Hëllef herno ausdeelt, hu mir do och eng Handhab als Schaffen- a Gemengerot fir ze soen, hei lauschter, dat do wier zum Beispill eng Associatioun, mir hunn deenen eng Plattform ginn, et si verschidde Veräiner vun Diddeleng, déi déi ënnerstëtzen, kommt mir ginn deenen och eppes, well am Endeffekt kruten se guer näischt an do wollt ech awer nohaken ob, wa mir d'Halschent vun deene Suen, déi verdeelt ginn, och ginn als Gemeng, ob mir do och eng Méiglechkeet hu fir do e bëssen en Afloss ze hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dofir, ech fannen dat immens geféierlech well dat géif heeschen, datt mir mat der selwechter Präntioun bei aner ASBLen déi matspillen, op eemol matschwätze wéi déi solle funktionéieren. Hei ass eng ASBL, oder eng Fondatioun, déi e Verwaltungsrot huet an och autonom funktionéiert a wou och d'Suerg ass, datt déi weider kann autonom funktionéieren. Dat mengen ech par rapport zum Prinzip. Niewent dem Fait, datt Diddeleng Hëllef effektiv e Subsid vun der Gemeng kritt, ass natierlech och ugewisen un Done vu privaten Associatiounen, ASBLen oder private Persounen an Dir hutt jo gesinn a der Generalversammlung, datt dat vu Joer zu Joer och kann änneren. Et wier net gutt wa mir dat géifen diktéieren, wéi eng Asbl hir Aarbecht soll maachne. Wat awer Catch a Smile ugeet, dat muss een och an d'richtegt Liicht setzen, et gouf gesot, datt een hinnen kann hëllef, dat bréngt awer d'Virraussetzung, datt si och wa mir en Appel à projets maachen, dat eraschécken.

Während dem Joer an dat wësst Dir Madamm Kayser, an dat ass de Prozedere vun Diddeleng Hëllef säit Ufank un, datt mir ëmmer am Hiercht en Appel à projets maachen. Während dem Joer ënnerstëtze mir jo keng ASBL an och net eng ONG. Mir maachen ëmmer am Hiercht, ausganks November en Appel à projets, wou sech ONGe mellen, wou Associatiounen sech mellen an dorops hi gëtt dat un Hand vun deenen Demanden, déi era kommen an de Kritären, déi mir hunn an déi Diddeleng sech gëtt, gëtt eng Selektioun gemaach. Wann näischt erakënnt, kënnen mir och näischt subventionéieren. Wann eppes erakënnt, kënnen mir eis positiv oder negativ dozou prononcéieren, wéi mir dat ëmmer maachen, wa mir keng Demande kréien, da kënnen mir näischt maachen. Den Appel à projets fënnt een um Internetsite oder op Facebook oder am Cercle vun den ONGen, dat gëtt ëmmer ganz breet gestreet, dat ass ëmmer déi nammlecht Period, d'Associatiounen hunn dann ëmmer Zäit bis Mëtt Februar fir sech ze mellen an duerno gëtt d'Selektioun gemaach a wa Catch a smile eis domat befaasst da gëtt dat och traitéiert..

Dann komme mir zum Vote, wien ass mat deene Subside-extraordinairen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

4. ADHESIOUN ZU DER KONVENTIOUN VUN DE BUEGERMEESCHTERE FIR KLIMA AN ENERGIE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'Gemeng Diddeleng ass do Member ginn, an do ware jo och schonns eng ganz Rei Diskussiounen och an der Ëmweltkommissioun an och den Ëmweltschaffen René Manderscheid wäert herno am Detail dorop agoen, ech wollt just soen awer als generell Introduktioun, datt dat heiten e ganz interessante Mouvement ass, den 2008 an Europa gegrënnt gouf mat den Objektiver, de Klimaschutz an d'Energieressourcen an Europa ze verbesseren, respektiv Mesuren ëmsetzen an et sinn aktuell iwwer 7 000 Kollektivitéite Member vum Convent of Mayors, entretemps gutt 53 Länner an ongeféier 253 Milliounen Leit, déi vun deem europäesche Mouvement concernéiert sinn.

Et ass dee gréisste Mouvement vu Stied punkto Klimaschutz, deem mir hei als Stad Diddeleng bäitrieden, wësend, datt mir am Moment just eng Gemeng hunn, déi Member ass an dat ass Bierkerech an si waren déi éischt Gemeng, déi deem Mouvement bäigetruede sinn, mat enger ganzer Rei Zieler, déi mir eis hei ginn, wa mer dat heite maachen, wou mir och en Aktiounsplang mussen ëmsetzen innerhalb vun 2 Joer, wou mir eis och en Zil sette fir 2030 fir eng Reduktioun vu 40% op enger ganzer Rei Aspekter ze maachen. An als lokal Autoritéit, als Gemeng, si mir jo punkto Klimapakt en essentiellen Acteur.

Am Februar hu mir d'Adhesioun gemaach fir dëse Mouvement an haut gëllt et de Gemengerot ze froen ob en dat guttheescht fir datt mir déi Objektiver kënnen ëmsetzen, déi mir eis ginn, op déi mir ganz gezielt wëllen hischaffen am Kader vun der Transition énergétique an et geet hei och drëm, eng nohalteg Zukunft ze plangen, um lokale Plang awer och doriwwer eraus regional wéi och national, sou wéi dat och schonn am Klimapakt virgesinn ass, mä hei awer wéi gesot mir an eisen Engagementen e Schratt méi wäit ginn. Wéi mir dat ëmsetzen, mat wéi engen Outilen a mat wéi enge Moossnamen, do wäert de René Manderscheid eis nach soen, wéi mir dat hei ëmsetze kënnen.



RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci Här Buergermeeschter, sou am Detail wäert ech awer net drop agoen, dat geet e bëssi ze wäit, vu datt mir e groussen Ordre du jour hunn, beschränken ech mech drop, e puer Saache fir ervirzehiewen. Et ass wéi gesot am Virfeld vun der Konferenz un där Diddeleng vum 28. Februar bis den 2. Mäerz deelgeholl huet, huet de Convent of Mayors déi präsent waren opgefuerdert, sech dëser Initiativ unzeschleissen. No Préiwe vun deenen Engagementer duerch verschidde vun eise Servicer ass dunn decidéiert ginn, datt Diddeleng sech där Initiativ vun deene engagéierten europäesche Buergermeeschteren, déi bereet si fir sech mat der Klimapolitik méi intensiv a méi wäitsichteg ze beschäftegen, unzeschleissen. Zu Lëtzebuerg hunn sech bis elo 4 Gemengen där Initiativ ugeschloss, et ass dat wéi schonns gesot d'Gemeng Bierkereich, mir sinn awer elo déi eenzeg déi validéiert ginn ass, den Naturpark Our ass nach an der Prozedur an d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Réimech si fir de Moment suspendéiert ginn, well se hiren Engagementer net an där gesatener Zäitruum nokomm sinn. D'Haptzil ass eng 40%- Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen bis 2030 an der Gemeng. Dat ass en ambitiéist Zil, wat een nëmme mat vill Engagement vun de Gemengeservicer an de Bierger kann erfëllen. Duerch den Engagement vun der Stad Diddeleng am Klimaschutz zanter méi wéi 20 Joer an duerch de Prozess vum Klimapakt si mir an der Zweschenzäit esou gutt opgestallt an och sensibel fir dës Thematik, datt mir dat Zil an déi domat verbonnenen Engagementer wäerten erreechen.

Konkret heescht dat, datt wann de Gemengerot haut e positive Beschluss hëlt fir dem Konvent bäizetrieden, datt mir als Gemeng dann 2 Joer Zäit hu fir en Aktiounsplang auszuschaffe fir all déi Haaptziler ze erreechen. Den Aktiounsplang muss da vum Konvent validéiert ginn an uschleissend ëmgesat ginn. Dat ass keng eemoleg Ugeleeënheet, déi riskéiert zu engem Pabeiertiger ze gi well d'Gemeng muss sech dann an deem kommende Joerzénge dann all 2 Joer engem Audit ënnerzéie fir ze préiwen ob d'Moossnahmen aus dem Aktiounsplang och ëmgesat gi sinn. Wéi soll deen Aktiounsplang ausgesinn? Mir haten als LSAP d'Opstellung vun esou engem Ëmwelt-Masterplang an eisem Walprogramm a mir hunn an der Schäfferotsklärung dee fir dës Legislatioun iwwerholl. Et ass och esou, datt de Service Ecologique an den Bureau EKOS, déi eis am Klimapakt begleeten, zesummen en Konzept ausgeschafft, wat e bësse méi wäit geet wéi en rengen Ëmwelt-Masterplang, dofir hu mir dat dann och den Nohaltegkeets-Masterplang genannt. Dëse Plang ass an 6 Beräicher agegedeelt a bitt eng Grondlag fir ënnert anerem als Aktiounsplang genotzt ze ginn. Dat Konzept vum Nohaltegkeets-Masterplang hu mir de 6. Juni an der

Ëmweltkommissioun virgestallt an si hunn dat och alleguert positiv envisagéiert. Den Schäfferot huet eng interne Zilsetzung fir den Nohaltegkeets-Masterplang definéiert. An deenen nächsten 2 Joer gëtt an Zesummenaarbecht mat den responsablen a concernéierte Servicer dat ausgeschafft. Ënnert wéi enge konkrete Moossnamen dat kann ausgeschafft ginn a wéi eng fir eis Gemeng ëmsetzbar sinn. Wei gesot, dëst soll d'Grondlag si vum Aktiounsplang vum Convent of Mayors sinn. Ech mengen, eis Virgoensweis ass an dësem Engagement gutt, datt mir hat da sollen als Gemengerot deenen zoustëmmen, dorëms géif ech lech haut bieden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid fir déi doten Detailer, déi net onwichtig si wat dat heiten ugeet an d'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, den Här Manderscheid huet dat ganz explizit bruet, ech wollt op e puer Saachen agoen, mä ech kann do kuerz doduerchgoen. Et kann een nach eng Kéier soen, déi 4 Etappen do, dat ass d'Opstellung vum Bilan vum Ist-Zoustand, da kënnt d'Opstellung vum Aktiounsplang iwwer déi nächst 2 Joer, de regelméissegem Austausch mat anere Partneren an da schliesslech d'Opstellung vum Rapport. Et gëtt eis och matgedeelt, datt, wann een déi Konventioun bis ënnerschriwwen huet, da muss een och regelméisseg Efforten a Rapporte bréngen fir net ze riskéieren erëm ausgeschloss ze ginn, wéi et geheescht huet, datt et der Gemeng Lëtzebuerg gaangen ass, déi jo eemol e grénge Schäfferot hat, an der Gemeng Réimech, déi emol e grénge Buergermeeschter hat. Et heescht also elo d'Äerm eropstréppen an d'Problemer bedingungslos upaken, zesumme mat de Gemengeservicer an de Bierger.

Déi nächst Etapp - an dat ass och schonns gesot ginn: esou war et eis och scho virgestallt ginn an der Ëmwelt- an Energiekommissioun - dat ass deen Nohaltegkeets-Masterplang vum Schäfferot. Et gouf eis och verséichert, datt dat heiten alles kengesweeegs eng Konkurrenz zu eisen Ustrengungen am Klimapakt duerstellt mä vill méi eng Ergänzung, déi eis och am Klimapakt virubréngt. Et ass en Engagement wat eis net direkt e finanzielle Virdeel bréngt, wéi et de Klimapakt awer mécht, mä et ass eng respektabel Initiativ an e staarkt Zeechen an eisen Ustrengunge fir Klima an Energie, déi eis Gemeng schonn zanter Jorzéngten hëlt.

Et geet hei dorëms, an dat hu mer och eraushéieren, eisem Här Buergermeeschter de Réck ze stäipen, dee jo deemools op Wien geflunn ass fir an eisem Numm ze ënnerschreiwen, a mir solle dann elo hei déi Konventioun approvüieren. Abee, dat heiten ass alles fir d'CSV



selbstverständlech, datt mir déi Konventioun matdroen, sou wéi mer bis elo all d'Efforten um Plang vum Energie-spueren a Klimaschutz matgedroen hunn. Mir stëmmen deem Convent of Mayors for Climate and Energy also zou.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Entschëllegt, ech muss e bësse méi wäit aushuelen, méi universell fir herno op de Buedem vun der kommunaler Realitéit ze kommen. Den Nohaltegkeets-Masterplang fir Diddeleng baséiert jo engersäits op enger Verpflichtung, déi aus der Adhesioun zum Netzwierk Convent of Mayors eraus zwéngend gëtt, an ergëtt sech aus diverse kommunale Walprogrammer, ënner anerem deem vun Déi Gréng Diddeleng, wou all déi Saache schonns drastoungen, mä deen ass fir dës Schäfferot, à moins datt ech mech ieren, net esou bindend wéi d'Konventioun vun de Buergermeeschteren. Op den éischte Bléck erschéngene esouwuel d'Initiativ Convent of Mayors, déi hei am Land vum verstuerwene Buergermeeschter vun Bierkereich a spéidere Staatssekretär Camille Girard geboostet ginn ass, wéi och déi doraus resultéierend Bestandsopnam mat enger Esquiss vu Strategie duerno méi wéi sënnvoll. Dofir brauch een déi Fro no eiser Ënnerstëtzung vun där Initiativ a priori net ze stellen. Erlaab mir trotzdem, e puer zweet an drëtt Blécker op déi Initiativ ze wäerfen. Dat net fir dee souwisou homopatheschen Undeel vun Decideuren ze demotivéieren déi sech mat Erausforderungen am Klima- an Biodiversitéitsschutz theoretesch ausernee gesat hunn an à plus forte raison sech praktesch a besonnesch am Alldag dofir asetzen.

A mengem fréiere Liewen hunn ech als Lëtzebuurger Delegéierten un zwou UNO-Weltkonferenzen iwwer Ëmwelt an Entwécklung deelgeholl an zwar zu Rio 1992 an zu Johannesburg 2002. Ech war och bei der Grënnung vum Klimabündnis dobäi an ech hu schonn deemools fonnt, datt et interessant ass wann d'Basiszelle vun der Gesellschaft, nämlech d'Gemengen, an engem Dossier aktiv ginn, wou d'national Regierunge versoen an déi grouss Puissancen aus kuerzfristeg ekonomeschen Interessen sech géigesäiteg blockéieren. Besonnesch a Länner wou d'Regierunge kontraproduktiv a Saache Klima an Ëmweltschutz sinn oder esouguer den Ënnergang vun der Mënschheet duerch ekologeschen a soziale Backlash fanatesch als Endzil verfolge ze schéngen, ass de Widerstand op kommunalem Niveau oft nach den eenzege Stréihalle, wou sech engagéiert Bierger(innen) nach kënnen vrun der kollektiver Resignatioun retten.

Ech schwätzen natierlech net hei vu Lëtzebuerg mä vum Trump-l'oeil vun der amerikanescher Politik wou ee mëttlerweil schonn de Schwarzenegger als fortschrittlech emfënnt. Hei zu Land ass dat glécklecherweis net esou, den Asaz vun der Lëtzebuurger Regierung bei der Kopp 21 zu Paräis ass do signifikativ fir eng éischter obgeklärten

a proaktiv Attitude. Dofir ass fir eis d'Convention des Maires an hirem virgeschriwwene Masterplang e weidert Puzzlestéck am Kampf fir d'Zukunft vum Planéit. Wat mech allerdéngs lichter reservéiert mécht, ass einfach de Réckbléck op déi verschidde planetar Ofkommense säit de 70er Joeren, déi ech jo och suivéiert hunn, a wou ëmmer esou vun 40% Rieds gaangen ass, an déi oft idealistesche Ziler an de Raum gehäit hunn, déi sech no engem oder zwee Jorzéngten als waarm Loft entpoppt hunn. Ech erënnere mech och nach un déi quantitativ a qualitativ Ziler a Grenzwärter a Saache Klima, Biodiversitéit an demokratesch Partizipatioun aus de Konferenze vu Rio a Johannesburg, vun deene kaum eent konnt agehale gi mä éischter dramatesch op d'Säit gedréckt goufen. Iwweregens gouf de Volet Participation publique schonns 1992 op de kommunalen Niveau erofdekliniert mä et huet missen e Klimabündnis vun enne gegrënnt ginn, éier sech do op deem héijen Niveau eppes gedoen huet. Iwwerhaupt huet ee bei esou Engagementen, Pakten oder Deklaratiounen den Androck, si géingen sech an engem enke Spagat tëschent éierlechem Engagement an zynischem Greenwashing bewegen.

Fir net selwer eppes mussen ze maache gëtt dann iergendeen nichtssagenden an nichtstuende Pakt ënnerschriwwen wéi mir et kierzlech hei mat deem Blindgänger-Pakt Antigaspillage ze dinn haten oder wéi dee bloe Kabes do geheescht huet a fir net selwer eppes mussen ze maachen, ginn dann oft extern Agencen, Bureauen a Beroder erbäigezunn, déi dann Joere laang Pabeiertigeren an hirem gëllen Käfeg zichten, déi da virun de Walen op der politescher Kiermes duerch Duerf gefouert ginn an da meeschtens an engem stëbsegen Tirang verschwanne bis den nächste Pakt, déi nächst Vëloswee-Etüd, deen nächste Masterplang erëm Stëbs opwierbelt.

Mir hoffen natierlech, datt et bei dësem Masterplang net esou geet a sinn emol a priori ganz positiv a proaktiv agestallt an zu all Schandtatt géint de Klimawandel bereet. Och wann et tëschent den Zeilen an esouguer an den Zeilen erausdrëpst, datt de Kampf géint de Klimawandel schonns als verluer konsidéiert gëtt, an ëmmer méi a Richtung vun Adaptatiounsstrategien un de Klimadesaster geet. Fir esou eng Skepsis ofzewäschen brauch ee bei sou Engagementen net nëmmen eng Deklaratioun an e Masterplang mä och konkret Ziler mat präzisen Eckwäerter, déi an engem definitiven Zäitraum mussen erreecht ginn. A mussen erreecht ginn heescht, objektiv Evaluatiounsmechanismen an, am Fall vum Verfeelen, Sanktiounen, déi wéi dinn, a Mesuren déi dann definitiv bindend sinn. Mir sinn hei eréischt um Ufank vun engem Prozess, deen initial am Cercle restreint vun den Insidere schéngt ze bleiwen esou leet op jiddwer Fall d'Zesummesetzung vun deene sechs Aarbechtsgruppen et no. Vu, datt et sech an



enger éischter Phase ëm eng Bestandsopnam handelt, kéint dat och aus Effizienzgrënn argumentéieren. Da kéint een natierlech suggeréieren, datt déi sechs Handlungsberäicher jo net nëmmen d'Ëmweltkommissioun betreffen, déi op Grond vun hirer Dimensioun sachlech an zäitlech iwwerfuert wäert sinn, wéi och schonns de Klimateam e Cercle confidentiel et gewisen huet.

Et ginn op mannst zwou aner Kommissiounen, déi an deem Dossier gefuert wieren, an zwar d'Amenagements- an d'Bautekommissioun, an natierlech och d'Verkéiserskommissioun. Ganz wichteg fir d'Erfolgsaussichten vum Masterplang ass natierlech déi fréizäiteg an departements-iwwergräifend Abannung vun de Gemengeservicer. Dat betrëfft och besonnesch den Handlungsberäich Intern Virgoensweis, well wann déi Ideeën an déi präzis Zilsetzungen net an de Käpp um Terrain ukommen, dann ass all gudde politesche Wëlle vu vieren zum Scheitern veruerteelt. Wann et da spéider ëm déi partizipativ Prozesser geet, wäert een dann och aner Forces vives musse mat an d'Boot huelen, zum Beispill d'Veräiner oder déi kleng a mëttelgrouss Betriber an natierlech och interesséiert Bierger a Biergerinnen. A firwat net an de Loch Ness fësche goen an de Monster Biergerforum erausangle fir dësem Zweck ze notzen. Op jiddwer Fall wäert et wesentlech sinn, datt d'Bevëlkerung insgesamt mä besonnesch déi engagéiert Bierger a Biergerinne dès le départ an d'Dynamik vum Masterplang agebonne musse gi fir, fir datt se spéider déi Mesuren, déi sech erginn, acceptéieren an esouguer aktiv matgestalten. Ech war och e bëssen irritéiert, datt eng Firma, déi selwer kéint Interessen hunn um weidere Prozess aktiv an domat ekonomesch bedeelegt ze bleiwen an also net a priori neutral ass, d'Zepter an d'Hand hält, amplaz datt sech de Schäfferot méi proaktiv engagéiert, mä dofir gëtt et sécher eng plausibel, technesch Erklärung.

Méi wichteg ass fir mech a ech kommen zum Schluss, fréi nom Helmut Kohl sengem Liiblingszitat: Wichteg ass wat ënnen oder hannen erauskënnt. An do wollt ech einfach emol dräi konkret Beispiller an de Raum setzen. Wann zum Beispill d'Bestandsopnam ausweise géng datt zu Beispill d'Biodiversitéit um Territoire vun der Gemeng staark ënner der Versigelung oder ënner dem Kräsi-Tsunami an de Virgäerteche leit, ginn da Mesuren ergraff fir dee Wahnsinn ze stoppen, respektiv réckgängig ze maachen, sief et duerch Reglementer, sief et duerch Incentives fir d'Bierger a Biergerinnen? Wann d'Bestandsopnam ausweise géng, datt duerch de Shared Space 1 an der Niddeschgaass, an de Shared Space 2 op Neischmelz mat hire jeeweilege Parkplazsich-Circuiten en Undeel vun CO2- an NOX-Emissiounen sech géng erhéijen amplaz datt en ëm 40% fält, géifen dann déi Shared Spacen zeréckgebaut gi fir de Vëlofuere a Foussgänger frësch Loft ze ginn?

Wann d'Bestandsopnam ausweise géng, datt d'Usidlung vun enger Firma, déi vill Waasser verbraucht, vill Verkéisers generéiert, an an engem aarme Land vun der EU 240 Aarbechtsplazen zerstéiert, net grad als Flakschëff vun nohalteger Entwécklung 4.0 kann dohier kommen, géif dann déi positiv produktivistesch Haltung vun der Gemeng revidéiert ginn an aner Creneau vun Economie circulaire favoriséiert ginn? Dat just als e puer Fragen eines lesenden Klimaarbeiters, déi net als Adhesioun zu dëser Initiativ an eis Partizipatioun um Masterplang a Fro stellen, mä genau esou wéineg eise gesonde Klima a Mënscheverstand soll ofschalten. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt am Fong op näischt méi agoen, ech wollt just soen dem Här Garcia seng Interventiounen sinn, wéi soll ech déi elo kommentéieren, deels fachlech sachlech korrekt, deels onqualifizéiert an net richtege, mä wéi gesot mir sinn hei am Ufank vun engem Prozess dofir géif ech dat elo alles emol esou am Raum stoe loosse a loosse mir ufänke mat schaffen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat dëser Adhesioun averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5. MUSEKSSCHOUL

5.1. Approbatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun vun der regionaler Museksschoul fir d'Schouljoer 2018-2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op d'Museksschoul, do begrëssen ech de Bob Morhard, den Direkter vun der regionaler Museksschoul an do geet et ëm d'Organisatioun provisoire an ëm d'Reglement.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo fir d'éischt emol Merci eisem Direkter, datt en sech Zäit geholl huet fir och hei hinner ze kommen, et ass haut bal op den Dag, datt mir en ernannt hunn, dofir Felicitatiounen. Ech presentéieren lech elo déi provisoiresch Schoulorganisatioun fir d'nächst Schouljoer sou wéi se den 28. Juni arrétéiert gouf an den 5. Juli an der Iwwerwaachungskommissioun ugeholl gouf. Wann ech soe presentéieren, dann ass dat e bëssi héich gegräff well eigentlech sinn déi Chifferen ëmmer nëmmen eng Momentopnam, dat heescht, déi kënne 5 Minutten nodeems se arrétéiert gi si schonns erëm anescht sinn. A bis zu der Rentrée wäerte sécherlech nach e



puer Schwankungen dra sinn. Nichtsdestotrotz si mir gehalten duerch d'Gesetz, déi provisoersch Schouluerdnung ze stëmmen, a wéi gesot, d'Betounung ass op provisoersch.

Ech ka mech also just op déi Chiffere baséieren, déi ech hunn, an ech maachen dofir och de Verglach op déi lescht provisoersch Schoulorganisatioun, net op déi definitiv. An och dee Verglach maachen ech kuerz well wéi gesot nach munches kann änneren. D'Unzuel vun de Schüler d'nächst Joer ass zolitt an d'Luucht gaangen, an zwar hate mer op den 28.6 waren 1 101 Aschreiwungen, am Juni dat Joer virdrun hate mir 966 Schüler ageschriwwen, wat eng Croissance vun 13,9% bedeit. Generell erklären sech des Zuelen duerch d'Attraktivitéit vun enger regionaler Struktur, der demografescher Entwécklung an awer och doduerch, datt mir eng verbessert an dynamesch Kommunikatioun a Visibilitéit no baussen hunn zanter deene leschte Joeren. Doduerch, datt an der Rentrée d'Gemeng Kayl-Téiteng zu eise Partnerschoule gehéieren, sinn och eng Partie Schüler bäikomm, mä dat ass awer wierklech e ganz iwwerschaubare Kader, dat si ronn 22 Schüler a mir hatten d'lescht Kéier, wéi mer de Baitrëtt gestëmmt hunn, gesot, datt mir scho 50 Schüler vun hinnen hei hatten, sou, datt dat dote wierklech un sech negligeabel ass, wa mer soen en Uwuesse vun 13,9%.

De Modell, deen Dir als provisoersch Organisatioun virleien hutt, deen am Dossier ass, ass eigentlech all Joer nämmelecht opgebaut, ausser, datt mir dëst Joer e Cours individuell opgezielt hu fir et e bësse méi détailléiert ze maachen. Et ass keng exakt Wëssenschaft an dat kann et zu dësem Zäitpunkt jo och net sinn, soss kéinte mer jo direkt déi definitiv Schoulorganisatioun stemmen, ech mengen dat gesot géif ech lech bieten dat ze stëmme well mir kënne ganz houfreg drop sinn, datt mir eng flott Museksschoul hunn, eng gutt besichte Museksschoul hunn, eng Museksschoul mat ganz grousser Qualitéit an eng Museksschoul, déi och vun eise Partnergemengen appréciéiert gëtt an ech menge wann zu de provisoersche Chifferen nach Froe sinn, dofir ass de Bob Morhard hei fir lech déi Informatiounen ze ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou? Wien ass da mat der provisoerscher Schoulorganisatioun averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

5.2. Approbatioun vun den Ännerunge vum Reglement iwwer d'Organisatioun an d'Gestioun vun der regionaler Museksschoul

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci an da fuere mir weider mam Enseignement musical, hei geet et ëm dat Reglement dat mer hunn, e Règlement interne, dat am Moment nach an der Museksschoul en vigueur ass, dat gouf de 14. Februar 2013 hei am Gemengerot gestëmmt.

Duerch d'Entwécklung vun der Museksschoul an eng aner Struktur an der Administratioun ass et awer noutwenneg ginn, datt mir dëse Reglementer der aktueller Situatioun upassen. Déi meescht Changementer sinn doduerch bedéngt, datt 2015 d'Poste vum Direkter a vum Directeur adjoint geschaf goufen. Bis zu deem Zäitpunkt hat d'Museksschoul e Chargé à la Direction sou, datt des Termen elo am Reglement hunn missen ugepasst ginn, deementspreechend sämtlech Artikelen, déi mat deene zwee Posten a Verbindung stinn, och d'Proposition vum der Iwwerwaachungskommissioun an Zesummenaarbecht mam Service de l'Egalité des chances ass an engems de gesamten Text dem Langage épique, wéi dat esou schéin technesch heescht, nämlech männlech a weiblech, ugepasst ginn. Dir hutt dësen Text och virleie gehat, wa Froe sinn ass och eisen Directeur hei hinner komm fir déi Erklärungen ze ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn eng Fro derzou, do steet vum Rekrutement, ech hat an der Zeitung gelies, datt mir verschidde Leit, Chargé-de-cours fir Formation musicale an esou weider sichen, do ass meng Fro: Muss de Gemengerot déi Création de poste och approuvéieren oder ass dat just an der Autonomie vun der Museksschoul? An dann ass just nach eng Fro: Wéi leeft dat wann elo ee gesicht gëtt fir Formation musicale oder Eveil musical, gëtt do och intern fir d'éischt gekuckt ob Disponibilitäten do sinn, ob déi intern Leit, déi schonn do sinn, nach Plagen hunn, déi fräi sinn, ginn déi Stonnen ëmmer prioritär mat deene Leit besat, déi schonns do sinn oder wéi eng Prozedur hutt Dir do? Dat ass nach eng Detailfro. Merci.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOUL): Also mir hunn e Concours de Recrutement, dee stabiliséiert ass, dat heescht et mécht een op där enger Säit en Examen fir d'Formation musicale oder de Solfège oder Eveil, op där anerer Säit, wann een e instrumentale Poste mécht, da muss een e Concours maachen, dat heescht en Entretien, datt ass eng Epreuve artistique, dat ass eng Epreuve pédagogique mat engem externen Jury. Wann een eng vun deenen Epreuves gemaach huet, da sinn natierlech déi



Enseignanten déi sur place sinn, prioritär. Wann een déi Epreuve fir d'Formatioun musicale gemaach huet an et mell't een sech op en instrumentale Poste, da muss een natierlech déi Epreuve maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Meng Fro war méi mat der Ausschreiwung, well do ginn elo hei Leit gesicht, dat ass jo eng Création de Poste, ass dat näischt wat dem Gemengerot ënnersteet? Oder sidd Dir do total autonom? Dat ass eng Fro.

BOB MORHARD (DIREKTER VUN DER REGIONALER MUSEKSSCHOU): Also, déi Plaze si jo am Fong kreéiert. Zum Beispill hu mir en Depart am Eveil musical eng Persoun, déi 14 Stonnen d'Woch Eveil gëtt, déi fortgeet, déi ersetze mir einfach, dat ass keng Création de poste. Am Piano ass et och esou, datt eng Persoun sech mell't op eng Plaz an der Stad, dat sinn alles Departen. Et ass keng Création de poste.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Wann et eng Kreatioun vun engem komplett neie Posten ass, vu datt d'Museksschoul zu der Gemeng gehéiert, muss de Gemengerot dat approuvéieren, mä wann hei een ersat gëtt, dann net. Sinn nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Wien ass mat deem Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

6. APPROBATION VUN DEN ÄNNERUNGEN AN DER ZESUMMENSETZUNG VUN DEENEN EENZELNE KOMMUNALE BERODUNGSKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir weider goen op d'Ännerungen an der Zesummesetzung vun eise kommunale Berodungskommissionen. An der Ëmweltkommissioun, Natur an Ëmwelt, do ass et esou, den Här Charlie Conrady ersetzt den Här Marc Stocklausen an am Groupe d'Experts Urbanisme muss frësch gestëmmt gi well nach déi al Kompositioun do war, an doranner sinn: Dan Biancalana, Cathy Mambourg, Eva Gottschalk, Christoph Da Silva Carreira, Paul Christophory, Marco Bidaine a Chantal Zeyen. Dat zu der Kompositioun vun deenen zwou Kommissionen. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

7. AUTORISATION FIR DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT FIR AN ENGER AFFAIRE IWWER URBANISTESCH REGLEMENTATION VIRU GERIICHT ZE GOEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da bleiwe mir beim Urbanismus an do froe mir de Gemengerot op en eis gréng Luucht gëtt fir eng Autorisation well mir hei mat enger Situatioun konfrontéiert sinn, e bësse wéi déi leschten Kéier, wou mir eng Rei Faite constatéiert hunn, vis-à-vis vum Här Aires Gonçalves Monteiro, wou mir och eng Plainte gemaach hu beim Procureur d'État, dat heescht beim Parquet Lëtzebuerg an der Stad, wou mir d'Faite retracéieren, datt mir constatéiert hunn, nämlech datt e säit Dezember 2015 eng Annex hannert dem Haus op 179, rue des Fleurs, wou d'Demolitioun gemeet ginn ass, eng nei Annex gebaut huet, an datt verschidde Gaardenhaiser gebaut goufen, an Äerdaarbechten op dem Nopeschterrain, deen der Gesellschaft Arcelor-Mittal gehéiert gemaach goufen, fir déi déi néideg Autorisatiounen feelen. Doropshi gouf et en Austausch vu Courrieren, datt en sech soll konforméieren par rapport zu deenen dräi Saachen, dat war am Dezember 2015, mir hunn him dunn e bëssi Zäit gelooss an eng Visite gemaach am Abrëll 2016 an do hu mir nach eemol constatéiert, datt en net konform wier.

Direkt duerno hu mir e Courier gemaach, dorops hin huet den Här sech gemellt well mir him en Delai dragesat hu bis den 1. August wou e soll déi Aarbechten konforméieren, en huet en Délai supplémentaire gefrot, dee mir och approuvéiert hunn, well en eng Rei Argumenter virbruecht huet fir dat ze maachen, an den Delai ass du kuerz verlängert ginn an dorops hin hu mir no enger Visite de Constat gemaach, datt trotz den Delaien, déi mir him ginn hunn, hie sech net dru gehalen huet, an dat war am Fong am Mäerz 2018 an dunn hu mir knapps e Mount duerno eng Plainte gemaach direkt beim Parquet, a wéi Dir och am Courier gesitt, hu mir och eng Äntwert kritt vum Parquet, datt en d'Affaire klasséiert. Déi Äntwert ass den 3. Mee komm, datt de Parquet d'Affaire klasséiert an et net fir opportun eruecht fir déi Affaire ze poursuivéieren, mä datt mir awer d'Méiglechkeet hunn, trotz dem Parquet sengem Classement sans suites, datt mir natierlech kënnen hei iwwer eng Plainte avec Constitution de partie civile, respektiv eng Citation directe maache virun der Chambre correctionnelle an ech mengen no Ofsprooch mat eise Hausaffekot wéilte mir an déi dote Richtung goen.



Dofir komme mir an de Gemengerot fir eng Autorisation d'ester en justice ze kréien, well och wann d'Affaire klasséiert gouf sans suites, d'Faite sinn nach ëmmer etabléiert, déi sinn nach ëmmer do an Dir gesitt unhand vum Dossier, wéi déi Situatioun ass. Dir hutt déi Plainte, déi mir beim Parquet gemaach hunn, a mir géifen dann de Gemengerot bidden, Gréng Luucht ze kréie fir déi weider Demarchen kënnen ze maachen. Wat dobäi eraus kënnt, dat wësse mir net mä fir eis Citation directe kënnen hei ze exzerzieren als Gemeng Diddeleng. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, genau wéi déi leschte Kéier an där leschter Affaire, gëtt d'CSV och hir Ënnerstëtzung fir dës Prozedur weiderzedreiwen. Dir sidd eis awer nach e puer Äntwerte schëlleg op Froen, déi mir déi leschte Kéier gestallt hunn D'Madamm Andrich hat nach gefrot gehat wéivill Fäll vun Netanhale vu Baugenehmegungen sinn de Gemengeservicer gemellt ginn, zum Beispill an deene leschten 2 Joer a wéivill hänken der nach an der Prozedur? Dir hutt elo grad gesot gehat hei war eng Geschicht, datt Leit e Recours ageschéckt hunn an et ass e Refus komm. Wéivill hänken der nach an de Prozeduren? Wéivill där Demandé fir méi wäit ze goen, op wéivill musse mir eis do nach virbereeden?

An ech hat jo och gesot, datt et d'Leit dobaussen interesséiert, et ass jo och a leschter Instanz de Buergerméeschter kann eng Baugenehmegung ginn an och wann en negativen Avis vum Bautepolizist kënnt, a wann een net lege artis gebaut huet, an do war nach eemol meng Fro, ob och esou Legalisatiounen duerch lech geschwat gi sinn, oder ass dat éischter esou wéi et an de Schäfferéit virdrun de Fall war? Mir hoffe jo, datt et net esou ass, an d'Fro ass och: Wann Dir wierklech eemol eng Autorisation ginn hutt, déi elo net dem Bautereglement konform war, wéi eng Motivatioun hat Dir do? Oder wéi eng Ursaach hutt Dir de Servicer do ginn, well déi si jo och schlecht dru wann se eppes mellen an duerno gëtt et autoriséiert.

An ech hat och d'Fro gestallt ob et net méiglech wier, an der Bautekommissioun net nëmmen déi Projeten, déi diskutéiert ginn an negativ aviséiert ginn, mä och all déi aner Irregularitéiten an Inkompatibilitéite mam Bautereglement einfach kuerz virzestelle fir datt och d'Bautekommissioun Bescheid weess, well och eis Memberen an der Bautekommissioun ginn ëmmer mol erëm vun de Leit ugeschwat "Hei lauschter emol, deen huet ouni Reglement do gebaut" an esou weider, datt een awer weess, deen Dossier do ass refuséiert ginn an do ass d'Prozedur en cours de route. Ech denken, dat wier och am Zeeche vun der Transparenz ganz wichteg a mir begrëssen et hei explizit, datt mir mat Rigueur géint d'Leit virginn, déi sech net un d'Bautereglement halen.

D'Gesetz soll fir deen een sou sinn ewéi fir den aneren a mir begrëssen dat, datt Dir do e bësselche méi mat strammer Hand dogéint virgitt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madamm Kayser, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Bon, ech hoffen, datt de Gemengerot eis dann hei gréng Luucht gëtt, well mer effektiv méi hardi wëlle virgoen. Dofir soen ech hei nach eng Kéier dat selwecht wat ech lescht Kéier sot, Dir gesitt an dem heite Courier, quitte, datt ee sécherlech kann d'Delaie verkierzen, hu mir och ëmmer de Leit eng Méiglechkeet gi fir sech ze konforméieren éier een op d'Gericht geet. Et ass dat wat mir ëmmer proposéieren. Wann d'Leit ouni Autorisation gebaut hunn an et kann een d'Situatioun legaliséieren, dat kann een och nach ex post maachen, a wann dat net de Fall ass, oft an Situatioune wéi hei - hei war elo keen Affekot dobäi, mä wou och nach Affekoten sech dann aschalten, a wou natierlech d'Delaie nach méi gezu ginn, well dann och do nach no enger Taktik gehandhaabt gëtt. Wéivill Fäll kann ech lech elo net genau soen, ech kann lech awer gär eng Kéier ervirbréngen wéivill Plainté gemaach goufen an ob se aboutéiert sinn. Wann se aboutéieren, mengen ech, da poursuivéiert jo de Parquet, da gëtt dee jo aktiv, do brauche mir keng Autorisation d'ester en justice.

A wann effektiv de Parquet wéi hei e Classement sans suites mécht, da musse mir eng Autorisation d'ester en justice hei ufroen. Wéivill Fäll, wéivill Plainté mir gemaach hunn, kann ech lech gär soen, mir hunn awer sécherlech och Dossierer, esou wéi deen heiten, déi net confirméiert goufe mä wou mireben d'Leit drop opmierksam maachen, ouni ze wësse wéi d'Issue ass. Och där Dossiere ginn et, dat ka vum klengste Gaardenhaische goe bis op aner Konstruktiounen. Dat kann een awer gären an eng Bautekommissioun mat eranhuelen an do soen, bei wéi engen Dossiere mir eng Plainte gemaach hunn, well oft maache mir och Plainté beim Procureur wa mir hei Dossierer hunn an der Bautekommissioun, wou vläit och e Refus vun der Bautekommissioun kënnt, vun Dossiere geschwat gëtt, wou d'Leit dat och notifiéiert kréien a wou dann eng Reaktioun kënnt.

Par rapport zu dësen Dossiere wëlle mir gären aktiv ginn. Sidd Dir domat averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools an ech wäert lech um Courant halen, wéi et mat deem Dossier weidergeet.



8. PERSONALFROEN - KREATIOUN VUN ENGEM GEMENGEBEAMTE-POSTEN OP VOLLZÄIT AN DER TRAITEMENTSKATEGORIE A, GRUPP A2, WESSENSCHAFTLECH AN TECHNESCH ËNNERGRUPP (INGÉNIEUR-TECHNICIEN) FIR DE VERKÉIERSSERVICE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op den Dossier vum Personal, fir d'Kreatioun vun engem Service Circulation, de Poste vun engem Ingenieur Technicien avec Traitement A2 an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci, Dir wësst, datt d'Aarbecht wat de Verkéier, Mobilitéit, Mobilité douce an all d'Infrastrukturen, déi och dohannert stiechen an alleguerten d'Kontakter och mat de Concernéierten an dësem Domaine an d'Aarbecht selwer maache wat d'Projeten a Chantieren ubelaangt, datt déi net ofhëlt, ganz au contraire. Mir sinn awer technesch an eisem Service Circulation net gutt gestiwelt, mir hunn do just e ganz jonken technesche Beamten an zwar den Alex Lourenço, deen elo kierzlech säin definitiven Exame gepackt huet als Expéditionnaire technique an domat och hei vum Gemengerot eng definitiv Nominatioun krut. Mir hu fir de Rescht zwee administrativ Beamten, eemol d'Véronique Micelli, mat 75% schafft dat, déi meescht kennen et nach aus dem Service Santé a wat jo och berufflech aus deem Beräich kennt, an emol de Jeff Künzer als Redakter mat 100%.

Och wat den administrative Beräich ubelaangt, kann ech lech soen, datt d'Aarbecht net ofhëlt mat all deenen Demanden déi vun lénks a riets erakommen oder déi vun eis musse gemaach ginn, Leit déi Informatiounen wëllen, Leit déi Doléancen hunn an eis dofir schreiwen, telefonéieren oder Maile schécken, an déi hunn da mat hinnen zwee deen éischte Kontakt am Service. Dir wësst och, fir déi wou den Service besser kennen, datt ee vun de Beamte kuerz nodeems e bei eis war, schwéier krank gouf, en kouw dunn zeréck a war nach méi schwéier krank a war dunn ronn 5 Méint guer net do an kouw herno hallef Deeg zeréck, dat war awer eréischt am Mäerz-Abrëll dëst Joer a mir sinn alleguerte frou, datt et em besser geet an datt en erëm ka ganz Deeg bei eis sinn.

De Schäfferot ass awer op Avis vum Chef de Département a vum Chef de Département Adjoint, den Nico Krumowski an de Pascal Steichen zur Conclusioun komm, datt mir

eis wäerte mussen technesch verstärke fir och den Erausforderungen, déi dem Service gestallt ginn, elo an och verstärkt an Zukunft, wat Mobilitéit an awer och d'Mobilité douce ubelaangt, an Zukunft gerecht ze ginn, an dofir schloe mir lech haut fir, e Poste als Ingénieur technicien ze schafen an auszeschreiwen an ze hoffen, datt mir ganz séier déi passend Persoun fanne fir dëse Service kennen ze verstärken.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir sinn net immens amused heiriwwer well mir haten dat doten scho komme gesinn, mir haten déi Diskussiounen iwwer dëse Service scho méi oft hei, virun allem wéi deen een Ingenieursposten opgewäert ginn ass an zweetens wéi e Redakter agestellt ginn ass, hu mir gefrot - bräichte mir net och mol een um Terrain amplatz ëmmer déi administrativ Poste ze erhéijen - an elo ass dat komm wat mir scho virausgesinn hunn, elo setzen d'Leit an de Bureauen, also guer keng Kritik un déi Leit, déi sécherlech hir Aarbecht gutt maachen, mä mir hunn keen um Terrain, an dat ass nëmmen erëm e Beispill, datt Personalpolitik net seriö gemaach gëtt, an och net Necessitéite vun de Servicer op laang Sicht gekuckt gëtt. En plus fanne mir et elo komesch, datt dee Poste grad elo geschaf gëtt, mir sollten am September den Organigramm kréien, dann hätte mir eis kënnen alleguerten e bessert Bild maache vun der aktueller Situatioun vun all Service, well ech fannen, dat heiten ass e Service, sécher ass méi Aarbecht op d'Leit duerkomm mä mir hunn deemools gesot gehat, mir hunn keen deen op den Terrain geet, mir hunn just nach den Alex, deen dat mécht an déi aner setzen op hire Bureauen, sécher hunn déi méi wichteg Aarbechten, mä dat doten ass d'Kou vun hannen opsuedelt. Mir stëmmen dee Poste mat well en néideg ass, mir sinn awer net ganz frou vun där Aart a Weis wéi déi Poste vergi ginn.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci, ech mengen, ech muss do drop reagéiere well an der Lescht sinn ech mat deem Service do vill um Terrain gewiescht, ënnert anerem bei "De séchere Schoulwee" mat deene mer elo ganz ganz vill um Terrain waren. Et ass awer esou, datt alles wat mir um Terrain maachen herno muss administrativ ëmgemat ginn dofir sinn déi Poste all wichteg déi do sinn, an natierlech war et och elo laang néideg, datt mir duerch déi Erklärung vum Claudia, datt ee Beamte laang net konnt schaffen an ausgefall ass, vum Pit Demuth deemools ënnerstëtzt gi waren, deen do eng excellent Aarbecht gemaach huet, deen elo net méi do ass, dee mir och net méi kennen tel quel astellen, well et war jo schlussendlech en Ingénieur diplômé, dee mir vun enger Firma ausgeléint hunn an elo ass et um Punkt fir dat doten ze stëmmen.



Mir brauchen souwuel déi administrativ wéi och déi um Terrain, ech weess awer och, an dat ass keng Kritik mä eng Feststellung, datt mir, wa mir Ingenieuren astellen, dass dat guer net esou einfach ass fir der ze kréien, oft méllt guer keen sech oder déi déi sech mellen, sinn net dat wat mir eis virstellen oder dat wat mir sichen, dat hate mir och scho bei anere Poste mä mir mussen de Posten awer kreéieren a unfänken anzestelle fir datt mir genau dann déi Leit kréien, déi mir brauchen an déi mir och hoffen ze kréien. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Villäicht hat d'Circulatioun virun 20 oder 30 Joer an och d'Mobilitéit en anere Stelleväert, an dee Stelleväert, deen se haut huet, den heescht, datt mir dee Service musse verstärken, massiv verstärken, wann Dir gären all deenen Erausforderunge gerecht wëllt ginn. Andauernd kënnt hei iergendee mat iergend engem Projet oder iergend enger Doleance, an ech weess net wien déi Aarbecht soll maachen. Wa mir soen, mir hunn e Sekretariat wat virun 75% an esouguer ganz am Ufank nëmme 50% geschafft huet, dann hätt ech lech gären héiere wat Dir mir un de Kapp geworf hätt wou deen anere Posten, de Redakter, wéi deen esou laang krank war, an de Service wier net besat gewiescht. Da wiert Dir mat genau deenen selwechten Kritiken komm, déi Dir elo sot de Service wier iwwerbesat am administrative Beräich. Den Här Glesener ass drop agaange wat op déi Beamten duerkënnt, et geet net duer ze soe mir plangen e Wee, mir plangen eng Strooss, mir maachen e Chantier, do mussen Demanden u Ponts et Chaussées gemaach ginn, do muss nogehakt ginn, do muss mat der Police geschwat ginn, do gi Reuniounen gemaach, och mat eis als Schäfferot an an der Kommissioun, dat ass Aarbecht.

Dat ass net wéi wann een dat einfach emol aus dem Arm rëselt a mécht wéi wann iergendeen dat kéint maachen. Dofir hätte mir gären eng technesch Verstärkung, well den technesche Volet nach méi zougehooll huet wéi dat virun e puer Joer war, eist Sekretariat ass jo de Moment gutt gestiwwelt mat engem ganzen an engem 75%ege Posten, hoffe mir, datt dat esou bleift, mir gesinn an keen eran, eise Beamten ass erëm do en ass gesond, sou, datt mir hoffen, datt d'Sekretariat gutt gestiwwelt ass an an dem anere Beräich musse mir eis verstärke wa mir gären hätten, datt mir d'nächst Joer an déi Joeren drop aktiv kënnen um Terrain schaffen, an och Leit hunn déi kënnen an déi divers Chantiersreuniounen goe well mat engem Beamten, dee mir hunn, ass dat net méi méiglech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mat deem wat mir de Moie gesinn hunn, ganz am Ufank vum Gemengerot, gesäit ee wéi wichteg et ass, technesch sech gutt opzestellen a dat wat mir de Moie

gestëmmt hunn, dat generell Verkéiersreglement an och d'Taxëreglement, do brauch een eng gutt Opstellung. Ech wollt awer nach puer Stellungnahme par rapport zum Organigramm ginn, dee gëtt déi aktuell Situatioun ganz kloer erëm, an dat maache mir am Hierscht, dat soll net empëchéieren, datt een hei e Poste schaaft, datt een sech ka verstärken. Gëtt et soss nach weider Stellungnahmen? Wien ass mat der Kreatioun vun dësem Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

9. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir zum Punkt 9 iwwer, do ass eng Fro erakomm vum Martine Kohn iwwer d'Kulturhaapstad 2022 an déi aner vum Romaine Goergen an dem Robert Garcia iwwer de Maart. Op déi éischt Fro ginn ech an, an op déi zweet de Loris Spina.

D'Fro vum Martin Kohnen war folgend, effektiv war an de leschte Wochen Diskussiounen, déi ëffentlech ausgedroe goufen iwwer d'Kulturhaapstad 2022, et ass geschwat ginn iwwer Personal, respektiv Direktioun a Finanzéierung, déi effektiv seet, datt Diddeleng och engagéiert ass an dem dote Projet, an d'Fro ass ob ee kéint als Gemengerot weider Informatiounen kréien driwwer wou den Dossier 2022 drun ass? Steet d'Sad Diddeleng hannert deem ganzen Konzept an huet sech iergendeppes verännert hiischtlech vun eisem Engagement? Generell muss ee jo soen, datt am Fréijoer vun dësem Joer d'ASBL 2022 sech nei opgestallt huet, sech méi breet opgestallt huet, och méi resolut Leit aus Ministère mat bäigezu goufen, e Verrieder vum PROSUD dran ass, Verrieder vun der Uni, Verrieder aus der Zivilgesellschaft an aus dem Kulturberäich, e ganz wichtege Schratt, an et ass och deen dote Verwaltungsrot, deen an deene ganzen Diskussiounen wat d'Wierke vum Projet ugeet, och en Organigramm opgestallt huet an och dee validéiert huet, en fonction vun deem natierlech och elo Leit opgestallt ginn, wat och wichteg ass natierlech wann ee sech eng Struktur ginn, fir dee Projet ëmzesetzen an och do eng gewëssen Hierarchie huet.

De Verwaltungsrot a senger neier Opstellung huet sech och e Règlement d'ordre interne gi fir och kënnen selwer ze funktionéieren, fir seng Aarbecht ze strukturéieren, och dat war e ganz wichtege Aspekt, alleguerten déi Saachen déi ëmgesat goufen, an en huet jo och e Kader designed, wéi finanzielle Engagementen solle getäteg ginn, innerhalb vun der ASBL mat dem Budget dee mir kréien, notamment och de Budget vum Kulturminister.



Dat ass also engersäits d'Strukturatioun och ronderëm d'Asbl, déi am Fréijoer en neie Moment kannt huet. Effektiv ass et jo och esou, datt zwee Posten auslafe gelooss gi sinn a véier nei Posten ausgeschriwwen goufen. Dat ass dee vum Generaldirekter, dee vum Directeur artistique, dee vum Directeur financier an dee vum Assistent. E ass jo och esou, datt do bis Mëtt August d'Leit sech kennen drop mellen, an datt do herno Virstellungsgesprécher gemaach gi mat de Leit, déi sech gemellt hunn, eng Virselektiounen, an datt och de Verwaltungsrot dann d'Decisioun hëlt, wéi eng Leit agestellt ginn op déi Poste fir kënnen de Projet ëmzesetzen an dat wëlle mer spëtstens am Oktober 2018 och maachen, well hei gëtt et engersäits d'Wichtigkeet, dat Bid Book ëmzesetzen, dat awer nach ëmmer vum Contenu hier bindend ass tëschent der Asbl, dem Projet an der Europäescher Kommissioun, respektiv musse mir och nach déi Recommandatiounen, déi ausformuléiert goufen, och déi musse mir nach weider verschaffen.

Da musse mir awer och, wat op eis duerkënnt, dee ganze Volet ronderëm d'Finanzen, ëmzesetzen, och mam Bid Book, dat eent ass d'Bid Book schreiwen, formuléieren, wat jo och guttgeheescht gouf, dat anert ass eben et ëmsetzen, engersäits artistesch ëmsetzen awer och finanziell ëmsetzen. Do si mir an der Situatioun wou och d'Gemengen de Projet matdroen, well jo och e regen Austausch war tëschent de Gemengen, niewent der Informatiounsversammlung déi fir d'Schäfferéit an d'Gemengeréit organiséiert gouf viru gutt 2 Méint. An elo gëllt et, déi Projeten ëmzesetzen déi am Bid Book sinn, awer och Projeten, déi méi eng regional Connotatioun hunn, wou och d'Ausrichtung déi wäert sinn, datt se bis zu 50% mat finanziert ginn iwwer déi Asbl an iwwer dee Budget, dee mir kréien an datt all déi aner Projeten, déi eragereecht ginn, zu 100% kënnen validéiert ginn, mir also hei an engem Modus sinn, wou d'Gemenge kënnen decidéieren net matzemaachen.

Dat heescht, da kréien se och kee Subventionnement vu 50% par rapport zum Projet, oder ebe matzemaachen iwwer déi Projeten, déi erakomm sinn am Bid Book, an doduerch zu 50% mat subventionéiert ginn, also hei e Modell festgehalen gouf, awer och de Gemengen eng flott Marschrout gëtt fir sech un deem Projet ze bedeelegen an och ze kucken, wéi wäit se wëlle goe well déi Enveloppe wou d'Gemengen sech kënnen mat bedeelegen oder mat subventionéiert ginn an hire Projeten, dat ass eng Enveloppe vun 12,9 Milliounen Euro an 30,8 Milliounen Euro dee Montant ass, wou aner Projekte kënnen zur Geltung kommen, also och hei méi breet opgemaach gouf wat d'Finanzéierung vun de Projeten ugeet, wat och dem Projet en temps que tel zegutt kënnt, an dat bréngt mech zu der zweeter Fro.

D'Stad Diddeleng steet ganz kloer hannert deem Konzept well et eng eemoleg Chance ass a bleift fir d'Südregioun an Diddeleng. Et ass e wichteg kulturelle Projet, an ech wëll kloer soen, datt de Süden net un deem kulturelle Projet scheitert wäert, och wann et sécherlech Leit ginn, deenen dat sécherlech ganz genehm wier, mä op alle Fall ass dat heiten E Projet, dee mir wäerte kollektiv fir d'Regioun ëmsetzen an och als Stad Diddeleng wéi gesot huele mir eis Responsabilitéit fir mat all eise Partneren ze maachen. Huet sech eppes verännert par rapport zu eisen Engagementer? Neen. Am Bid Book stinn déi Projekte vun der Gemeng Diddeleng, zu deene sti mer och elo nach, do gëllt et déi ëmzesetzen, mir sinn als Stad Diddeleng iwwer de Vizepresidentposten direkt am Verwaltungsrot vertrauten, indirekt iwwer zwou Persounen si mir do - mir stoungen jo vun der éischter Stonn aus un hannert der Kulturhaapstad 2022 a säitdem huet sech näischt geännert.

Et sinn eng Rei Prozeduren, déi lafen an an den nächste Méint wäert vill Aarbecht op déi Leit an den Asblen duerkomme fir deen dote Projet ëmzesetzen, well dat Potential wat mir hei hunn a wat am Raum steet, soll genotzt ginn. Dat zu deen dräi Punkten aus der Fro vun der Madamm Kohn zu der Kulturhaapstad 2022. Also normalerweis kann nëmmen deen eng Verständnesfro stellen, deen d'Fro och gestallt krut.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah, ech hunn nämlech net verstane wat de regionale Projet ass, villäicht kanns de nofro wéi dat ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Regional Projeten, dat si Projeten, déi och am Bid Book stinn, wou am Fong zwou, dräi Gemengen dru bedeelegt sinn. Et gi jo Projeten, wou eng Gemeng ëmsetzt, et gi Projeten, déi zwee-dräi Gemengen ëmsetzen. Dat sinn déi regional Projeten.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Ech gräifen dann déi zweet Fro op, déi ass vun eiser Grénger Fraktioun komm a betrëfft eise Maart, an d'Fro war; Sait e puer Woche läit op engem Maartstand eng Petitioun aus, déi bei ville Leit Uklang fënnt an déi freet fir op deem Stand och dierfe Geméis aus eegener Produktioun ze verkafen. Ass dat wierklech esou, datt do op deem Stand, dee regionaalt Uebst verkeeft, kee Geméis dierf verkaf gi fir der Nopesch keng Konkurrenz ze maachen? Dat wier déi éischt Fro, an dann: Wéi regelt eis Maartveruerdnung de Verkaf vun Uebst a Geméis? Wier et net un der Zäit, des Maartveruerdnung de heitege Gegebenheeten unzepasse fir datt méiglechst vill regional Produiten kënnen ugebuede ginn.



Et ass effektiv esou, datt mir festgestallt hunn, datt dee Stand ëm deen et hei geet, Enn Juli 2017 Wueren, no-tamment Uebst, verkaf huet fir déi e keng Autorisatioun ugefrot hat an och ni kritt huet. Eis Leit, déi dann all Maart sur place sinn, hunn dat festgestallt an hunn en léif a verständnesvoll drop higewisen, datt en dofir eng Autorisatioun brauch an dat Spillchen ass eng Zäitchen hin an hiergaangen, en huet sech net un dat gehalten, wat en do gesot kritt huet, en ass au contraire relativ aggressiv ginn an huet gemengt, hie kéint op dem Maart maache wat e wéilt, well d'Clienten seng Wueren jo gären hätten an appreciieren.

Endlech, no villem hin an hier huet en sech dann am 1. Trimester bereet erkläert eng Demande schréftlech ze maachen a wéi dat bei all Demande ass, hu mir gekuckt wat gëtt et op dem Maart a wat ass elo hei zousätzlech Demande vun engem neie Stand oder engem Stand, dee scho present ass, an hei war et esou, datt mir der Meinung sinn, datt mir net zousätzlech op déi Wuer ugewise sinn, wat d'Attraktivitéit vum Maart ubelaangt, well wéi Dir wësst hu mir schonn e Uebst- a Geméisstand an zwee zousätzlech Bio-Stänn, déi Ähnlech ubidden, an esou grouss an iwwerschaubar wéi eise Maart ass, si mir der Meinung gewiescht, datt mir dem net sollten zoustëmmen. Deen Här huet sech awer net zefridde ginn, a probéiert awer nach, seng Wuer lass ze ginn, a stëppelt dann natierlech och all Kéiers, well en no beim Client ass, seng Clienten ob, datt et net an der Rei wier, awer ëmmer nëmme mat dem Deel vun Informatiounen, déi aus senger Vue berechtegt géifen sinn, datt en déi wéilt verkafen. E seet awer net, datt en sech net un d'Autorisatiounen hält, an da mécht hien d'Clienten, d'Bierger an d'Conseilléen ëmmere bësse rebellesch.

Et dierf een net vergiessen, datt den Här 2004 wéi en ugefaang huet, sech ëmfroen komm ass, ob e kéint e Stand heihinner kréien, do war deemools scho Rieds, datt mir genuch Uebst- a Geméishändler hätten, an dorops hin huet en seng Genehmigung esou verännert, datt e just Uebst, Geméis a Sonderkulturanbau géif ubidden fir kënnen effektiv op de Maart ze kommen, dat heescht hie wousst vun Ufank un, datt dat esou ass, an esou huet en dunn och déi d'Autorisatioun kritt. Dann huet en elo och déi Petitioun dohinner geluecht, ech hat mir erwaart oder erwünscht, datt hie vläit gesot hätt, ech wëll mol eng Kéier mat engem schwätzen, komm mir setzen eis zesummen an kucken ob mir do eng Léisung fannen, respektiv wéi kéint déi Léisung ausgesinn. Hien huet en anere Wee gewielt, en ass frech ginn an en stëppelt obwuel e genau fir dat 2004 ugefrot huet fir dat wat en do och verkeeft.

Déi nächst Fro ass ob een d'Maarte-Reglement, wat effektiv 20 Joer al ass, kéint iwwerdenken. Mir hu selwer als Service ugeduecht, datt mir dat iwwer de Summer maachen, well mir eng Rei vun Demanden haten, déi mir net richtig cadréiert kréien an do wëlle mir entgéint wierken, respektiv d'Reglement ass ganz vill wat d'Hygiène an den organisatoresche Volet an sou ubelaangt, grondsätzlech frees de eppes un, an dann kriss de Jo oder Neen gesot an du häls dech och drun.

Hien ass leider net den eenzegen, dat versteet ee jo och, déi Leit si jo och immens kreativ, dynamesch an Liewen dovunner, an do wëllen se souvill wéi méiglech verkafen, an awer ginn et einfach Reglementer, un déi een sech muss halen, soss hu mir e komplette Chaos um Maart an dat wëlle mir net. Momentan herrscht eng gutt Stëmmung do, mir hu vill Diversitéit a mir hunn och elo schonns ganz vill regional Produkter, déi ugebuede ginn. Et ass net esou, datt dat net de Fall ass, an esou wiere mir frou, wann sech och deen heiten einfach géif un d'Reglement halen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Voilà, Domat wiere mir elo zum Schluss ukomm vun eiser éffentlecher Sitzung a mir ginn iwwer an de Huis clos.

Ufank vum Huis clos.



Sammelaktioun

Decken & Hygiènesproduit'en

LA MAISON DES JEUNES FAIT APPEL À VOTRE GÉNÉROSITÉ !

Cette année nous collectons des couvertures et produits hygiéniques (déodorant, shampoing, savon, rasoir, mousse à raser...) au profit de «Stëmm vun der Strooss».

Apportez-les JUSQU'AU 9 NOVEMBRE 2018
à la Maison des Jeunes, 2 rue du Parc,
du mardi au vendredi de 14h à 19h.

DAS JUGENDHAUS APPELLIERT AN IHRE GROSSZÜGIGKEIT !

Dieses Jahr sammeln wir Decken und Hygieneartikel (Deo, Shampoo, Seife, Rasierer, Rasierschaum,...) zugunsten der „Stëmm vun der Strooss“.

Bringen Sie diese BIS ZUM 9. NOVEMBER 2018
ins Jugendhaus, 2 rue du Parc, dienstags bis
freitags von 14 bis 19 Uhr.



2 rue du Parc, L-3542 Dudelange
Tél. 5113 51 / jugendhaus@dudelange.lu
 [jhdiddeleng](https://www.facebook.com/jhdiddeleng)

